

Ordre du jour

5500 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2006 (suite)

(Discussion générale - suite)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Luc Frieden et Lucien Lux, Ministres.

(Début de la séance publique à 9.01 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dann huele mer Akt dovun.

Mir fueren da weider mat de Budgetsdebatten. Als éischte Riedner fir haut de Moien ass den honorabelen Här Gast Gibéryen age-schriwwen. Här Gibéryen!

5500 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2006 (suite)

Discussion générale (suite)

M. Gast Gibéryen (ADR).- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll extra deene Kollegeinnen a Kollege Merci soen, déi de Moie schonn esou mat Zäiten hei sinn...

Une voix.- Sou wéi Dir.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Merci. ...fir déi Debatt.

Une voix.- Mir wëllen lech net enttäuschen.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Dir wësst, datt et ëmmer schwéier ass ze schwätzen, wann de Sall eidel ass, an duerfir wirklech e Merci un déi, déi awer de Moie schonn esou fréi heihinner komm sinn, fir déi Debatt direkt mat ze animéieren.

Ech wëll virop, Här President, an eise Numm dem Kolleg Roger Negri Merci soen als Rapporteur fir dese Rapport, deen hie gemaach huet. Ech mengen et ass eng Fläissaarbecht, déi de Kolleg Negri gemaach huet, wou eng ganz Rei vun intelligenten Iwwerleeungen a Propositionen dra sinn, an et ass ëmsou méi eng Fläissaarbecht wann ee weess, datt dat en neien Deputéierten ass, deen nach net esou laang hei am Parlament ass. Fir dann awer esou e Rapport ze maachen, dat muss een, mengen ech, fairerweis dann awer ervirhiewen, datt mer dat apprécieieren, och – dat ass zwar och verständlech – wa mer mat de Konkusiounen net averstane sinn a wäerte géint de Budget stëmmen.

Duerfir hu mir och déi Praxis vun der CSV onfair fonnt, fir a leschter Minutt e Rapport nach wëllen ze amendéieren, e Rapport, an deem am Fong dat, wat an der CSV hirem Amendement stoung, schonn alles drastoung. Et war am Fong e bëssen onfair, datt de Koalitionspartner a leschter Minutt higeeet an dann de Rapport nach amendéiert. Ech ka mech net erënneren, datt an där laanger Geschicht vun der Chamber iergendwéi eng Kéier en anere Koalitionspartner dat mat engem Rapporteur gemaach huet, wéi dat dës Kéier d'CSV gemaach huet. Mä ech kommen nach dorobber zrëck, Här President.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass dës Kéier déi véierte Kéier hannereneen, datt eng Regierung der Chamber e Budget presentéiert, deen defizitär ass. Et ass fir d'véierte Kéier hannereneen, wou de Stat méi Geld ausgëtt wéi en an deem Joer verdéngt. Wann

d'Regierung an deene vergaangene Joren konnt defizitär Budgete presentéieren, déi dann awer konnten im Nachhinein opgoen, da war dat virun allem op dräi Punkten, dräi Reserven, dräi Mouken zrëckzeféieren:

Engersäits hate mer Fongen a Milliardenhéicht, mir haten, wat d'Steierverwaltung ubelaangt, Retarde bei den Ofrechnunge vun de Steiere vun de Betriber, a mir haten d'Avancé fir d'Betriber relativ niddreg gehalen. Dat waren also dräi Mouken, déi mer haten, dräi Reserven, déi eis och dee Spillraum ginn hunn, fir eben ze iwwerbrécken.

Nodeem datt den Abroch komm ass 2001, nodeem mer am Fong iwwer Jore gewinnt waren, héich Budgeten ze maachen, ganz héich Plus-valuen ze maachen an och héich Reserven haten, ass et normal, datt, wann et ee Joer zrëckgeet, eng Regierung net direkt reagiert an Austeritéit priedegt, mä datt se kann dovun ausgoen, datt dat eng Kuerzzäiterscheinung war an datt d'Ekonomie an d'Finanze vum Stat sech duerno géifen erëm erkréien.

Dat war awer dës Kéier net de Fall. Et ass net no engem Joer erëm ugezunn, et ass net no zwee, et ass net no dräi, et ass net no véier Joer ugezunn. An do ass am Fong dee Reproche, deen ee schonn där viregter Regierung muss maachen, datt si net schonn, wéi et no zwee Joer schonn net méi ugezunn ass, no zwee Joer ugefaangen huet ëmzedenken, ze reagéieren. Et hätt missen 2003 reagiert ginn, 2004, 2005 an och elo 2006. Et ass ni geschitt, an duerfir ass et dee gréisste Reproche, deen een der viregter Regierung, der CSV-DP-wéi awer och deser CSV-LSAP-Regierung mécht, datt se einfach net op déi Situatioun reagiert hunn.

Mir müssen nämlech wëssen, datt mer déi dräi Reserven, déi ech vir-drun opgezielt hunn, d'Fongen, d'Retarde bei den Dekonte respektiv d'Avancen, elo allen dräi opgeschafft hunn. D'Recettë bestinn elo nëmme méi aus deem Deel, dee mer wirklech an engem Joer erwirtschaften, a mir kënnen net méi op Reserven zrëckgräifen. Ech ernimmen hei d'Circulaire, déi den Innenminister, Här President, ëmmer un d'Gemege schéckt, wann d'Gemengen hir Budgete mussen opstellen, wou hien draschreift iwwert de Budget: «Les budgets doivent être présentés en équilibre réel.»

Dat heescht, de Stat schreift de Gemege vir, datt d'ordinär Budgete mussen opgoen. Si müssen am Equiliber sinn, wat och richtig ass, datt dat esou virgeschriwwé gëtt an datt sech och dorunner gehale gëtt. Mä et ass eng gelunge Prozedur wann e Stat de Gemege virschreift, si missten hire Budget an den Equiliber bréngen, soss géif en net vum Innenminister approuvéiert ginn, an déiselwecht Regierung leet dem Parlament awer e Budget vir, deen net am Equiliber ass, deen defizitär ass. Et ass also net a senger eegener Logik an et ass och net dat wat een ënner enger gudder Finanzgestioun versteet.

Ech hunn all Kéiers am Numm vum ADR hei souwuel bei de Budgetsdebatten, Här President, wéi och bei den Debatten zur Lag vun der Natioun op dës Evolutioun vun de Statsfinanzen higewisen, datt

d'Wourecht eréischt géif no de Chamberswahlen an no de Mengewahlen un d'Dageslicht kommen. Mir hunn ëmmer gesot, datt d'Kaz géif eréischt no de Mengengerotswahlen aus dem Sak gelooss ginn.

Mir hunn dat och gesot bei der Diskussioun iwwert d'Entwécklung vun de Fongen, ëmmer erëm dorop higewisen, datt 2006, 2007 spéitstens d'Reserven an de Fongen eidel wieren. Mir hunn dorop higewise bei deene Projekte mat Prunkbauten, de Pei-Musée an esou virun, wou mer gesot hunn, datt déi lescht Regierungen déi falsch Prioritéite gesat hunn an déi néideg Investitiounen, déi d'Land fir d'Zukunft brauch, net géife realiséieren, an datt dann eng Kéier den Zäitpunkt géif kommen, wou mer net méi déi finanziell Moyenen hätten, fir déi Investitiounen ze maachen, déi d'Land bluttnoutwendeg bräicht. Haut si mer an där Situatioun.

Déi Regierungen hunn net reagiert, d'Majoritéitsverrieder vun der Regierung vun der CSV-DP virun de Chamberswahlen a vun der CSV-LSAP elo virun de Mengengerotswahlen. Et ass eis dann ëmmer, wa mer op déi finanziell Entwécklung vum Stat higewisen hunn, Panikmache virgeworf ginn; d'CSV huet gesot, „de séchere Wee“, an d'LSAP, „mir paken et un“. Leider, géif ech soen, hu mir als ADR Recht kritt. Mir hätten dës Kéier léiwer gehat, déi aner Parteien hätte Recht kritt an d'Finanzsituatioun vum Land wär besser, mä si ass leider elo esou wéi mir se an deene leschte véier Joer hei ëmmer bei den Debatte vum Budget an zur Lag vun der Natioun virgeschéckt hunn.

Dräi Deeg no de Mengengerotswahlen, den 12. Oktober, huet den Här Statsminister hei bei senger Deklaratioun ugefaangen, d'Kaz esou lues aus dem Sak ze loosser. Niewent der Erhéijung um Stroumpräis, den Accisen um Diesel, méi héije Participatiounen bei de Krankeessen, hunn ech emol esou opgeschriwwen, wat vum 12. Oktober u bis haut déi eenzel Regierungsmemberen esou an d'Diskussioun geworf hunn, wat een alles kéint änneren, an ech sinn do op 22 Propositionen komm, déi vu Regierungsmembere gemaach si ginn.

Den Här Juncker huet den 12. Oktober ugefaangen. Hien huet gesot:

1. D'Sozialtransfertë vum Stat missten allgemeng gebremst ginn.
2. Déi automatesch Indexéierung vun de Sozialausgabe beim Stat misst iwwerduecht ginn.
3. Iwwer eng maximal Index-tranche misst nogeduecht ginn.
4. D'Chômageindemnisiatioun géif zur Diskussioun stoen.
5. E mindest Mindestloun kéint agefouert ginn.
6. Iwwer en Eropsetze vum Pensiounsalter vun 2012 u misst nogeduecht ginn.
7. Den öffentlechen Transport géif méi deier ginn.
8. D'Finanzéierung an d'Participatioun bei de Kannerbetreiuingsinfrastrukture misst ugepasst ginn.
9. D'Waasserpräisser missten ugepasst ginn.
10. D'Grundsteuer misst eropgesat ginn.
11. Automatesch Avancementer bei de Statsbeamtegehälter missten iwwerduecht ginn.
12. Iwwert d'Tâche bei den Enseignantë misst diskutéiert ginn.
13. D'Subventiounen un d'Gemege fir Kultur- a Sportinfrastrukture géife gestoppt ginn.

14. D'Subventiounen fir de Bau vu Kläranlage missten no ënne revidéiert ginn.

15. Et misst mat de Gemengen iwwert d'Finanzéierung vun de Gehälter vum Léierpersonal geschwat ginn.

16. Den Här Budgetsminister huet beim Dépôt gesot, d'Steiartabell gëtt eng weider Kéier net un d'Inflatioun ugepasst.

17. Deen Deel, deen de Stat bei de Gehälter vun de Beamte bei de Pensiounskeese bis elo bäigeluecht huet, misst an Zukunft vun de Pensiounskeesen aus dem Privatsektor selwer gedroe ginn.

18. De Gesondheitsminister, den Här Mars Di Bartolomeo, huet d'Mammerent zur Diskussioun gestallt.

19. De Mëttelstandsminister Fernand Boden huet méi niddreg Ufanksgehälter beim Stat ugekënnegt. Iwwregens am „Wort“ vum 9. Dezember stoung ënnert dem Artikel mam Titel „Kürzung der Einstiegsgehälter“ ze liesen: „...ließ Mittelstandsminister Fernand Boden die Katze aus dem Sack.“ Also wa mir gesot hunn, no de Wahle géif d'Kaz aus dem Sak gelooss ginn, dann ass gesot ginn, mä dat ass net wouer. D'„Wort“ schreift elo souguer selwer, d'Regierungsmembere géifen d'Kaz aus dem Sak loosser: „Die Gehälterstruktur beim Staat soll punktuell angepasst werden, sagte der CSV-Politiker, nach unten, versteht sich.“ Sou stoung et am „Wort“ vum 9. Dezember, do kann een dat liesen.

(Interruptions)

20. De Wirtschaftsminister Jeannot Krecké huet d'Finanzéierung vun eise Kyoto-Engagementer a Fro gestallt.

21. D'Regierung huet de Fräibetrug op Zënse bei Klengspuerer bei der Quellesteuer ofgeschafft an dunn erëm zum Deel agefouert.

22. Den Här Wolter huet gëschter d'Kannergeld an d'Diskussioun bruecht.

A fir deem Ganzen d'Kroun opzesetzen, huet d'CSV-Fraktioun du 5 vir 12 dem Budgetsrapporteur och nach en Amendement zum Budget ënnergejubelt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, deen Amendement zum Rapport, deen d'CSV-Fraktioun do mat vill Helau duergesat huet, soll d'Regierung invitéieren, e rigouréist Spueren anzeféieren. Et ass geschwat gi vun 150 Milliounen, et ass geschwat gi vun „de Budget an den Equiliber ze bréngen“ – da schwätze mer vun e puer honnert Milliounen – an datt am Budget d'Dépensen an den Aklang mam Wirtschaftswuesstem misste kommen, ouni awer ze soen, wou géif gespuert ginn, ouni awer konkret ze soen, wéi dat ze maache wier.

Den CSV-Fraktiounspräsident Michel Wolter huet d'lescht Woch op enger Table ronde op RTL-Tëlee gesot, hie wär frou, datt d'Leit elo endlech duerg hir Initiativ bekäppt hätten, wéi schlecht et ëm d'Finanzsituatioun hei am Land bestallt ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Culot muss een hunn, fir jorelaang de Leit hei ze priedegen, dank der CSV géif et gutt goen, fir virun de Chamberswahlen, virun de Mengengerotswahlen de Leit ëmmer ze soen, „de séchere Wee“, mir, d'CSV, mir hunn d'Finanzen am Grëff, et geschitt lech näischt, an dann no de Wahlen ze soen, dank eis hunn d'Leit elo emol endlech bekäppt, datt et dem Land hei schlecht geet!

Une voix.- Si hätten et virun dräi Joer scho gesinn.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Den Här Wolter, Här President, huet de 7. Dezember bei de Budgetsdebatten d'lescht Joer hei an der Chamber gesot: Mir hu fir déi nächst Joren, wann et dann noutwendeg wier, déi néideg Mëttele parat, fir eng concertéiert zukunftsorientéiert Politik ze maachen. Mä, wéi gesot, dat war d'lescht Joer am Dezember, dat war virun de Mengengerotswahlen. A souguer dës Joer nach den 12. Mee, dat war och virun de Mengengerotswahlen, stoung an engem Interview mam Här Wolter: „Das dicke Ende nach den Wahlen, das Kritiker damals an die Wand malten, ist nicht eingetreten.“

Dat heescht also, virun de Mengengerotswahlen ass et net agetratt, an elo, no de Mengengerotswahlen, ass et agetratt, an dank der CSV, déi bis den 9. Oktober d'Land an d'Leit ëmmer wësse gelooss huet, hei, soulaang wéi mir do sinn, mir hunn d'Saach fest am Grapp, et ass alles a Botter, ginn d'Leit elo no dem 9. Oktober dann emol wirklech gewuer, wéi schlecht datt et dem Land hei geet. Dem Här Wolter ass elo e regelrechte Sënnswandel agefall.

Jorelaang hunn d'CSV-Finanzspezialisten ëmmer gesot, si hätten alles am Grëff. De Rapporteur, den Här Negri, huet et am Fong an engem Interview am „Wort“ d'lescht Woch och op de Punkt bruecht, wéi hie gesot huet: „Für eine Partei, die seit Jahren das Finanzressort innehat, ist das schon ein merkwürdiges Verhalten.“ Wou hie Recht huet, huet hie Recht.

Wéi et gutt gaangen ass, du war dat exklusiv de Verdéngscht vun der CSV. A wa mir als ADR oder och aner Oppositionspolitiker op déi negativ Entwécklung higewisen hunn a gesot hunn, datt eréischt no de Wahlen d'Kaz aus dem Sak gelooss géif ginn an datt déckt Enn géif kommen, dann hu mer Panikmacherei an Demagogie a Gott weess wat net alles virgeworf kritt.

Här President, kënnt Dir lech erënnere, wat hei an der Vergaangeneheet dann all Kéiers d'Stëmmung am Sall war, wann ech dorop higewisen hunn, datt et no de Wahle géif schlecht goen? A fir e weidert Zitat vum Här Wolter sengem Virgänger an der Fonctioun als Fraktiounspräsident, deen den 9. Dezember hei an der Chamber gesot huet: „Mir mengen net – et ass dat wat eis hei ënnerstallt gëtt –, dass no de Wahlen dat déckt Enn kënnt. Mir mengen dat ganz sécher net, an d'Donnéeën, déi mer hunn, weisen et aus, dass dat fundamental net stëmmt. Mä wann een där Mee-nung wier, qu'om vienne ici,“ – stoung deen deemools hei ze soen – „an da soll en eis hei soen, wat en domat mengt a wat dann do géif op eis zoukommen. Op jidde Fall, mir soen lech hei, dat geschitt net.“

Wéi gesot, Här President, dat war dem Här Wolter säi Virgänger an der Fonctioun als Fraktiounspräsident, deen dat den 9. Dezember 2003 hei gesot huet. An dat wat hie gesot huet, wat mer hinnen da solle soen, wat géif kommen, Här President, dat ass genau dat, wat elo antrëtt, nämlech datt no de Wahlen d'Wourecht erauskënnt an datt dee séchere Wee, deen d'CSV de Wierler virun de Wahle versprach huet, sécher géif an d'Sakgaass goen. Dat hate se vergiess de Leit ze soen.

Keen aneren hat de Verdéngscht drun, weder d'Banken nach déi Leit, déi op de Banke schaffen, nach iergendwéi e Betrib am Privatsektor, nach iergendwéi een am Land, nach an der Politik, wéi d'Dëppen iwwergelaf ass. Dat war ëmmer nëmme der CSV hire Finanzspezialisten hiren exklusive Verdéngscht. An elo wou et op eemol méi schlecht geet, elo triede se schéi gemittlech an d'zweet Rei zrëck, an all déi aner däerfen elo

an d'éischt Rei erakommen a si däerfe Propositione maachen, a si ginn hei opgefuerdert, Propositionen ze maachen, wou een da kéint aspueren a wou ee kéint sozialen Ofbau bedreiwen.

Wa mer kucken, wat deen Amendement, deen d'CSV do an de Budgetsrapport erabruecht huet, dann nach bedeite kann: Am Prinzip ass et e Mësstraue vis-à-vis vun der Regierung. Et ass e Mësstraue vis-à-vis vum Finanzminister, dem Här Juncker, et ass e Mësstraue vis-à-vis vum Budgetsminister, dem Här Frieden. Well wann eng Fraktioun seet: Mir kënnen dee Budget do net esou akzeptéieren, mä dee muss emol an Aklang bruecht gi mam Koalitionsprogramm, dee muss emol an Aklang bruecht gi mam wirtschaftleche Wuesstem, do muss agespuert ginn, dann ass dat an alleréischter Stell e Mësstraue vis-à-vis vun hiren eegene Ministeren, e Mësstraue, wat mir kënnen zu honnert Prozent deelen, Här President.

Da kënn den Budgetsminister heihinner an hie seet eis dann, ma si géife rigouréis spueren, dee Budget wier mat alle klengen Detailer iwwerduecht an opgesat, do wier praktesch och nâischt méi ze spueren dran. Da stelle mer eis d'Fro, firwat datt dann awer hei d'CSV elo esou mécht, wéi wann duerch deen Amendement erëm alles a Botter wier.

Dann huet den Här Statsminister d'lescht Woch nom Regierungsrot um Pressebriefing gesot, hie bréicht sech vu kengem Lektoune erdeelen ze loossen. Mir wëssen, datt domadder den Här Wolter an d'CSV-Fraktioun gemengt ass. Mä, Här President, wann den Här Juncker sech emol vu senger eegener Partei keng Lektoune wëllt erdeele loossen, da wäert hie jo awer net kënnen bei eis kommen a mir sollen him da soen, wéi hien et soll maachen, fir ze spueren. Da wäert e jo och sécher keng Lektoune vun engem aneren akzeptéieren.

Wann den Här Juncker keng Lektoune wëllt erdeelt kréien, bon, da soll hien d'Responsabilitéit, hien an den Här Frieden, huelen, an da solle si dem Land hei konkret Propositione maachen, amplatz datt all...

(Interruption)

Neen, Dir hutt bis haut nach keng konkret gemaach. Ech hunn lech der 22 opgezielt. Et gëtt all Dag en anere Minister erausgeschéckt, deen eppes kann doruechter zielen,...

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Jo, da sot eis Är Meenung zu deenen 22 Propositionen!

M. Gast Gibéryen (ADR).- ...an dann den Dag drop demontiert deen anere Minister et erëm, da seet de Statsminister erëm...

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Sidd Dir mat deenen 22 Propositionen d'accord, jo oder neen? Dat ass deen Débat politique, dee mer brauchen!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här Frieden, Dir hutt mir net nogelauschert! Et ass jo nach net eriwier. Ech weess nach net ob mer den Owend net schonn op 23 oder 24 sinn, well et komme jo nach CSV-Politiker wahrscheinlech de Moien eraus.

(Interruption)

An all Kéiers wann elo an deene leschten Deeg een d'Wuert ergraff huet, ass erëm eng Proposition...

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Sidd Dir mat deenen d'accord oder net? Dat ass d'Fro!

M. Gast Gibéryen (ADR).- ...bäikomm, an dann huet den Dag drop deen anere Minister deem

enge Minister seng widderruff. De Statsminister huet gesot, ech muss awer elo emol mam Wirtschaftsminister schwätzen; et sinn Neutraliséierungen, mä si bréngen et emol an d'Gespréich, awer ouni konkret ze sinn.

Dir sidd do fir ze regéieren, Här Frieden! An esou wéi Der virun de Wahle gesot hutt,...

(Interruption)

...Dir wiert de Spezialist an de Finanzen, Dir géift d'Saach an d'Rei bréngen, Dir hutt de Leit de séchere Wee versprach,...

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Jo, jo.

M. Gast Gibéryen (ADR).- ...ma da kommt elo heihinner a sot: Mir proposéiere konkret dat doten an deem dote Punkt, a konkret dat doten an deem Punkt, an dann huele mir och Stellung dozou, an ech wäert och herno...

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Da sidd Der géint dat Ganzt, da sidd Der géint alles, dat wësse mer elo schonn.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Neen, neen, neen, Dir maacht lech et ze liicht. Dir géift hei gären deenen aneren Är Responsabilitéit zouschousteren.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Neen, neen, neen.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Dat gléckt lech net, dat gléckt lech bei kenger Partei hei. Dir sidd hei gefuerdert. Dir hutt de Leit de séchere Wee versprach an Dir musst de Leit och soe wou dee séchere Wee higeet. Esou wéi et elo ausgesäit geet dee riicht d'Baach erof. Mir wäerten dat nach gesinn, Här President, Dir Dammen an Dir Hären.

An dann, wann hei elo d'CSV higeet a si mécht deen Amendement a si seet, et misst rigouréis gespuert ginn an de Budget misst an Aklang mam wirtschaftleche Wuesstem bruecht ginn, Här President, ech hu mer dunn emol e Joer méi spéit hei virgestallt, wa mer d'nächst Joer hei sinn de Budget vun 2007 ze maachen a mer hunn dann d'Resultater vun 2006 do leien. An nu stellt lech emol vir, déi Regierung huet dee Budget, d'Dépenses, net an Aklang mam Wirtschaftswuesstem bruecht. Oder stellt lech emol nach Schlëmmeres vir, den Defizit wier nach méi grouss ginn, wéi en elo schonn hei am Budget ass.

Wat wieren dann d'Konsequenzen? Da misst op Grund vun dem Amendement vun der CSV-Fraktioun dës Regierung logescherweis demissionéieren. Well dann hu si jo net gefollegt. Mat deem Elan, mat deem Éclat, deen elo hei gemaach ginn ass, kann et dach net sinn, datt d'Regierung sech géif doriwwer ewechsetzen, da misst konsequenterweis hinnen d'Vertrauen entzu ginn.

An den Här Frieden huet mech elo grad hei ënnerbrach wéi ech gesot hunn, dass bei dëser Regierung am Fong ëmmer een nom aneren all Dag mat enger neier Hiobsbotschaft erauskënnt. D'„Tageblatt“, wat jo awer och eng Zeitung ass, déi dëser Regierung, géif ech mengen, no steet, huet et d'lescht Woch nom Pressebriefing op den Titel bruecht a geschriwwen: „Et brennt an allen Ecken.“

Här President, an elo sti mir eréischt um Ufank vun der Situatioun an et brennt elo schonn an allen Ecken an der Regierung hei, ech fäerte ganz mir mussen hëllefe se stäipen, well soss fonctionnéiert se net méi laang. Well wann et elo scho brennt an allen Ecken – an et geet eréischt un –, et ass jo nach nâischt geschitt.

(Interruptions)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dat heite soen, well

den Här Wolter och gëschter hei esou gemaach huet, wéi wann op der CSV-Bänk d'Wouerecht elo géif erkläert ginn. Déi aner Parteien – a mir speziell – hu während dräi, véier Joer dorop higewisen an et ass all Kéiers gesot ginn, et wier net wouer. An elo no de Gemeinderotswahle kënn d'CSV dohinner a seet et. An dat Schlëmmst ass, datt si elo op d'Kuerzzäitgediechnis vun de Leit gräift a mengt wa si elo géing esou en Éclat maachen, dann hätten d'Leit alles dat vu virun de Wahle vergiess an d'Leit géife mengen, si hätten dat och scho virun de Wahle gesot. Neen, si hunn et eréischt nom 9. Oktober ugefaangen ze soen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, verschidden Eckwäerter vum Budget weisen, datt d'Recettë 6,17% vis-à-vis vun 2005 an d'Luucht ginn, d'Dépenses ëm 8,85 – en Defizit vun 300 Milliounen. Mir huelen 2006 en Emprunt op vu 500 Milliounen, dat sinn 20 Milliarden aler Frang. Dovunner ginn 200 Milliounen direkt an d'Fongen. D'wirtschaftlech Situatioun ass am internationale Verglach mat 4% gutt, awer de Budget ass net am Aklang mam Wirtschaftswuesstem.

An den Här Juncker selwer huet den 3. Dezember 2003 hei bei de Budgetsdebatte gesot: „Och an deenen nächste Jore muss eise Budget sech un de mëttelfristege Wuesstem vun der Wirtschaft upassen. A wann déi méi lues wisst, da muss de Budget och méi lues wuessen.“ A genau datselwecht hu mer dëst Joer erëm eng Kéier héieren. Obscho mer also elo dräi Joer hannerneen e Budget hunn, dee sech net un de mëttelfristege Wuesstem vun der Ekonomie ugepasst huet, bréngt d'Regierung et fäerdeg a si kënn eis dëst Joer erëm genau datselwecht ziele wéi virun dräi Joer a presentéiert eis erëm genau wéi virdrun en defizitäre Budget.

D'Inflatioun ass zu Lëtzebuerg leider e Rekord, dat heescht 3% fir 2006, déi héchst Inflatioun an der Eurozon, wou d'Moyenne bei 2 bis 2,3% läit. Da ginn d'Pétrolspräisser ugefouert, déi wieren dorunner schold. Mä d'Pétrolspräisser sinn och an deenen anere Länner genau d'selwecht geklomme wéi hei zu Lëtzebuerg. An dee Plus, dee mir un Inflatioun hunn, dat ass eng hausgemaachten Inflatioun. A wann eng Rei vun deenen Iwwerleeungen – wann déi da sollte verwierklecht ginn, déi ech virdru genannt hunn, déi 22 – géifen ëmgesat ginn, hätten déi och erëm d'Beideutung, datt d'Inflatioun, duerch verschidde Moosnamen, déi hei vir ugekënnegt si ginn, och erëm géif hausgemaach an d'Luucht gedriwwen ginn.

Chômage. Zu Lëtzebuerg klëmmt de Chômage weider – lues op 14.000 zou. An deene meeschten aneren europäesche State geet de Chômage an deene leschte Méint a Joren erof. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg wuel 9.000 netto Aarbechtsplazen dëst Joer an eppes iwwer 7.000 d'lescht Joer geschaf. Dat heescht, datt eis national Ekonomiesituatioun fir d'Betriber trotzdeem gutt ass, fir eben Aarbechtsplazen ze schafen; de steierleche Revers dovun – do kommen ech herno drop ze schwätzen – wërft dat allerdéngs net of.

A mir mussen hei wëssen, datt mer also net de Problem hu vun Aarbechtsplaze schafen hei zu Lëtzebuerg. Well wa mer d'lescht Joer vun iwwer 7.000 an dëst Joer vun iwwer 9.000 netto Aarbechtsplaze schwätzen – well ech gi jo dovun aus, datt dat keng fiktiv Aarbechtsplaze sinn –, dann ass et sécher, datt bei deene 14.000, déi eng Aarbecht sichen, net jidderee kann déi Plazen do besetzen, déi ugebuede ginn. Mä et ass awer genau

sou richtege, datt e groussen Deel vun deene Leit do awer kéint eng Aarbechtsplaz fannen. An hei ass et och un der Regierung mat de Patronatsorganisationen a mat de Gewerkschaftsorganisationen doriwwer ze diskutéieren, a virun allem och d'Patronatsorganisatione virun hir national Responsabilitéit ze stellen.

Mir sinn dat Land, wat fir d'Betriber déi nidderegst Steieren huet, mir sinn dat Land, wat fir d'Betriber déi nidderegst Lounniewekäschten huet. Dann ass et och eng Responsabilitéit vun de Betriber, fir a priori déi Leit anzustellen, déi hei bei der Administration de l'Emploi gemellt sinn, well mir hunn alleguer en Intérêt drun, fir déi Leit op den Aarbechtsmaart ze kréien.

Well mir kennen d'Chifferen, déi am Budget stinn, wat de Chômage eis kascht, a mir wëssen, wann déi Leit eng sécher Aarbechtsplaz, e séchere Revenu kréien, dovunner profitéiert dann och eise Commerce. Mir hunn also alleguer en Intérêt drun.

An et muss een d'Betriber virun hir Responsabilitéit stellen, datt et net duergeet, datt een hei vum Standuert Lëtzebuerg, vun de fiskaleschen an Niewelounprodukter ka profitéieren, awer net seng Responsabilitéit vis-à-vis vum Land hält.

Selbstverständlech muss och d'Salariat ëmdenken an higoen a sech den neie Situatiounen stellen an en Ëmdenke vläicht vis-à-vis vun der Vergaangenheet mat sech bréngen.

Här President, e weidere Punkt, deen ech nach wëll uschneiden, sinn d'Fongen. Den Här Wolter huet gëschter hei gemengt missen ze soen, dass all Kéiers wann d'Gelder op Fonge placéiert gi wieren, heibannen d'Oppositionen sech doriwwer opgereegt hätt. Ech géif den Här Wolter invitéieren, vu datt jo alles, wat mer hei soen, niddergeschriwwen gëtt, hie soll eis emol eppes bréngen, wou ee vun den Oppositionspolitikern heibanne sech jeemools opgereegt huet, well mer Geld ze vill haten a mer et op Fonge placéiert hunn.

Et ass emol doriwwer diskutéiert ginn op wat fir ee Fong, datt si sollte goen, mä et war ni een dogéint, datt mer Reserven ugeluecht hunn an et huet och ni ee sech driwwer opgereegt, datt mer déi Fongen haten. All Mënsch heibannen huet ëmmer déi Politik ënnerstëtzt, datt an deenen Zäiten, wou d'Déppen iwwergelaf ass, ee sollt d'Geld sënnvoll op Fonge leeën. Et ass also och hei eng falsch Behauptung gemaach gi gëschter an duerfir wollt ech déi haut hei korrigéieren.

D'Fongen hu vun 2002 op 2005 ëm 33% ofgehall. D'Zréckgoe vun de Fongen erkläert sech, datt éischter manner Plus-Valuë gespeist si ginn; 2000 waren dat nach 760 Milliounen, déi mer konnten op Fongen iwwerweisen, 2003 sinn et der nach 79 an duerno ass et eriwier mat där schéiner Zäit.

Zweetens, sinn d'Projeten – grouss Projeten, déi hei gestëmmt gi sinn – an d'Exekutiounsphase komm, wat da bedeit, datt d'Fongen ofhuelen an duerfir wësse mir och, datt d'Fongen no 2007 eidel sinn.

Si wiere schonns no 2006 eidel, Här President, wa mer net 2005 an 2006 all Kéiers en Emprunt vun 200 Milliounen Euro opgehall hätten, deen direkt an d'Fonge gaangen ass – 100 an de Fonds des routes an 100 an de Fonds du rail.

Verschidde Fonge ginn awer schonn am Joer 2006 net nëmmen zu Enn, mä souguer an de Mali. Do muss ee sech och e puer Froe stellen: Wéi kann e Fong, wat e Reservafong ass, an de Mali goen? Am Fonds pour l'Emploi hu mer 32 Milliounen, wou de Fong an de Keller geet, déi budgetär, eisen Informatiounen no, net ofgedeckt sinn. Et ass iwwerhaupt formidabel, Här President, wann ee ka soen, mir

hunn e Fong fir de Chômage ze bezuelen an deen ass 32 Milliounen am Keller! Dat ass e staarkt Stéck!

An nach méi staark gëtt dat Stéck, Här President: Mir hu souguer hei zu Lëtzebuerg – an et gëtt warscheinlech kee Land op der ganzer Welt, wat sech dee Luxus ka leeschten, do sinn ech iwwerzeegt – e Fonds pour la Dette publique mat 79 Milliounen am Keller! Also, eis kann nâischt méi geschéien elo. Eis kann nâischt méi geschéien. Wa guer nâischt méi geet, wa mer d'Schold guer net méi zréckbezuelt kréien, da gi mer einfach an eise Fonds pour la Dette publique, well do hu mer och nach 79 Milliounen Schold dran, an dann ass de Problem geléist.

Also, dat ass awer formidabel, wann d'Joer erëm ass, si mer 79 Milliounen an deem Fong am Keller. Dat ass d'Garantie fir datt an Zukunft kënnen d'Scholde bezuelt ginn. Zesumme sinn dat 111 Milliounen, déi net budgetär ofgedeckt sinn!

Vum Speise vun de Fongen ass eis e Plan pluriannuel virgeluecht ginn. Mä et ass eis net gewise ginn, wéi déi Kreditter, déi an déi Fonge ginn, iwwert de Budget hierkommen. Mir hu gefrot, fir datt een eis sollt och e pluriannuell Plang iwwert d'Evolution vun den normale Recetten an Dépenses presentéieren; deen hu mer net kritt. Well dorausser hätt ee jo da gesinn, ob do Spillraum wier, fir déi Fongen esou ze speisen, wéi d'Regierung se an hirem Plan pluriannuel virgeluecht huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Statsschold mécht am Abléck 6% vum PIB aus. Den Defizit gëtt mat 1,8% fir d'Joer 2006 virausgesot. D'Banque Centrale setzt e méi héich an a schwätzt vun 2,3% fir 2006 an 2,5% fir 2007. Dësen Defizit géif, wa mer eleng den Zentralstat géife kucken, wäit iwwert deenen 3% leien, déi eis an de Stabilitéits-Maastricht-Kritäre virgeschriwwen sinn, mä nëmmen duerch d'Zesummeffonctionnéieren, well och do d'Situatioun vun de Gemengen, déi praktesch op null ass, sech ausgläicht, mat erageholl gëtt. Well d'Reserve vun der Sécurité sociale, virun allem vun de Pensionskeesen aus dem Privatssektor, mat an d'Berechnung erageholl ginn, si mer net iwwert déi 3%, mä komme mer op 1,8 bis 2% zréck.

Firwat datt grad den Zentralstat déi Situatioun mat sech bruecht huet, datt en esou staark defizitär ass, geet och aus dem Rapport vum Rapporteur ervir, wou d'Soldes budgétaires eng Evolution hunn, vun 2001 op 2004, wou Lëtzebuerg vun allen europäesche Staten déi negativst Entwécklung huet, an zwar ass Lëtzebuerg do mat engem Minus vu 7% opgefouert. Frankräich, minus 2%, Däitschland, minus 1%, Belsch, minus 0,7%, fir nëmmen eis dräi Nopeschlänner an de Verglach ze huelen.

Wann d'Regierung eis dann haut hei seet, si wier der Meenung, et géif 1,8% Defizit ginn, Här President, da géif ech heibanne jidderengem recommandéieren, déi Chiffere mat äusserster Virsicht ze genëssen. Well dës Regierung huet eis och beim Dépôt vum Budget 2006 am Oktober en Defizit fir 2004 – dat ass jo schonn e Joer hannerun eis – virgedroen, vun 0,6%. Dat war am Oktober, an ee Mount méi spéit, am November, wéi de Programme de stabilité no Bréissel gaangen ass, dunn ass aus deenen 0,6% op eemol 1,2% ginn. Si hu sech also bannent engem Mount verduebelt, d'Chifferen, déi vun darselwechter Regierung geliwwert si ginn.

Et ass eis do gesot ginn, datt wier drop zréckzeféieren, well verschidden Dépenses op en aneren Exercice gebucht gi wieren, vun der Sécurité sociale zum Beispill. Mä, wann déi op en aneren Exercice gebucht waren a si sinn elo op 2004 ëmgebucht ginn, an do-

duerch geet den Defizit 2004 vun 0,6 op 1,2% erop, dann hätt e logescherweis missen op deenen aneren Exercicen erofgoen, mä en ass och net do erofgaangen, en ass do stoe bliwwen. Duerfir, wéi gesot, soll ee sech ganz virsiichteg mat deene Chifferen do äusseren, déi mer hei vun der Regierung virgedroe kritt hunn.

D'Zentralbank seet eis, wa mer net géife Korrekturen an der Administration centrale virhuelen, da géif d'Statsschold bis d'Joer 2015 op 31% vum PIB eropgoen, bäi gläichem wirtschaftlechem Wuesstem vu 4%, bäi gläichen Zënse. Wa mer dat net realiséieren, da geet d'Schold op déi 31% erop.

Da gëtt eis gesot, an de Fonge géifen iwwer fënnef Joer eng Milliard Scholden opgehoen. Och Chifferen, déi mer soen, et soll ee se mat Virsiicht genéissen. Well mir sinn der Meenung, dass een net op fënnef Joer eng Milliard Fonge brauch. Ech kommen herno drop zrëck. Mir ginn dovun aus, dass vun 2007 un de Finanzéierungsbedarf am Statsbudget tëschent enger an annerhallwer Milliard Euro pro Joer wäert leien. Den Defizit vun der Administration centrale hunn ech lech elo erkläert.

Här President, d'Regierung huet, wéi gesot, elo am November de Programme de stabilité no Bréssel geschéckt an domadder festgeluecht, wéi se op déi negativ Tendenz, wéi d'Finanze sech hei am Land entwéckelen, wëllt reagéieren. A si féiert dann op, dass am Programme de stabilité zum Beispill d'Transferts sociaux en espèce, déi 2005 15,8% vum PIB uitgemaach hunn, 2006 15,6%, 2007 15,4% an 2008 15,2% géifen ausmaachen.

Dat heescht also, och wann de PIB klëmmt, weider wéi elo, an de Prozentsaz vis-à-vis vum PIB erfroget, da bedeit dat, dass et net nëmme kee Wuesstem méi an den Dépenses, wat d'Sozialpolitik ubelaangt, gëtt, mä dass d'Transferten an d'Sozialpolitik zrëckginn. Dat heescht – ech wëll dat just deene Kollegen hei vun der Majoritéit soen –, dass d'Regierung an hirem Programm, dee se op Bréssel geschéckt huet, schonn eng Senkung vun de sozialen Transferten an deenen nächste véier Joer decidéiert huet. Déi steet do dran! Déi steet do dran, soss kéinte se dat jo net maachen.

An: Net nëmme bei Sozialtransferen, och bei der Rémunération vun de Salarié vum der Fonctioun publique ass deen ugekënnegte Réckgang hei festgeschriwwen. Rémunération des salariés 2005 8,7%, 2006 8,6%, 2007 8,4% an 2008 8,2%. Dat heescht, dem Här Boden seng Deklaratioun, déi hie gemaach huet, ass heiranner berücksichtegt. An net nëmmen dem Här Boden seng Deklaratioun, och dem Här Juncker seng Deklaratioun. Ech wëll och hei, Här President, emol erméi e kleng Réckbléck maachen, wat d'Fonction publique ubelaangt.

Dir wësst, dass mer alleguer am Juli den Accord salarial gestëmmt hunn. An ech weess, dass mer deen an der Kommissioun vun der Fonctioun publique diskutéiert hunn. An ech weess, dass an der Kommissioun vun der Fonctioun publique eng eenzeg Suerg bestoung, an zwar well deen Accord salarial réckwierkend op den 1. Januar gaangen ass, also misst nobezuelt ginn. Déi eenzeg Suerg, déi an der Kommissioun war, dat war, dass am September misst nobezuelt ginn op den 1. Januar. Dass dat elo zoufälleg dräi Woche virun de Gemengerotswahle war, ech huelen un, dass dat einfach en Hasard war.

Mä et ass op jidde Fall drop gehale ginn, et misst ausgangs September nobezuelt ginn. Fir dass awer och all Fonctionnaire gesäit, wat de séchere Wee hei am Land bedeit, huet en dann eben nach 14 Deeg virun de Gemengerotswahlen nobezuelt kritt, fir dass se wierklech iwwerzeegt sinn, mat der CSV ass

de séchere Wee hei zu Lëtzebuerg garantéiert.

An dräi Deeg no de Gemengerotswahlen, den 12. Oktober, kënn dann de Premier heihinner a seet: Elo missten awer emol méi moderat Lounverhandlungen an der Fonctioun publique gemaach ginn, déi automatesch Avancementer, domadder misst et emol eriwuer sinn. Et misst iwwert d'Tache vun den Enseignanten nogeduecht ginn. Et misst iwwer eng maximal Indextranche nogeduecht ginn, wat virun allem fir d'Fonction publique ass. An den Här Boden seet, dass och nach d'Ufanksgelälter missten elo emol gekierzt ginn. Dass ass also vorher/nachher, virun de Wahlen an no de Wahlen.

Wann een dann hei kuckt, wat d'Regierung elo op Bréssel geschéckt huet, da gesäit een, dass dat och schonn do verankert ass an de Kritären, déi se op Bréssel geschéckt huet.

Eng aner Proposition, déi déi lescht Zäit hei an d'Diskussioun komm ass, dat ass, fir iwwer privat Partnerschaften Projeten ze finanzéieren, déi sou genannte Konzessions-Verträge. Bis elo hu mer Projekte finanziéiert iwwer Reserven, déi mer an de Fongen haten, iwwer Iwwerschëss aus de Budgeten, iwwer Emprunten oder iwwert d'Garantiegesetz, wat och am Prinzip en Emprunt ass.

Elo kënn déi heiten Iddi mat bäi, an et soll ee Projet iwwer e Lycée eventuell esou finanziéiert ginn. Et ass wuel keng Schold, wat mer dann hei als Stat ophuelen, mä dass gëtt awer e Loyer, e permanente Loyer, deen awer och wäert an Zukunft de Budget permanent belaschten. Mir kënnen wuel da soen, et ass keng Schold, mä et ass awer eng permanent Belaschtung, woubäi ee weess, dass eng Schold an der Regel no 20 Joer ophält, an dee Loyer hei och iwwer 20 Joer eraus geet.

Mer fale wahrscheinlech mat der Regelung net ënnert d'Stabilitétskritären. Dat ass och wahrscheinlech den Haapthannergrond, firwat dass mer op dee Wee ginn, well et dann nämlech net als Emprunt gesi gëtt.

De Kolleg Negri huet hei eng Iwwerleeung erabruucht, fir den Tram iwwert dëse Wee ze finanzéieren – ouni d'CFL. Dat wär e bësse wéi a Frankräich, wou d'Autobunnen och esou finanziéiert ginn, a wou d'Leit dann eben, wa se an de Péage fueren, de Finanzement esou maachen.

Mir wëssen awer, dass dat bei engem öffentliche Transport net méiglech ass. Am öffentlichen Transport misst – och wann dat iwwert dee Wee geet – de Stat selbstverständlech subventionéieren. Anerefalls kann ech mer net virstellen, dass ee bereet wier an den öffentlichen Transport esou eranzegeen. Mä et ass eng Iddi, déi hei opkomm ass an déi mer esou enregistrieren.

Mir schwätzen eis och net prinzipiell géint déi Léisung aus, well mer soen: D'Privatwirtschaft kann och do e Plus bréngen fir de Stat, och vläicht doduerch, dass et méi séier geet. Et kann och méi bëlleg ginn an domadder kann och de Loyer eventuell méi bëlleg ginn.

Mä mir müssen op de Wee, dee mer ginn, oppassen, fir dass mer do net grouss Gesellschaften kréien, an – deemno wéi dat gemaach gëtt – op eemol auslännesch Gesellschaften, déi vläicht eis mëttelstänneg Betriber als Sous-traitants huelen, an déi dann, wéi mer dat scho bei esou grousser Projekte gesinn hunn, déi Sous-traitanté bis op de leschte Frang ausquetschen, esou dass déi am Fong dann ouni Benefisser schaffen, an d'Entreprise générale stécht d'Benefisser an d'Täsch. Et muss een och kucken, wéi d'Qualitéit ass. Mä wéi gesot, mer sinn net prinzipiell dogéint, dass een an déi Richtung do emol iwwerleet.

Ech kommen dann op verschidden Artikelen, Här President, déi d'Steieren ubelaangen.

Zur TVA: Am Budget 2005 hate mer Recetté virgesi vun 1,6 Milliarden. Elo gi mer dovun aus, dass mer 1,15 Milliarden erakréien, also e Minus vu 430 Milliounen Euro oder 13 Milliarden aler Frang manner TVA erakréien, wéi mer virgesinn haten.

Mir wëssen, dass ee Betrib eleng 300 Milliounen TVA zrëckfreet. Dass sinn 12 Milliarden. Et ass also net de Bäcker douewen um Eck, deen déi 300 Milliounen zrëckgefrot huet. Ech hätt hei eng konkret Fro un den Här Budgetsminister, ob hien nämlech déi 300 Milliounen, déi deen ee Betrib huet, ob hien déi an de Chiffere vum Budget – ech ginn dovun aus, dass hie se op den Exercice 2005 oder 2004 gebucht huet –, mä ob déi 300 Milliounen an de Chiffere vum Budget berücksichtegt sinn, ob hien also déi 300 Milliounen am Budget, dee mer hei virleien hunn, berücksichtegt huet.

An der TVA hu mer e Phänomeen, Här President, nämlech dass 42% vun den Dossieren vun der TVA e Recht hunn op Remboursement. A mer hunn nach een anere Phänomeen, dat ass, dass mer méi wéi 50% vun där encaisséierter TVA erméi mussen remboursséieren. Et ass also u sech e verréckte System, wann een 100 Euro encaisséiert, an et bezilt een der erméi iwwer 50 zrëck. Dass Remboursséieren ass iwwer 50%. 2000 war dat een Drëttel. Mir gesinn also, dass déi Tendenz, dass méi muss remboursséiert ginn, klëmmt.

Mir wëssen och, dass op Grund vun engem Arrêt vun der Cour administrative d'Steierverwaltung elo Délaïé gesat kritt huet, duerch déi si muss remboursséieren, well soss de Stat Zënse muss bezuelen. Also müssen elo geschwënn am Enregistrement méi Leit op den Dossieren sëtzen, fir déi Dossieren auszurechnen, fir Remboursement ze maachen, wéi där, déi op Dossieren sëtzen, duerch déi Steieren an d'Verwaltung erakommen. An dat féiert dann elo schonn dozou, dass d'Verwaltung eis gesot huet, dass am Fong nëmme méi 5% vun den Dossieren kontrolléiert ginn.

E weidere Punkt, dee mer feststellen, dass ass dee grousser Verloscht, dee mer duerch d'Faillité kréien. Wa mer den Dossier kucken, deen eis vum Enregistrement virgeluecht ginn ass an deen ongeféier 15 Joer zrëckgeet, da gesi mer, dass am Enregistrement nach 1,1 Milliarden Euro TVA ausstinn. Dass si 44 Milliarden aler Frang TVA, déi nach ausstinn. A si soen eis dann, dass vun deem Montant der nach héchstens 439 Milliounen Euro, dass ass manner wéi d'Halschent, kéinten encaisséiert ginn, an déi aner géife praktesch alleguer verluer goen. Déi aner, dass si 660 Milliounen Euro oder 27 Milliarden aler Frang TVA, déi iwwert déi lescht 15 Joer verdeelt duerch Failliten net erakomm sinn.

Wa mer dann nach wëssen, dass mer bei de Faillité sinn, da wësse mer: Dass do sinn nëmmen Déchetten, déi mer hu bei der TVA. Da schwätze mer net vun Déchetten, déi mer hu bei den anere Steieren, a mer schwätzen net vun Déchetten, déi mer hu bei de Sozialversicherungen, wou dat och Risemontanté gëtt. Et gëtt vu 5% geschwat vun der ganzer Mass, déi iwwert de Wee vun de Failliten net remboursséiert ginn.

A wa mer herno, Här Minister, dorop ze schwätze kommen, wat ee maache kann, fir de Budget besser finanziell an Aklang ze kréien, dann ass dat net nëmmen op der Ausgabesäit, mä dann ass et och op der Recettésäit. Et ass virun allem op deem dote Punkt, dass déi heiteg Regierung an déi Regierung vir-

drun elo all déi Joren näischt gemaach hunn. Déi Chiffere klamme vu Joer zu Joer, an et ass d'Algemengheet, déi dofir muss opkommen.

Zur Kierperschaftssteier. D'Kierperschaftssteier war am Budget 2005 mat 1.125.000.000 ageschriwwen, an et kommen elo ongeféier 50 Milliounen Euro manner eran. Fir 2006 hu mer am Budget 1.250.000.000 ageschriwwen. An d'Steierverwaltung seet – dass ass am Rapport nozeliesen –, dass een dann awer muss wëssen, dass dann alles agezunn ass, déi ganz Retarden, alles ass dann agezunn. Dann ass wierklech alles erschöpft.

An et muss ee wëssen, dass d'Steierverwaltung eis gesot huet, dass ee kann dovun ausgoen, dass d'Betriber, wat d'Benefisser ubelaangt, haut ongeféier nach 70% vun deem Benefiss hunn, besteierbare Benefiss hunn, wéi et am Joer 2000 war. Esou dass d'Steierverwaltung eis gesot huet – an et schéngt mer enorm wichteg ze sinn, dass dat net vergiess gëtt –, dass ee kann domat rechnen, dass vun 2006 op 2007 d'Kierperschaftssteier ëm 300 Milliounen Euro zrëckgeet. Dass sinn 12 Milliarden aler Frang. Si fält vun 1.250.000.000 ënner eng Milliard vum Joer 2007 un. Si hunn eis gesot, si hätte souguer mat Experté geschwat, déi hätte gesot, se kéint souguer bis op 800 erfalle. Si hunn 950 geschat, well si géife mengen, dass d'Kierperschaftssteier sech géif apendelen. Trotz engem wirtschaftlechem Wuesstem vu 4%!

An dat ass dat, wat ech virdu gesot hunn: De wirtschaftleche Wuesstem ass net alles. De wirtschaftleche Wuesstem ass net alles! Wa mir och e wirtschaftleche Wuesstem hunn, deen iwwert der Moyenne vun deenen anere Länner läit, da gesi mer awer, dass d'Kierperschaftssteier trotz engem Wirtschaftswuesstem vu 4% massiv wäert zrëckgoen.

Wa mer da wëssen, dass 2007 d'Fongen eidel sinn, an dann esou eng grouss Steuer esou ee groussen Abroch huet, da wësse mer, wou mer dru sinn. Vun 1999 u bis haut ass d'Kierperschaftssteier schonn 30% zrëckgaangen. A wann ee weess, dass déi Steier, déi eng soen zu 50% – de Kolleg Bausch huet gescher zu 70% geschwat – vun der Bankeplaz kënn, dann heescht dat, dass mer e Sec-teur hunn, deen am Fong de Gros dovun duerstellt. An da gesäit een, wéi grouss dass d'Ofhängegkeet och vis-à-vis vun esou engem Sec-teur ass, an da muss mer wëssen, wéi fragile dass d'Finanzsituatioun hei am Land fir d'Zukunft opgebaut ass.

Well mer muss wëssen, dass vun alle Betriber, déi mer hei am Land hunn, vun iwwer 40.000, déi ënnert déi Steier falen, 4.000, dass heescht also 10%, nach Kierperschaftssteier bezuelen. 90% vun de Betriber bezuele keng Kierperschaftssteier méi.

Wann ee Kierperschaftssteier seet, dann ass een och direkt bei der Gewerbesteier, well d'Gewerbesteier un der Kierperschaftssteier drunhänkt. A wa mer wëssen, dass d'Kierperschaftssteier 30% vun 2006 op 2007 zrëckgeet – an ech gesinn de Frënd Jempi Klein, President vum Syvicol –, dann denke mer un d'Gemengen, wat dann 2007 mat de Gemenge geschitt, wann dann och den Impôt commercial ëm 30% vun engem Joer op dat anert zrëckgeet.

Den Impôt commercial, deen an de Gemengen an der Moyenne een Drëttel vun hire Revenuen duerstellt, deen elo schonn e puer Joer stagnéiert huet a souguer lichter zrëckgeet, souguer bei verschidene Gemenge méi staark zrëckgeet, da wësse mer wat fir eng Konsequenzen dat fir d'Gemengen huet. Mir wëssen a wat fir eng Situatiounen d'Gemengen da spéits-tens 2007 kommen.

Da kënn doudsécher e Stop an den Investitiounen. Wa mer da wëssen, dass keng Subventiounen méi fir Sport- a Kulturinfrastrukture vum Stat kommen. Wa mer wëssen, dass de Stat seng Subventiounéierung vun 90% un de Kläranlagen, Kollektoren a Réckstaubecke wëllt reduzéieren. Wa mer wëssen, dass de Stat wëllt de Gemenge méi eng héich Charge beim Bezuele vun de Gehälter vun den Enseignanten opdroen.

Wa mer wëssen, dass de Stat sech am Pompeeswiese lues a lues zrëckleet an de Gemengen ëmmer méi Chargen dohinner mécht, wat elo souguer esou wäit geet, dass op nationalem Plang an de Prioritéiten d'Pompeeschoul gestrach ginn ass, wat ech fir eng Katastroph halen, dass mer emol net amstand sinn, fir deene Leit, déi sech hei am Land fräiwëlleg fir eis Sécherheet asetzen, eng optimal Formatioun ze ginn, da gesäit een, wéi wäit dass mer komm sinn. D'Sécherheet spillt also keng Roll. Da wësse mer, dass d'Gemengen net méi laanscht massiv Taxen- a Steiererhéijunge kommen.

Et ass dat, Här President, wat ech och schonn e puer Joer gesot hunn: Wann d'Gemenge manner Geld kréien, da bleift hinnen näischt anescht iwwereg wéi massiv Taxen- a Steiererhéijungen ze maachen.

Wann een dat a Verbindung bréngt mat der Steuerreform, déi mer 2001 gemaach hunn, wou e gudden Deel vun eis alleguer massiv bis manner massiv Steiererliichtunge kritt hunn, mä awer och e groussen Deel vu Leit hei am Land keen Euro Steiererliichterung kritt hunn – déi Leit, déi kee Frang Steiererliichterung kritt hunn an deene leschte Joren, müssen awer alleguer iwwert déi negativ Sozialpolitik, déi elo vun der Regierung hei ugekënnegt ginn ass, iwwert déi Taxen- a Steiererhéijungen, déi d'Gemengen elo maache müssen, weider bezuelen –, wann een dann d'Kombinatioun vun deenen zwou Politike mécht, der Steiererliichterung 2001 an der Erhéijung vun de Steieren an Taxé vun haut um Niveau vun de Gemengen, da gëtt et global gesinn sozialpolitesch onverantwortlech fir déi Politik ze maachen.

Une voix. - De séchere Wee an den Aarbechtsmaart!

M. Gast Gibéryen (ADR). - Dass ass de séchere Wee. Wann déi Politik hei esou virugemaach gëtt, esou wéi dës Regierung se ugekënnegt huet, Här President, da kréie mer hei am Land eng kleng Grupp vu Leit, där et wierklech ëmmer besser geet – ech kommen herno bei der Vermögenssteuer drop zrëck –, an där grousser Mass vun de Leit, där geet et ëmmer méi schlecht.

Wéi d'Sprachwuert et seet, da ginn hei am Land geschwënn erméi eng gutt Partie vun de Leit mat der Geess. Mir hunn allerdéngs, Här President, de Virdeel, dass déi Leit mat de Geessen dann hei kënnen laanscht de Pei-Musée spadséiere goen, a si kënnen laanscht d'Coque spadséiere goen. Déi am Süde kënnen mat hire Geesse laanscht...

(Interruption)

...d'Héichiewe spadséiere goen, kënnen de Geesse weisen, firwat dass d'Leit mussen mat de Geessen hei am Land trëppelen goen, well eben déi Regierung hei eng falsch Prioritéit gesat huet.

Une voix. - Egal wat!

M. Gast Gibéryen (ADR). - Gelift?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, well ech weess, dass den Impôt commercial bei de Gemengen d'nächst Joer kënn ëm een Drëttel zrëckgoen, hunn ech mer emol där leschter Deeg déi Gemengen, déi schonn hir Budgeten an der Zeitung presentéiert hunn – ech wëll se elo net mam Numm nennen – ugekuckt, wat se nach

esou vun lwwerschoss an hiren ordinäre Budgeten hunn. 4,39%; 3,02%; 7,03%; 3,76%; 6,77%, an et ass eng Gemeng, Rouspert – déi kann ech da mam Numm nennen –, déi huet 21% lwwerschoss an hirem ordinäre Budget. All déi aner Gemenge leien ënner 5% lwwerschoss am ordinäre Budget.

Elo stellt lech vir, wat d'Steierverwaltung eis ugekënnegt huet: Den Impôt commercial geet d'nächst Joer ëm 30% zréck. Dat ass een Drëttel vun de Gemengebudgeten. Da ginn d'Gemengen 10% an hire Recetten an der Moyenne zréck. Da kréien déi Gemengen do alleguer hiren ordinäre Budget net méi op. Ech héieren d'Echoen – mir schwätze jo och ënner eis – vun anere Gemengen, bei deenen et net besser ass. Déi meescht Gemenge wäerte spéitstens 2007 hir Budgeten net méi opkréien.

Här President,...

(Interruption)

Gelif?

M. Norbert Hauptert (CSV).– Äre Budget geet scho laang net méi op, an d'Gemeng fonctionnéiert awer.

M. Gast Gibéryen (ADR).– Ech si ganz frou, datt de Vertrieeder vum Monnerecher Gemengerot mer dat hei seet, well ech hu mer nämlech och de Monnerecher Budget ugekuckt.

(Hilarité)

An déi Monnerecher Gemeng, déi war schonn esou wäit, datt se schonn huet misse virun de Wahlen eng ganz Rëtsch vun Taxë massiv erhéijen, fir hire Budget an den Equilibër ze bréngen, a well meng Informatiounen gutt...

(Interruption)

Ech wollt dem Här Hauptert awer wierklech Merci soen, datt e mer déi Geleeënheet hei ginn huet. Wann ech elo gutt informéiert sinn, läit d'Gemeng Monnerech dëst Joer och bei deenen ënner 5%, wat den lwwerschoss am ordinäre Budget ugeet.

Ech wëll lech just soen, Här Hauptert, datt d'Gemeng Fréiseng – vun där ech bis elo d'Eier hat Buergermeeschter ze sinn – an hirem Kont vun 2004 25% lwwerschoss am ordinäre Budget hat, a si wäert 2005 20% hunn. Wann ech elo gutt informéiert sinn, wéi den ordinäre Budget elo soll fir 2006 presentéiert ginn, sinn 18% lwwerschoss virgesinn. An ech kann lech garantéieren, et si siwen, aacht grouss Projeten, déi do lafen. Déi ginn alleguer gemaach a finanzéiert. D'Gemeng Fréiseng huet och iwer 2007 souguer, wann den Abroch hei erakënn, d'Méiglechkeet nach weider Politik ze maachen an ze investéieren.

Ech wëll lech, wéi gesot, nach eng Kéier Merci soen, datt Dir mir d'Geleeënheet ginn hutt, fir dat och emol nach eng Kéier hei offiziell dokumentéieren ze loossen.

(Interruption)

Op jidde Fall, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, géif ech all deene Gemengen, déi manner wéi 10% lwwerschoss hunn, soen: Ech fannen et onverantwortlech vum Innenminister, datt hien d'Gemengen net op déi Evolutioun hiweist. Virun dräi, véier Joer si mer als Gemengen eng Kéier drop higewise ginn, datt gesot ginn ass, den Impôt commercial géif abriechechen a mir sollte Reserven uleeën.

Elo wësse mer, datt mer vun der Steierverwaltung gesot kritt hunn, datt een dervu kann ausgoen, datt en 2006-2007 géif ëm 30% eventuell zréckgoen, d'selwecht wéi d'Kierperschaftsteier. Wann dann d'Gemengen elo net gesot kréien, datt dat kënn an, wa virun allem nei Gemengen, elo an enger Euphorie och nach wëlle Projeten ugoen, a si wëssen net, wéi se déi dann herno bezuelt kréien, dann ass dat onverantwortlech. Ech kann nëmmen all d'Gemengen do

invitéieren ganz, ganz virsiichteg ze sinn. Si sollen déi Projeten, déi elo lafen, fäerdeg maachen. Si sollen 2007 ofwaarderen, wéi d'Finanze sech entwéckelen, ier se nei Engagementer huelen. Ech sinn och iwerzeegt, datt de Gros vun de Gemengen dat esou wäert maachen.

Dat huet natierlech zur Konsequenz – an dat muss een dann och wëssen –, datt mer am Bausecteur, virun allem an deene klengen Entreprises, flächendeckend duerch d'Land – well et sinn d'Gemengen, déi am Fong d'Entreprisé flächendeckend beschäftegen – wäerten en Abroch kréien. Mä ech gesi keen aneren Auswee, wéi datt d'Gemengen elo op d'Brems klammen, fir net no 2007 wierklech voll widder ze lafen.

Eng Steuer, déi an d'Luucht geet, Här President – ech hunn der elo zwou oder dräi genannt, déi erfoginn –, dat ass d'Lounsteuer. D'Lounsteuer geet d'nächst Joer 175 Milliounen Euro an d'Luucht, laut den Aussoe vun der Steierverwaltung. An et ass gesot ginn, dat wier well d'Gehälter géifen eropgoen, an et ass gesot ginn, well méi Leit hei am Land beschäftegt ginn.

Et ass an der Finanzkommissioun d'Fro un d'Steierverwaltung gestallt ginn, wat dat ausmécht, datt d'Steiertabell elo zwee Joer net un d'Inflatioun ugepasst ginn ass. D'Steierverwaltung huet eis gesot, well d'Steiertabell net ugepasst ginn ass un d'Inflatioun, hätt dat dem Stat 2005 90 Milliounen Euro weider erabruecht, an 2006 hätt dat dem Stat op den Exercice eleng 100 Milliounen Euro erabruecht, also cumuléiert bréngt dat Netupasse vun der Steiertabell un d'Inflatioun 2005-2006 dem Stat 2006 190 Milliounen Euro weider an d'Keess. A wann dann am Budget 175 Milliounen weider stinn, da gesi mer, wa mer d'Steiertabell déi lescht zwee Joer un d'Inflatioun ugepasst hätten, da wier déi Steuer net geklommen, mä da wier se souguer ëm 15 Milliounen zréckgang.

An da muss ech och d'Fro stellen: Wéi ass et da méiglech, datt eng Lounsteuer ëm 15 Milliounen Euro zréckgeet, obscho mer an deenen zwee Joer 17.000 nei Aarbechtsplaze geschaf hunn? Da weess een also, datt mer hei am Land ëmmer méi Leit astellen a beschäftegen, déi op engem Lounniveau leien, deen net méi steierflichteg ass. Et gétt also méi Mindestloun-bezéier oder Leit, déi liicht driwwer leien, déi keng Steiere méi bezuelen. Och dat sollt ee bei der Analys vun deem Artikel vun der Lounsteuer mat berücksichtegen.

Da komme mer, Här President, un d'Quellesteier.

Une voix.– D'Verméigenssteuer.

M. Gast Gibéryen (ADR).– An d'Verméigenssteuer.

Et géif ee mengen, datt een an engem Land, wou d'Zäiten esou wierklech dat antrëtt, wat mir zënter Jore soen, datt d'Enner vir an hannen net méi zesumme ginn, dann net bréicht hinzegoen an och nach Steiersenkungen maachen.

An dann eis Regierung, déi all Dag mat Hiobsbotschaften kënnt, wou all Dag een anere Minister seet, wou misst sozial ofgebaut ginn, wou misst gespuert ginn, an an Däitschland, wou elo déi nei schwaarz-rout Regierung d'Reichensteuer aféiert, do gi mir Lëtzebuerger hin a mir schafen nach séier, ier mer d'Austeritéitspolitik richteg fonctionnéieren an alaude loosse, d'Verméigenssteuer hei am Land of. 22 Milliounen Euro, dat ass bal eng Milliard aler Frang, Steiercadeauen u Leit, déi verméigend sinn, a gläichzäiteg féiere mer d'Quellesteier op de Spuerbicher an.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an deene leschten aacht

Deeg ass vill doriwwer geschwat a geschriwwen ginn a wa mir als ADR net no där Finanzkommissioun ee Communiqué gemaach hätten an et public gemaach hätten, da wier dat stillschweigend d'nächst Woch hei esou gestëmmt ginn. An do duerch datt mer ee Communiqué gemaach hunn...

(Interruption)

Här Thiel, Dir hutt kee Communiqué gemaach, mir hunn de Communiqué no der Finanzkommissioun gemaach an dunn ass d'Press drop gesprongen a si huet déi Saach emol ventiléiert. Du sinn d'Gewerkschaften komm an dunn ass et un d'Rulle komm. Dir hutt näischt public gemaach an Dir hätt och näischt public gemaach, wa mir et net gemaach hätten. Dunn ass et zur d'Diskussioun komm...

(Interruption)

Dir hutt just um Radio gesot, schwéieren Häerzens hätt Dir dat dote gemaach. Also ech hu gesi wou d'Häerzer gegluckst hunn an der Finanzkommissioun. Op jidde Fall net bei de Klengspuerer, si hunn do gegluckt bei deenen, déi...

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.– Dat ass jo falsch! Am Bréif vum 7. Dezember...

M. Gast Gibéryen (ADR).– Oh, Här Frieden, ech kommen och nach op lech.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.– De Bréif vum 7. Dezember, Här President,...

M. Gast Gibéryen (ADR).– Neen, Här Frieden, leet Äre Kapp a Rou...

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.– Här President, am Bréif vum 7. Dezember un de Chamberspräsident steet, datt d'Regierung...

M. Gast Gibéryen (ADR).– Neen, Här President, ech erluben dem Här Frieden elo keng Zwëschefro. Ech fieren elo heimadder virun an da ginn ech gären dem Här Frieden...

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.– Wann dat awer falsch ass, wat Dir sot!

M. Gast Gibéryen (ADR).– Neen, et ass net falsch.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.– Well et awer falsch ass, wat Der sot!

M. Gast Gibéryen (ADR).– Neen, et ass net falsch! Op jidde Fall hei kréien déi Verméigend 22 Milliounen Euro geschenkt an d'Klengspuerer müssen elo d'Quellesteier bezuelen.

Une voix.– Dat ass komplett falsch!

M. Gast Gibéryen (ADR).– Elo leet emol Äre Kapp a Rou, ech hu mer relativ...

(Interruptions)

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).– Et ass awer wouer.

M. Gast Gibéryen (ADR).– Loosst mech dach schwätzen.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.– Loosst den Här Gibéryen elo schwätzen.

M. Gast Gibéryen (ADR).– Här President, ech hu mech esou gutt an deem dote Punkt preparéiert. Also si hunn einfach keng Rou. Et ass keng Gedold do, fir nozelauschteren.

Här President, d'Kommissioun huet de Fräibetrag bei der Quellesteier ofgeschaaft. Dat war déi éischt Décisioun. Mir hunn et public gemaach. Dunn ass eng Revolutioun lassgaangen.

Une voix.– Oh!

M. Gast Gibéryen (ADR).– Oh, ech ka mer dat awer esou virstellen.

Awer dat Schéinst war, de Statsminister huet freides owes, Här President, nom Regierungspressebriefing gesot, hien hätt Versteesdemech fir d'Décisioun vun der Finanzkommissioun. Also hien hätt Versteesdemech fir d'Décisioun vun der Finanzkommissioun, datt de Fräibetrag ofgeschaaft ginn ass.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.– Wéinst dem Verwaltungssopwand.

M. Gast Gibéryen (ADR).– Ech war an där Finanzkommissioun an den Här Thiel, deen d'Hand ausstreckt, och.

M. le Président.– Erlaabt Der dann eng Zwëschefro vum Här Thiel?

M. Gast Gibéryen (ADR).– Ech fieren elo schéi gemitterlech virun an ech ginn hinnen dann all déi Zäit, déi si brauchen.

M. le Président.– Dir vergitt d'Zäit hei net, Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen (ADR).– Jo sécher, Här President. Wann Dir hinnen dann Zäit gitt, da kënnt Dir hinne se selbstverständlech ginn, mä elo leeft meng Zäit an ech...

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.– An de Projet steet d'nächst Woch um Ordre du jour.

Une voix.– Jo, d'nächst Woch.

M. Gast Gibéryen (ADR).– Hei, den Här Frieden seet: De Projet steet net um Ordre du jour.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.– D'nächst Woch! Ech hu gesot d'nächst Woch steet en um Ordre du jour

M. Gast Gibéryen (ADR).– Majo, d'nächst Woch komme mer nach eng Kéier drop zréck.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.– Mir kënnen awer och haut, Här President...

M. Gast Gibéryen (ADR).– D'nächst Woch komme mer nach eng Kéier drop zréck.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.– Mir kënnen awer och haut...

M. Gast Gibéryen (ADR).– D'nächst Woch kënnen mer nach eng Kéier drop zréckkommen.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.– Mir kënnen och dës Woch driwwer diskutéieren.

M. Gast Gibéryen (ADR).– D'nächst Woch komme mer nach eng Kéier drop zréck.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).– Keng Angscht!

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.– Här Henckes, ënnerbriecht den Här Gibéryen net ëmmer.

(Hilarité)

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).– Ech ënnerbriechen hien net, mä ech ënnerstëtzen hien.

M. Gast Gibéryen (ADR).– Jo, voilà.

Also den Här Statsminister, deen hat Versteesdemech fir d'Déci-

sioun, déi d'Finanzkommissioun geholl hat.

M. Lucien Thiel (CSV).– Wat huet hien dann nach gesot?

(Interruptions)

Une voix.– Den Aly ass net do.

M. Gast Gibéryen (ADR).– An dunn ass dann an der Finanzkommissioun...

(Interruptions diverses)

Virgëschter ass dat dunn awer kloergestallt ginn. An et ass kloergestallt gi vu kengem anere wéi vum Fraktiounspräsident vun der CSV. Well deen hat déiselwecht lwerleegung wéi ech, hie wier an där falscher Sitzung gewiescht. An dunn hu mer dann do emol gefrot: Wien huet dann déi Proposition an der Finanzkommissioun gemaach? Ma dat war de Budgetsminister, den Här Frieden, dee se gemaach huet. An den Här Frieden huet an der Finanzkommissioun gesot, se wier am Regierungsrot ofgestëmmt, ofgesehnt ginn.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.– Majo selbstverständlech wéinst dem Verwaltungssopwand, deen de Statsrot an anerer opgeworf hunn. An duerfir hu mer gesot, an duerfir steet am Bréif vum Chamberspräsident Weiler un de President vum Statsrot – an deemselwechte vum 7. Dezember, deen Der net matgedeelt hutt –, datt d'Regierung sech géing engagéieren eng Alternativ ze fannen zu deem Abatement, deen ze vill Verwaltungssopwand mat sech bruecht hätt.

M. Gast Gibéryen (ADR).– Jo!

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.– Da muss een awer och alles dem Vollek hei soen an net nëmmen dee Saz, deen lech interesséiert.

M. Gast Gibéryen (ADR).– Dat ass net an der Kommissioun...

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.– De President Weiler schreift dat, well d'Regierung dat gesot huet.

M. Gast Gibéryen (ADR).– Ech wëll hei just eppes...

(Interruption)

Neen, neen, Här President, den Här Statsminister huet...

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.– Sout, kommt, loosse mer den Här Gibéryen elo schwätzen.

M. Gast Gibéryen (ADR).– Voilà. Merci, Här President.

Ech verstinn, datt den Här Frieden elo nervös ass, well hei huet hien net grad déi beschten Impressioun ofginn.

Une voix.– Et ass scho gutt!

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.– Ech si guer net nervös, mä ech hätt just gären, datt een de Leit alles seet an net litt.

M. Gast Gibéryen (ADR).– Här Frieden, wann ech gelif. Wann de Statsminister seet, hien hätt Versteesdemech fir d'Kommissioun, dann huet hien d'Wouerecht net gesot. Wann hie gesot hätt, ech hu Versteesdemech, datt d'Kommissioun eis Proposition ugehall huet, dann hätt hien et richteg gesot. Mä hien huet net gesot, datt d'Regierung d'Proposition gemaach huet, et war d'Kommissioun, déi d'Proposition gemaach huet an hien hat dofir Versteesdemech.

An dann, Här President, muss een och op eis sozialistesche Kleege kucken. Ech muss mech nach e bësse mat deene beschäftegen.

(Hilarité)

An ech gesinn do de Kolleeg Lux, Member vun der groussherzog-lecher Regierung vun haut, fréiere Generalsekretär vun der LSAP, deen do vun der Monaco-DP ge-schwat huet...

(Brouhaha général)

..., deen d'Quellesteier, déi Rei-chensteuer, d'Verméigenssteier...

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Da lausch-tert dach elo no.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Den Här President ass ëmmer frou, wann ech mech méi mat de Sozia-liste beschäftegen, duerfir seet hien dann, Dir sollt extrem gutt no-lauschteren. A wann ech mech mat der CSV beschäftegen, da freet hien ëmmer: Loosst Der dann net gären eng Fro vun deenen zou?

(Hilarité)

M. le Président.- De Presi-dent versicht säin Job neutral ze maachen, Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Voilà, an ech ënnerstëtzen Iech och voll doranner, wann Der Ären Job neutral maacht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Sozialisten hu vun der Monaco-DP geschwat an haut kéint een am Fong vun der Mo-naco-LSAP schwätzen.

Ech hunn dat elo e bëssen an Däitschland verfollegt, wann do esou Koalitionsverhandlungen sinn – hei gëtt ee jo net vill gewuer. An Däitschland zum Beispill sot d'CDU bei der TVA 2% an d'Sozia-liste soten 0%. An du hu se gesot elo gi mer an d'Verhandlung, elo maache mer e Kompromiss, an do hu se de Kompromiss gemaach 3%.

An ech hu sou d'Gefill, wéi wann hei an dësem Dossier de Kompro-miss d'selwecht war. D'Sozialiste waren dogéint, datt d'Verméi-genssteier soll ofgeschaaft ginn, d'CSV war dofir, a si hunn elo ee Kompromiss gemaach, deen net ass, dass d'Verméigenssteier e bësse géif ofgeschaaft ginn oder e bësse géif bäibehal ginn – dat wier de Kompromiss – neen, si sinn elo dofir, datt se ofgeschaaft gëtt a si sinn dobäi nach dofir, datt eng Am-nistie fiscale gemaach gëtt fir d'Steierhannerzéier a si sinn och nach domat averstanen, datt d'Klengspuerer elo och eng Quel-lesteier kréien. Dat ass de Kompro-miss, wéi d'Sozialisten e mat der CSV hei gemaach hunn.

M. Lucien Thiel (CSV).- Och dat do ass falsch, Här Gibéryen, haalt dach op ze léien hei!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Also, Här Thiel, wann Dir dat doten elo nach eng Kéier wëllt widder-huelen, da schëdden ech mäin Häerz emol e bëssen aus iwwer Äre Lobbying, deen Dir fir eng gewësse Klass hei am Land maacht.

(Interruption)

M. le Président.- Kommt, loosse mer eis elo...

M. Gast Gibéryen (ADR).- Haalt Äre Mond elo wann ech ge-lift, Här Frieden, well soss soen ech dem Här Frieden, wat fir eng Roll, datt hien hei am Parlament spillt.

M. le Président.- Loosse mer eis elo alleguerten e bësse berouegen a jidderee weit seng Wieder der of.

M. Lucien Thiel (CSV).- Ech heeschen Thiel an net Frieden.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Entschëllegt, net dem Här Frieden, mä dem Här Thiel soen ech da wat fir eng Roll, datt hien hei am Parla-ment spillt. An da soen ech him och, wou säin Häerz geknuppt huet...

M. Lucien Thiel (CSV).- Ma da sot mer dat emoll!

M. Gast Gibéryen (ADR).- ...an der Finanzkommissioun, wéi mer d'Quellesteier fir déi Kleng agefouert hunn oder d'Verméi-genssteier fir déi Grouss ofge-schaaft hunn. Da schwätze mer emol driwwer, Här Thiel.

M. Lucien Thiel (CSV).- Schwätzt d'nächst Woch driwwer, net...

M. Gast Gibéryen (ADR).- Jo, jo! Neen, ech schwätzen hei wann ech dat wëll, an Dir hutt elo ënnerbrach, an ech warnen Iech, passt op!

(Interruptions diverses)

Neen, neen, ech loosse mer dat doten net gefallen!

M. Ben Fayot (LSAP).- Dir sidd awer gutt preparéiert.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Majo sécher sinn ech gutt prepa-réiert. An duerfir, well ech esou gutt preparéiert sinn, kommen ech dann op den Här Fayot.

Plusieurs voix.- Aaahhh!

(Interruption)

M. le Président.- Jo, kommt, loosse mer elo hei net méi provo-zéieren a loosse mer den Här Gi-béryen seng Ried a Rou hei fäer-deg maachen.

Une voix.- Elo geet et awer duer!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Am „Tageblatt“ vum 10. Dezember stoung ze liesen, Titel „Beschwich-tigung“, vun de Sozialisten: „Der Eindruck sei vermittelt worden, ab sofort ging es den Kleinsparern an den Kragen, sprich an das Er-sparte. Nun wird die Quellensteuer gestrichen. Die LSAP kann gut damit leben.“ Et misst am Fong sinn, net d'Quellensteuer gëtt gestrach, mä den Abatement gëtt gestrach. „Die LSAP kann gut damit leben. Durch die vorgenommene Textän-derung würden Kleinsparer nicht geschädigt. Beispill gefällig: Eine Person mit einem Sparguthaben von 100.000 Euro müsste bei ei-nem Zinssatz von 2% bei der ak-tuellen Gesetzesvorlage rund 200 Euro an den Fiskus abführen, rech-net die LSAP vor. Ein Betrag, der erträglich ist.“

Also ech sinn dovun iwwerzeegt, datt d'Sozialisten an der Regierung net an Euphorie gefall sinn, wéi d'CSV dat dote proposéiert huet. Mä datt d'Sozialisten awer higinn a si sinn dann déi, déi nach e Com-muniqué maachen a soen, si hätte Versteedsdemech an dat wier erträ-gleich, also esou eng politesch Nai-vitéit hätt ech awer nu wierklech net bei hinne vermut!

Dat Ganzt stoung ënner engem Ar-tikel vum OGB-L, deen als Titel hat, „Der Kleinsparer muss es richten“: „...seien hier in erster Linie Klein-sparer visiert, die nun verstärkt zur Sanierung des Staatshaushaltes beitragen müssten, klagt der OGB-L. Diese unsoziale Maß-nahme sei umso unverständlicher, da die Reichensteuer für das Bud-get 2006 abgeschafft werden soll.“ Här President, déi zwee Artikeler stoungen ënnereneen.

Also d'Sozialiste ginn hin a si ver-teidegen der CSV hir onsozial Poli-tik, si verteidegen!

(Interruption)

D'CSV huet et net gemaach! Si hu Versteedsdemech.

(Interruption)

„Ein Betrag, der erträglich ist.“ Also wann déi kleng Leit musse méi be-zuelen, dat ass fir si e Betrag, deen erträglech ass! An da gesitt Der – ech wëll Iech e gudde Rot ginn, Här Fayot, Iech an Äre Genossen, well...

(Coups de cloche de la Prési-dence)

M. le Président.- Här Gibé-ryen, nennt Iech un d'Chamber!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, wann Der dann haut d'„Wort“ liest, do gëtt dann erëm iwwert d'Quellesteier geschwat: „Die steuerliche Belastung der Kleinsparer war allerdings dem Premier ein Dorn im Auge.“ An duerfir huet d'Finanzkommissioun erëm eng Kéier du missen ëmswit-chen an huet erëm en Abatement agefouert.

Dat heescht, d'Sozialisten, déi hunn dat erträglech fonnt, datt déi kleng Leit musse méi bezuelen, an eise soziale Statsminister, deen huet gesot: Neen, dat ass mir en Dar am A; dat dote muss erëm geännert ginn!

Ech wollt Iech dat just als Rotschlo ginn: Wann Der mat deene Schwaarzen an d'Bett gitt, da musst Der ganz gutt oppassen. Si hu keng Gutt hannert den Queren, passt op!

Also Dir misst dat awer aus der Vergaangenheet jo wëssen, datt Der ëmmer do erageluecht gitt. Hei hutt Der e klengt Beispill wéi si et mat Iech maachen. Si schécken Iech vir, Dir sot, dat ass erträglech, an da kënnt de Premier a seet: Ah neen, dat doten, dat geet net. Si stinn elo erëm gutt do, an Dir sidd déi virun deene klenge Leit, déi erëm domat averstane waren!

Dann hunn ech mer d'Fro gestallt, Här President, mir hu jo awer och hei an deem Parlament Sozialpoliti-ker. Den Här Wolter huet se gësch-ter Sozialapostel genannt. Sozial-apostelen, déi duerch d'Land zéien. Ech denken un den Här Castegnaro.

M. John Castegnaro (LSAP).- Présent!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Ech denken un d'Madame Vera Spautz, ech denken un den Här Roland Schreiner, ech denken un den Här Marc Spautz, un den Här Ali Kaes, un den Här Marcel Glese-ner, déi alleguerten, mengen ech, am Sënn vum Wuert vum Här Wol-ter Sozialapostele sinn. Da muss ech mer awer d'Fro stellen: Wou waren déi dann elo? Ech hu keen héieren. An ech hunn och bis elo nach net gesinn, datt ee sech an dës Debatt ageschriwwen huet. Ech hat gemengt, do sinn der jo vill dobäi, déi ech aus menger ge-werkschafterlecher Vergaangenheet an och, wéi all gudde Lëtzebuer-ger, vun de Rieden den 1. Mee kennen. De Kolleeg Castegnaro, deen huet eng formidabel Stëmm den 1. Mee gehat! Deen huet dach esou haart geschwat, Schaum riets a lénks an den Ecken...

M. John Castegnaro (LSAP).- Dat bass du, dat sinn ech net!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Neen, Här Castegnaro, Dir hat ëm-mer Schaum, ech hat ni Schaum, ech hat domadder ni Problemer.

(Interruptions diverses)

D'Mammen hunn doheem de Ra-dio an d'Televisioun méi lues ge-maach – esou haart huet hie gejaut –, fir datt d'Kanner net solle waa-kreg ginn.

(Hilarité)

An elo hei am Parlament, also wann ech hien net do géif gesi sët-zen, ech hätt gemengt hie wier net gewielt ginn an d'Parlament! Den Här Castegnaro, muss ech Iech soen, Här President, e Stëmmche mécht méi Kaméidi heibanne wéi den Här Castegnaro! An all déi aner sozialpolitesch Apostelen hei-bannen, vun deenen héieren ech keen! Ech héiere keen! Wat stinn déi ënnert der Fuchtel vun hire Fraktiounen, vum Statsminister...

M. John Castegnaro (LSAP).- Här Gibéryen! Här Presi-dent!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Also dem Här Castegnaro erlaben ech awer eng Zwëschefro.

(Coups de cloche de la Prési-dence)

M. le Président.- Den Här Gibéryen erlaabt eng Zwëschefro.

M. John Castegnaro (LSAP).- Ech wollt just soen, dass den Här Castegnaro, esou wéi Der en nennt, während 40 Joer eng grouss Gewerkschaft opgebaut huet an dass Dir während e puer Joer eng kleng Gewerkschaft futti-gemaach hutt,...

Une voix.- Très bien!

(Hilarité)

M. John Castegnaro (LSAP).- ...fir politesch Carrière ze maachen. Passt also op an de Ver-gläicher a botzt de Schaum wann ech gelift vun Äre Lépsen.

(Hilarité)

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här Castegnaro, déi kleng Gewerk-schaft ass net futti, an Dir kënnt elo hei ziele wat Der wëllt,...

(Interruption)

...Realitéit ass, datt Dir heiban-nen...

(Interruption)

Neen, neen, neen, déi kleng Ge-werkschaft, déi bléit nach genau-sou gutt wéi se virdru gebléit huet. Déi ass nach ëmmer do an déi wäert och schonn hire Wee fanne mat deenen aneren zesummen. Dat mécht Iech och vläicht...

M. John Castegnaro (LSAP).- Et héiert an et gesäit ee se just net, Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Mä d'Realitéit ass, datt d'Leit alle-guert erwaart hunn, datt Dir als dee grouss Gewerkschaftspräsident, deen Der waart, hei am Parlament och elo géift optrieden an hei géift déi Cause verteidegen, déi Der déi Jore virdru ëmmer esou gutt ver-teidegt hutt. Awer dat hutt Der bis elo nach net gemaach.

(Interruptions diverses)

Une voix.- Elo muss de änt-werten!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, mir hunn also elo neierdéngs hei am Land zwou Zorte vu Sozialisten. Déi eng, déi un d'Sozialiste gleewen an déi se och duerfir stëmmen an elo duerfir mussen d'Quellesteier op hire Spuerbicher bezuelen, an dann déi Sozialisten, déi d'Sozialisten hei an der Politik vertrieden, Kaviarsozia-listen nenne mer déi, déi elo keng Verméigenssteier méi brauchen ze bezuelen.

Une voix.- Oh Mamm, oh Mamm!

Une autre voix.- Ma dach!

M. Gast Gibéryen (ADR).- An uewendrop gëtt dann och nach d'Quellesteier op de Bauspuerver-träg agefouert, wou mer hei vum Statsminister selwer gesot kritt hu virun e puer Wochen, datt dat dee gréissten Echec wier, de Wun-nengsbau! Also wann elo Leit hi-ginn, si wëllen och nach spueren a si wëllen hire Kanner Spuerbicher uleeën, fir Bauspuervertrág ze maachen, déi falen dann elo inte-gral ënnert d'Quellesteier.

Här President, dann nach e Wuert zu de Reserve vun de Pensiouns-keesen. Ech mengen, d'Pensiouns-keesen am Privatsektor, dat wësse mer alleguer, hu gutt Reser-ven, dräimol d'Joresdépensen, wat och wichteg ass, datt mer domad-der eng laangfristeg Ofsécherung kréien. Déi Reserve sinn awer virun allem an de leschte Jore geklom-

men, virun allem well mer eben nei Aarbechtsplaze geschaaft hunn. Ech hu virdru gesot, datt mer 17.000 Aarbechtsplazen an zwee Joer geschaaft hunn. Dat huet wuel um Niveau vun de Lounsteieren net weider erabruecht, mä et bréngt awer um Niveau vun de Cotisa-tioune weider an d'Keesen eran, an duerfir sinn och déi Reserven esou flott an deene leschte Joren uge-klommen.

Mä déi Reserven, déi musse be-stoe bleiwen, well mer jo wëssen, opgrond vun de Berechnungen, datt mer mussen och an Zukunft 24% cotiséieren, fir datt déi Re-serve bleiwen a fir datt d'Pen-sioune laangfristeg och garantéiert sinn. Hei muss jidderee seng Res-ponsabilitéit, säin Engagement, wat en huet, d'Salariat, d'Patronat an de Stat mussen hiert Engage-ment respektéieren, well soss geet déi Rechnung mëttelfristeg net méi op. An et kann een duerfir kee Grëff an d'Pensiounskeese maa-chen.

Mir hu scho Grëffer an d'Pen-siounskeese gemaach mat der Préretraite, mir hunn e Grëff an d'Pensiounskeese gemaach, wéi mer d'Krankekeesen doriwwer sa-neiert hunn. Den Här Juncker léisst net no fir och e Grëff an d'Pen-siounskeesen ze maache fir d'Mammerenten, wou ech awer do-vun iwwerzeegt sinn, datt dat ni wäert glécken. Well den Här Jun-cker huet nach en aneren Hanner-gedanken: Hie géif doduerch net nëmmen de Statsbudget ent-lascht kréien ëm déi 80 Milliounen Euro, déi de Forfait d'éducation kascht, mä hie géif souguer nach méi an d'Keess erakréien, well wann d'Pensiounskeese géifen deen ausbezuelen, vu datt dee jo ënnert d'Steiere fält, krit en iwwert de Wee vun de Steiere souguer en Transfert vun de Pensiounskeesen iwwert d'Mammerent an d'Stats-keess eran. Hien hätt also net nëm-men déi Dépensé manner, mä hien hätt Recetté weider.

Mä ech menge mir sinn eis heiban-nen eens, datt mer net dee Wee goen däerfen.

Am Budget vun 2006, Här Presi-dent, ass virgesinn, datt de Stat vum 1. Januar 2006 un net méi bei de Frais administratifs an der Partici-patioun un de Gehälter vun de Beamte bei de Pensiounskeesen am Privatsektor participéiert. Dat ass e Montant vu 17 Milliounen, déi soss am Statsbudget stoungen, déi elo net méi an d'Pensiounskeese ginn, mä déi d'Pensiounskeese selwer mussen droen. Och dat ass – doriwwer hunn der vill geschwat – erëm ee Grëff an d'Pensiouns-keess vu 17 Milliounen Euro d'Joer.

Ech hunn duerfir, Här President, Amendementer preparéiert, fir déi Artikelen, déi am Budget alleguer op null stinn, erëm op dee Kredit eropzesetzen. Dat sinn 48 Amen-dementer, a wa mer wëssen, datt all Amendement muss eenzel of-gestëmmt ginn, da wësse mer, datt mer dräi Stonnen iwwert déi 48 Amendementer heibanne missten ofstëmmen. Ech wëll Iech awer soen, datt ech Iech an eis dat er-spueren. Mä ech wëll awer just soen, datt dat 48 Artikeler sinn, déi am Budget op null erofgesat sinn, fir déi 17 Milliounen Euro, déi de Stat elo net méi iwwerhëlt, an elo an Zukunft d'Pensiounskeesen iwerhuelen. Mä eleng dat misst fir all Sozialpolitikler heibanne schonn eng Ursach sinn, fir géint dese Budget ze stëmmen.

Am Géigendeel zum Privatsektor, Här President, hu mer am öffent-leche Secteur keng Pensiouns-keess. An ech erënnern dorun, wéi mer 1999 hei dat Gesetz – iwwert dat vill Kaméidi gemaach ginn ass an duerch dat mer am Secteur public den neien öffentliche Pen-siounsregime agefouert hu fir all Fonctionnaires, déi nom 1. Januar 1999 agestallt gi sinn – a wéi mer aus der 3^eeger Péréquation iwwer fénnef Joer eng Cotisation vun 8% agefouert hunn, datt mir deemools hei schonn dofir plä-

déiert hunn, well mer dunnt a finanziell ganz gudden Zäite waren, datt dunnt d'Geleeënheet gewiescht wier, fir déi Cotisatiounen op e Pensiouns-fong fir de Secteur public ze déviéieren, amplaz si erëm an de Statsbudget zrëckgoen ze loosse.

Well wa mer am Privatsektor dräi Joer Reserven hu bei de Pensiounen, wat anscheinend ze vill ass, well soss hätt de Premier net ëmmer d'Tendenz, fir dranzegräifen – mä déi muss mer wéi gesot behalen –, dann hu mer am öffentleche Sektor keng Reserven! Et ass am Fong do, wou och eng Zäitbomm tickt, well de Stat do een Engagement huet, wat am Fong eng Schold ass, déi hien iwwer Gesetz iwwerholl huet, wou mer awer keng Reserven ugeluecht hunn.

An duerfir maache mer nach eng Kéier een Appel hei, fir datt mer eis solle wierklech iwwerleeën, fir och an der Fonctioun publique eng Pensiounskeess mat Reserven unzeleeën, fir och do deene Leit eng Pensioun ze sécheren, déi haut schaffen an déi an d'Fonctioun publique erakommen. Well, et muss ee jo elo wëssen, datt all déi Leit, déi no 1999 an d'Fonctioun publique erakomm sinn – wéi och iwwregens déi virdrun –, déiselwecht Cotisatioun wéi am Privatsektor bezuelen. Déi am Privatsektor kënnen soen, doduerch datt ech haut eng Cotisatioun bezuelen, schafen ech Reserven, fir datt ech muer och eng Pensioun kréien. An dat kënnen déi Leit an der Fonctioun publique net soen. Duerfir, wéi gesot, maache mer nach eng Kéier een Appel, fir datt eng Pensiounskeess an der Fonctioun publique soll geschaf ginn, fir och deene Leit Garantien ze ginn.

Här President, dann eng Rei vu Propositionen, déi ech nach wëll maachen, déi mer kënnen maachen, fir de Budget an den Equilibre ze kréien. Et ass ëmmer hei geschwat ginn, déi 22 Moossnamen, déi ech virdrun opgezielt hunn, sinn der lauter, wou d'Regierung manner Geld wëllt ausginn a sozialen Ofbau gréisstendeels wëllt bedriewen. Mä et kann een och eppes op der Recettësäit maachen. An et kann een och manner Ausgabe maachen, andeem datt ee spuert. An d'Regierung soll emol mam gudden Beispill virgoen a wierklech weisen, datt iwwerall ka gespuert ginn.

Ech géif och emol mengen, d'Regierung misst de Message an hir Verwaltung weiderginn. Well, et héiert een an et gesäit een, datt trotzdeem och nach Leit an de Verwaltungen am Fong esou um Terrain agéieren, wéi mer dat an de gudden Zäite konnte maachen, an Engagementer huelen an nach net wëssen, datt een Émdenke verlaangt ass.

Och um Terrain, an der praktescher Exekutioun vum Budget ka vill Geld gespuert ginn, mä da muss een de Message awer och un déi Leit vun de Verwaltungen weiderginn, fir datt een Émdenke kéint. Ech kéint eng Rei vu Beispiller do nennen; aus Respekt vun der Zäit wëll ech awer och do e bësse spueren.

Mir erënneren och dorun, datt mer de Fong fir d'Militärdépenden ëm 33 Milliounen Euro gehéicht hunn. Och do muss ee sech d'Fro stellen, ob mer richteg leien, elo nach insgesamt d'Militärdépenden ëm 33 Milliounen Euro vun engem Joer op dat anert an d'Luucht ze setzen.

Ech erënneren un eis Fuerderung no Steiergerechtegkeet, no der Negativsteuer, dem Crédit d'impôt, fir méi eng einfach, méi eng gerecht Steuer hei zu Lëtzebuerg anzeféieren. Mir hu keng gerecht Steuer; a mat där Politik, déi momentan leeft, hu mer de Risiko, datt eng Partie vu Leit ëmmer méi räich ginn an ee groussen Deel vun de Leit ëmmer méi aarm. Duerfir ass et wichteg, datt mer Steiergerechtegkeet hei zu Lëtzebuerg aféieren.

D'Steierhannerzéiung, Steuerbedruch. Et ass doudsécher falsch,

datt mer elo eng Amnistie fiscale d'nächst Woch hei wäerte stëmme fir déi Leit, déi d'Steieren net bezuelt hunn, Steuerbedruch an -hannerzéiung gemaach hunn. Déi Leit kréien elo eng Amnistie, an alleguerten déi Leit, déi hir Steieren éierlech a brav bezuelt hunn, déi waren dann am Fong domm, datt si dat iwwer all déi Jore gemaach hunn.

Da muss mer och an deene Verwaltungen d'Personal opstocken, fir datt si à même sinn, déi Fraude fiscale do ze iwwerféieren, fir datt si à même sinn, fir d'Steieren anzezielen, wou dach eis Verwaltungen haut net méi à même sinn, fir déi grouss Steiere richteg kënnen anzedriewen, well se och mat engem Informatikmaterial aus de 60er a 70er Jore muss schaffen. Wat blamabel ass fir ee Land wéi Lëtzebuerg, dat esou räich ass, dat ass, datt et seng Verwaltungen net en mesure setzt, fir datt si hirer Aufgab gerecht kënnen ginn, déi mir als Gesetzgeber hei virschreien, nämlech d'Steieren anzezielen. Si ginn der Aufgab net méi gerecht, well mir si net en mesure setzen.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

An dat gëtt scho während Joren hei an der Chamber ugeprangert. Et kritt een haut jo scho bal de Verdacht, datt verschidde Leit sech wëllen zum Kompliz vun deene maachen, déi Steuerbedruch maachen, well si einfach d'Verwaltungen net en mesure setzen, fir déi Steieren anzedriewen.

Mir hunn och den 8. Dezember 2004 eng Motioun hei eraginn, an där mer eng Spezialkommission fir d'Fraude fiscale verlaangen, esou wéi iwwregens den Här Krecké se och a sengem Rapport deemools verlaangt huet. Ech wëll dorun erënneren, datt den ADR, d'DP an DÉI GRÉNG deemools duerfir gestëmmt hunn an d'CSV an d'LSAP dogéint gestëmmt hunn, datt esou ee Service soll kommen, fir d'Fraude fiscale hei am Land ze bekämpfen.

D'Faillite frauduleuse. Ech hunn lech virdu gesot, datt mer eleng bei der TVA a 15 Joer 27 Milliarden aler Frang duerch d'Faillite verluer hunn – niewent de Steieren, déi d'Steierverwaltung net erakritt, niewent deem, wat fir d'Sécurité sociale verlaangt gëtt. Mä näischt, näischt ass geschitt! Ech hat viru fënnf Joer eng Interpellatioun hei an der Chamber gemaach iwwer eng Reorganisatioun vun de Verwaltungen, fir d'Faillites frauduleuses kënnen ze bekämpfen. Näischt ass geschitt!

Och do mengt een hätte verschidde Leit Intérêt drun, datt näischt geschitt, datt déi Faillite monter kënnen esou weidergoen an d'Allgemengheet bezuele muss.

Also, d'Regierung huet do e ganze Koup vu Punkten, wou si emol fir d'éischt muss beweisen, datt et hir eescht gemengt ass ze spueren. Si muss emol fir d'éischt beweisen, datt dat Geld muss agedriwwe ginn, wat de Stat zegutt huet, amplaz datt si dat lafe léisst, an dann op där anerer Säit elo higeet a mengt, si misst iwwerall sozialen Ofbau bedriewen.

An och muss mer wëssen, datt déi Asylpolitik, déi mer an de leschte Jore bedriwwen hunn, eiser Meinung no eng falsch verstanen Asylpolitik ass, datt déi – ech wëll elo net ze vill dragoen, net datt do gemengt gëtt, et géif ee wëllen eppes do opbauschen – och ze vill kascht. Et gëtt do geschwat vun zwou Milliarden aler Frang d'Joer. Och do hu mer net deen néidege Courage gehat an deene leschte Joren, fir eng richteg Asylpolitik ze maachen, déi de Statsbudget och bezuele kann.

Mir hunn och eng Kéier proposéiert, datt een d'Kannergeld souwéi d'Mammerent och besteiere kéint. Et kéint een och d'Kannergeld de Steieren ënnerwerfen, andeem datt een et esou géif upassen, datt déi Kleng net

manner krite, mä déi, déi méi verméigend sinn, kéinte jo och eventuell dann do e bësse Steieren drop bezuelen. Also, och do si mer bereet, an esou eng Richtung matzediskutéieren.

Mir hunn och hei proposéiert an enger Motioun als ADR, den Index-Wuerekuurf ze änneren, an den Tubak an den Alkohol aus dem Wuerekuurf erauszehuelen. Dat war an der leschter Regierung. Déi Motioun ass gestëmmt gi mat de Stëmme vun der LSAP, de Gréngen a vum ADR, d'CSV an d'DP hunn deemools dogéint gestëmmt.

Mir hunn och eng Motioun schonn erabruecht gehat, datt ee sollt eng Cotisation sociale um Alkohol an um Tubak aféieren, déi awer dann an d'Krankekeese géif fléissen, déi Cotisatioun an och déi Motioun sinn heibannen ofgelehnt ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, un deenen zwielef Propositionen, déi ech elo gemaach hunn, gesäit een, datt villes ze maachen ass, ouni datt ee muss direkt higoen a sozialpolitesch Aschnëtter maachen, oder d'Leit hei an do weider participéieren. D'Regierung soll hir Aarbecht maachen. Mir hunn elo eng Rei vu Propositionen gemaach.

Wichteg ass, datt mer elo wëssen, datt d'Situatioun alarméierend ass. Dat soll kee verschéieren. D'Situatioun ass alarméierend, awer d'Schold ass net bei de Leit am Land, d'Schold ass net bei de Betriber, d'Schold ass net bei dem Salariat ze sichen. Schold huet d'Regierung. Schold hunn déi CSV-Finanzministern, déi CSV-Budgetsministern, déi iwwer Joren dem Land eppes virgegaukelt hunn, wat laanscht der Realitéit war. Déi de Leit gesot hunn, et geet esou virun de séchere Wee. Dat ass awer falsch gewiescht, fir de Leit dat ze soen. Si hunn hir Responsabilitéit net geholl, an duerfir muss mer dem Land soen, datt d'Situatioun alarméierend ass. D'Fong sinn eidel, mir kréie bei deene grouss Steieren e Réckgang, a mer wëssen, datt den Nohuelbedarf, fir d'Land fit ze maache fir d'Zukunft, grouss ass.

Et sinn an deene leschte Jore falsch Prioritéite gesat ginn. Ech hu se schon opgezielt. Et geet dann net duer, wa mer hei soen: Ma, d'CSV huet déi responsabel Ministern elo op Bréissel a Stroossbuerg an d'Altersheim geschéckt. Neen, et ass d'CSV, déi responsabel war! Et geet net duer, datt se e Minister auswiesselt, an dann esou mécht, wéi wa se sech hei kéint d'Hänn an der Onschold wäschen. D'CSV muss riichtstoe fir déi falsch Investitionspolitik, déi ënnert där leschter Regierung gemaach gouf.

D'Land huet en Nohuelbedarf un de Schoulinfrastrukturen, de Gesondheetsinfrastrukturen, öffentlechem Transport a Strukture fir Kannerbetreiung. Mir hunn eis Engagementer vis-à-vis vu Kyoto anzehalen. Mir hunn en Noutstand am Wunnengsbau. Mir mussen den IVL ëmsetzen. Mir hunn eng Zentralisatioun ze maachen. A mir hunn an der Prioritéiteléisch scho muss villes sträichen, wat awer wichteg gewiescht wier, datt et gemaach gi wier. Och wann d'Regierung elo och do erëm esou eng Ausso gemaach huet, datt se gesot huet: Wat an der Prioritéiteléisch gestrach ginn ass, gëtt net virun 2008 gemaach.

Här President, se hätt och kënnen soen: Et gëtt dann no 2008 gemaach. An 2015, 2020, dat ass och alles no 2008. Et dierf also kee mengen, wann elo gesot gëtt, et ass vun der Prioritéiteléisch, et gëtt net virun 2008 gemaach, dat géif dann 2009 gemaach ginn. An där Finanzsituatioun, wou elo de Stat erageet, gëtt et eng ganz Rei Projeten, déi mir heibanne wahr-

scheinlech net méi wäerten erliewen.

Da muss ee sech d'Fro stellen, wann esou e groussen Nohuelbedarf do ass: Wou war dann déi Wäitsicht vun enger CSV, déi praktesch onënnerbrach an der Regierung war, déi gesot huet, si wier déi eenzeg, déi amstand wier, fir datt d'Land hei an Zukunft virugeet? Wa mer elo virun eidele Keese stinn, an ech héieren dann de Fraktionspresident vun der CSV gëschter hei eng riseg Léschst opzielen, wat alles nach muss gemaach ginn, datt ass en Aarmutszeugnis, wat ee sech selwer ausgestallt huet. Well wann ee weess, datt an deenen nächste Joren eis pro Exercise tëschent enger an annerhallwer Milliard wäerte feelen, da weess een, datt dat dote gréisstendeels wäerte Wënsch bliewen.

Och an dësem Budget vun 2006, Här President, ass keng Spur vun Émdenken. De politesche Courage feelt an dësem Budget. Et ass e Budget, dee schon a senger Presentatioun defizitär ass. Et ass e Budget, wou mer wëssen, datt eng Rei vun Dépenses iwwerhaapt net dra berücksichtegt gi sinn. Et ass also, wéi scho gesot ginn ass, eng Mogelpackung. Et ass e Phantombudget, wou mer eréischt no engem Joer wëssen, wat mer am Fong haut wäerte gestëmmt hunn.

An duerfir wonnert et mech, datt Leit heibanne wierklech dee Courage hunn. Et muss ee scho Courage hunn, fir deem dote Budget zouzestëmme, Här President. Ech kann lech op jidde Fall soen, ech an eis Fraktioun, mir hunn nach ni mat esou enger Iwwerzeegung géint ee Budget gestëmmt, wéi dat dëst Joer de Fall wäert sinn.

Ech soen lech Merci.

Motion 5

La Chambre des Députés,

- *considérant que le projet de budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2006 est caractérisé par une progression des recettes plus faible que la progression des dépenses;*

- *considérant que le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2005 s'est soldé par un déficit de 106.713,0 euros;*

- *considérant que le projet de budget pour 2006 prévoit un déficit de 301.295,4 euros;*

- *considérant la volonté du Gouvernement d'appliquer dans l'exécution du budget pour l'exercice 2006 une «discipline budgétaire rigoureuse» et «de réduire les dépenses dans les normes acceptées dans l'accord de coalition»;*

- *considérant la nécessité d'agir également sur le côté des recettes fiscales;*

- *considérant l'inexistence au sein des administrations fiscales d'un département spécialisé dans la lutte contre la fraude fiscale;*

- *considérant que «l'inégalité devant la fraude est la source fondamentale de l'inégalité devant l'impôt»;*

invite le Gouvernement

- *à créer un service spécialisé commun aux administrations fiscales chargé de lutter contre la fraude fiscale.*

(s.) Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

Motion 6

La Chambre des Députés,

- *considérant le déficit se creusant du budget de l'État;*

- *considérant que les fonctionnaires contribuent à l'instar des salariés du secteur privé à leur pension vieillesse;*

- *considérant que les cotisations des fonctionnaires alimentent un «Fonds de pension» faisant partie intégrante du budget de l'État;*

- *considérant que le «Fonds de pension» n'offre pas les mêmes*

garanties qu'un organisme de pension ayant une personnalité juridique propre;

- *considérant l'absolue nécessité de garantir durablement la sécurité des pensions du secteur public;*

invite le Gouvernement

- *à transformer le «Fonds de Pension» en un organisme distinct du budget de l'État ayant sa propre personnalité juridique et chargé de la gestion des pensions du secteur public.*

(s.) Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

Motion 7

La Chambre des Députés,

- *considérant que la capacité de financement future de l'État est à garantir durablement;*

- *considérant l'absence d'information sur les engagements financiers à long terme résultant des pensions du secteur public;*

- *considérant l'inexistence de toute projection à court, moyen et à long terme du coût salarial total que l'État s'est engagé à supporter dans les années à venir;*

- *considérant qu'il y a lieu d'établir une étude prévisionnelle permettant de renseigner le législateur sur l'impact financier futur du régime des pensions du secteur public;*

invite le Gouvernement

- *à faire réaliser une étude sur le régime des pensions du secteur public fournissant aux décideurs politiques les mêmes renseignements que l'étude sur le régime des pensions contributives du secteur privé réalisée en l'an 2000 par le Bureau International du Travail;*

- *à remettre à la Chambre des Députés une information complète et transparente sur la masse des salaires du secteur public grevant annuellement le budget de l'État et de lui fournir les projections y relatives.*

(s.) Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

Amendement 1

Le paragraphe 2 de l'article «18.- Dispositions concernant la sécurité sociale» du «Chapitre D – Dispositions concernant le budget des dépenses» du projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2006, prévoyant que dorénavant les frais administratifs soient intégralement à charge des institutions sociales, est rayé.

(s.) Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Gibéryen. Den nächste Riedner ass den Här Laurent Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Laurent Mosar (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, "The end of the world as we know it?", mat där Fro hat ech d'Konklusioun vu mengem schrëftleche Rapport zum leschtjährege Budget iwwertitelt. A mengem mëndleche Rapport war meng Konklusioun folgend, an ech zitéieren: „Mir kënnen net méi alles. Mir sollen och net esou maachen, wéi wa mer et kéinten. En éierlechen, onverklärtenen a schounungslose Bléck op de Budget fir 2005 weist eis, datt Choix bei de staatlechen Ausgaben ustinn, an datt mer déi besser hätten ze preparéieren esou laang mer net ënner absolutem Zuchzwang stinn.“

Den dësjährege Rapporteur Roger Negri huet a senger schrëftlecher Konklusioun zu sengem Budgetsrapport Folgendes gesot, an ech zitéieren en: «En déduire pour autant que nous pouvons poursuivre allégrement notre train de vie serait toutefois quelque peu hardi et réducteur. Nous l'avons dit et nous le

répétons: à la source des problèmes de soutenabilité des finances publiques on trouve des engagements de dépenses publiques futures, qui dépassent les montants susceptibles d'être financés par la base de recettes. Et le Luxembourg ne fait pas exception. (...) Mais nous avons encore le choix de prendre la bonne option pour assurer et pérenniser notre modèle de société, nous avons le choix de nous engager résolument sur la voie d'une politique budgétaire soutenable.»

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een d'Konklusioun vum Här Roger Negri sengem Rapport a meng Konklusioun vum mengem Rapport vum leschte Joer vergläicht, kënn een net derlaanscht, fir feststellen, datt schonn d'lescht Joer, d'Finanz- a Budgetskommission d'Alarmglacke schelle gelooss huet, dëst vläicht a méi engem moderéierten Toun, wéi den Här Roger Negri dëst zu Recht a sengem Rapport gemaach huet.

Ech wëll dann och vun der Geleeënheet profitéieren, dem Här Rapporteur e ganz grouse Merci auszerlichten, fir déi virbildlech Fläissaarbecht, déi hien an deene leschte Wochen ofgeliiwwert huet, an déi ee souwuel a sengem schrëftleche wéi mëndleche Rapport ermëfënt, deen iwwregens och eng Rei vu ganz interessanten innovative Propositione beinhalt wat d'parlamentaresch Budgets-prozedur ubetrëfft.

Wann ech lech elo nach eng Kéier déi Konklusioun vum dësem an deem leschtjährege Budgetsrapport virgelies hunn, da fir drop hincweisen, datt déi Problemer, iwwert déi mer ganz intensiv, besonnesch dëst Joer, diskutéieren och schonn hilänglichlech d'lescht Joer bekannt waren. Vläch sinn do déi Warnungen net mat darselwechter Intensitéit, souwuel an dësem Haus wéi awer och an der Regierung, erhéiert ginn. D'Deklaratioun, déi de Statsminister de leschten 12. Oktober an dësem Haus gemaach huet, war dann och fir mech an der Logik vun der Evolution vun där Situatioun, déi sech schonn am Budget fir d'Joer 2005 ugekënnegt hat.

Ech wëll duerfir och nach eng Kéier déi Manéier begrëssen, wéi de Premier mat kloer Wierder dës Situatioun geschildert huet an déi Moosnamen ugedeit huet, déi an deenen nächste Méint mussen diskutéiert a geholl ginn. Fir meng Fraktioun a mech selwer war et och vun deem Moment evident, datt missten am Budget fir d'Joer 2006 souwuel déi sou genannte budgetär Norm wéi d'Kritär vum Stabilitéitspakt respektéiert ginn. Mir waren duerfir och e bësselchen erstaunt, wéi mer bei der Virstellung vum Budget festgestallt hunn, datt d'Schéier zwëschen der Progressioun vun den Ausgaben an der Progressioun vun de Recetten an dësem Budget géif praktesch 3% bedroen.

Et ass allerdéngs richtig – an dat wëll ech hei och nach eng Kéier ënnersträichen –, datt déi strukturell Reformen, déi noutwendeg sinn, fir an de budgetären Equiliber ze kommen, sollten dem Statsminister no am Laf vum Joer 2006 mat de Sozialpartner am Kader vun der Tripartite diskutéiert ginn, well jo sécherlech bei enger ganzer Rei vu Strukturreform mussen Gesetze geännert ginn. Et ass awer och gradesou richtig, datt an enger ganzer Rei vun Ausgabe beim Stat, déi net eng direkt legal Basis hunn, sécherlech Aspuerunge méiglech sinn. Ech denken do zum Beispill un de Posté vun den Etüden.

An der Analys um Fong gëtt et also keen Ënnerschied zwëschen deenen Aussoe vum Premier, den 12. Oktober, an der Positioun vun der CSV-Fraktioun, déi sech eens sinn, fir ze soen, datt d'Gravitéit vun der budgetärer Situatioun et absolut noutwendeg mécht, fir esou schnell wéi méiglech a virum Opstelle vum Budget fir d'Joer 2007,

déi néideg Mesuren ze huelen. Dee Message, deen de Statsminister den 12. Oktober ginn huet, huet sech dann och ermëfënt an enger ganzer Rei vun Avisen zu dësem Budget, fir hei nëmmen d'Avis vum der Chambre de Commerce, der Zentralbank an der Cour des Comptes ze nennen, déi allegueren drop higewisen hunn, datt et eng Minutt virun zwielef wär, an datt mer missten onbedéngt d'Progressioun vun eisen Ausgaben an de Grëff kréien.

Leider Gottes ass de Message bei anere Berufskummen awer net eriiwwerkomm. Verschidden Exponeente vun der Gewerkschaftsseen sinn net midd ginn an deene leschten Deeg a Wochen op déi a sech fir si exzellent Situatioun vun eise Finanzen ëmmer erëm hincweisen. Wéi mäi Fraktiounskolleg Michel Wolter dëst schonn a senger Ried ënnerstrach huet, kënnen mir eis mat esou enger Politik „vum Kapp an de Sand stiechen“ net zefridde ginn. An duerfir wollt mir och nach eng Kéier duerch en Zousaz am Budgetsrapport vum Här Negri daitlech op d'Onweigerlechkeet vu strukturelle Reformen hiweisen.

Datt d'Finanz- a Budgetskommission nach eng Kéier expressément dorobber hiweist, schéngt mir keen aussergewöhnleche Virgang ze sinn. Datt de Budget an enger Fraktioun kontrovers diskutéiert gëtt, soll a sech d'Normalitéit sinn. D'Meenungsverschiddenheeten zwëschen CSV-Fraktioun a Regierung kann ech hei beim beschte Wëllen net erkennen, datt ëmsou méi, wéi de Budgetsrapporteur Roger Negri genau déiselwecht Analys wéi d'CSV-Fraktioun gemaach huet, dat an deelweis méi daitleche Wierder.

(Interruptions)

Bei den Dissonanzen zwëschen CSV-Fraktioun a Regierung, déi vu verschiddene Kollegen, besonnesch aus Oppositionsreien, erbäigieret ginn, do schéngt mer éischter de Wunsch de Papp vum Gedanken ze sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mech a menge weideren Ausféierungen haapt-sächlech mat der Kompetitivitéit vun eise Wirtschaftsstanduert befaassen, dëst ganz besonnesch och virum Hannergrond vun der Strategie vu Lissabon, an dëst och am Kontext vun deenen dach stagnéierende Recetten um Niveau vun der Kollektivitéitssteuer belichten.

Ech hat schonn d'lescht Joer am Kontext vu mengem Budgetsrapport drop higewisen, datt d'Schéier zwëschen der Loun- an der Kollektivitéitssteuer ëmmer méi wäit géif ausernee goen, an dës Tendenz muss ee leider och erëm am Budget 2006 feststellen.

Esou geet d'Lounsteuer vun 2.000. 996.500 Euro op 3.000.346.500 Euro erop, während d'Kollektivitéitssteuer vun 1.000.125.000 op 1.000.250.000 Euro progresséiert, also quasiment stagnéiert. An eiser Entrevue mat der Direktioun vun der Steierverwaltung ass eis gesot ginn, datt méi wéi wahrscheinlech d'Kollektivitéitssteuer fir d'Joer 2007 géif ënert d'Grenz vun der Milliard falen, woubäi mer dann erëm ënnert dem Niveau vum Compte général vum Joer 2004 ukomm wären. Ech hat mech d'lescht Joer relativ pessimistesche gewisen, wat d'Evolution vun der Kollektivitéitssteuer ugeet, an ech gesi mech leider a mengem Pessimismus bestätegt.

Wann dann déi Pronosticë vun der Steierverwaltung sech géifen als richtig erweisen, datt mir fir de Budget 2007 ënnert déi ominéis Grenz vun der Milliard géife falen, kréie mer och e seriöse Problem um Niveau vun der Gewerbesteier, déi jo enk un d'Kollektivitéitssteuer ugebonden ass.

Ech wëll hei och eng Klamer opmaache fir ze soen, datt ech genau wéi d'Zentralbank befierchten, datt d'Situatioun vun de Gemengen am

Budget ze vill positiv bewäert gëtt, well d'Gewerbesteier och éischter d'Tendenz huet ze stagnéieren, wéi nach substanzuell an d'Luucht ze goen. Och um internationale Plang steet Lëtzebuerg mat 30,38% Gesamtbesteuerung manner gutt do wéi déi lescht Joren, well mer entre-temps net nëmmen iwwert der Moyenne vun der OECD vun 28,99%, mä och iwwert der Moyenne vun der Europäescher Unioun, déi bei 29,36% ass, leien. Mir si mat dësem Taux wesentlech méi no bei eisen direkten Nopeschlänner Frankräich, Däitschland an der Belsch, wéi bei Länner wéi Irland oder der Slowakei, fir emol déi ze huelen, déi en niddregen Impositionstaux fir Gesellschaften hunn.

Et kënn allerdéngs dobäi – an do widerhuelen ech dat wat ech schonns gesot hat –, datt eise Steiersystem äusserst schwéierfällig ass. Et kéint ee sech virstellen, datt een zum Beispill den Taux vun der Kollektivitéitssteuer géif erfsetzen, mat méi enger breeder Assiette, esou datt en fin de compte d'Recetté géifen déiselwecht bliwen. Dëst wär awer sécherlech méi eng laangfristeg Léisung, déi ee sech misst iwwerleeën. Mä ech bleiwen och do bei der Meenung, déi ech schonn d'lescht Joer am Kontext vun deene Budgetsdebatten geäussert hat, datt een eng Kéier muss déi ganz Steiergesetzgebung en vue vun enger Vereinfachung op de Leescht huelen.

Kuerzfristeg an am Kontext vun enger méi attraktiver Fiscalitéit vun den Entreprisë gesinn ech direkt zwou Mesuren, déi ee kënn envisagéieren:

Éischstens, mir mussen onbedéngt déi europäesch Législatioun iwwert d'Sociétés européennes ëmsetzen, mä och eis am Kontext vun deenen neie Gesellschaften onbedéngt par rapport zu deene Solutiounen positionéieren, déi vun aneren europäesche Memberlänner adoptéiert gi sinn, fir och e méi attraktive fiskaleschen a reglementareschen Environnement ze schafen.

Zweetens, ech widerhuelen nach eng Kéier meng Invitatioun un d'Regierung, fir ganz seriö iwwert d'Ofschafe vun dem Droit d'apport nozedenken. Den Droit d'apport ass net nëmmen eng antiwirtschaftleche Steuer, déi eigentlech contraire ass zu deene Mesuren, déi mer mussen huelen, fir den Esprit d'entreprise zu Lëtzebuerg ze verbessern. Mä deenen Droit d'apport léisst eis och am direkte Vergleich mat anere Memberlänner schlecht do stoen, well Frankräich an Däitschland deenen Droit d'apport scho laang ofgeschaaft hunn an och an der Belsch an an Holland vum 1. Januar 2006 un deenen Droit d'apport net méi wäert bestoen.

Ech hu virdru vun de Sociétés européennes geschwat, an och hei gëtt et schwéier, eis als Terre d'accueil fir esou Sociétés unbaussen ze profiléieren, wa mir ganz eleng nach deenen Droit d'apport unweisen, deen an allen Nopeschlänner längstens ofgeschaaft ass.

Informationshallwer wëll ech nach drop hiweisen, datt deenen Droit d'apport ongeféier d'Halschent vun deene gesamten Droits d'enregistrement duerstellt, also ronn 75 Milliounen Euro. Duerch d'Ofschafe géif also keen esou en enormt Lach hei entstoën, mä op där anerer Säit wäerte sécherlech eng Rei zousätzlech Aktivitéiten domadder op Lëtzebuerg ugezu ginn, déi domadder och erëm nei Steiere géife generéieren.

Schlussendlech géif ech och nach eng Kéier an dësem Kontext dofir plädéieren, datt am Sënn vun enger méi einfacher Steierprozedur een onbedéngt soll d'Fusioun vu Steier- an Enregistrementsverwaltung an d'A faassen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ee vu Kompetitivitéit vun eise Wirtschaftsstanduert schwätzt, kënn een net derlaanscht och e puer Wuert iwwert d'Zukunft vun eise Flughafen ze verléieren, ouni deem säin Ausbau mir d'Chancë vum Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg net wäerte verbessern. Fir datt dës Flughafen eng Zukunft huet, muss een natierlech virun allem d'Gewicht op den Ausbau vum Passagéierverkéier leeën, mä net eleng. Och den Ausbau vum Freight ass net onwesentlech wann ee weess, datt eis Nationalgesellschaft Luxair zum gréissten Deel vum Handling, vu genau dësem Freight-Verkéier leeft oder besser gesot iwwerlieft.

Ech weess, datt de viregten an och den heitegen Transportminister dës Politik um Niveau vum Flughafen ëmmer verteidegt huet an och elo verteidegt. Grouss war dofir, Dir Dammen an Dir Hären, mäin Erstaunen, wéi ech an der Schaffelotserklärung vun där neier blogrénger Koalition hei an der Stad gelies hunn, datt een op kee Fall kéint...

Une voix. - Si mer hei am Gemengerot?

M. Laurent Mosar (CSV). - ...iergendwéi nach en Ausbau vun de Freight-Aktivitéiten op dësem Flughafen akzeptéieren.

Fir datt ech hei net falsch verstane ginn: Et geet hei net ëm d'Weiderbestoe vum Nuetsflugverbuet, hantert deem meng Partei, wéi ech selwer, weiderhi stinn, mä ëm déi Ausso, datt iwwerhaapt net méi soll iwwer en Ausbau vun de Fret-Aktivitéiten um Flughafen nogeduecht ginn. Wann een nämlech gläichzäitig weess, datt d'Cargolux aacht nei Fligere bestallt huet, esou muss ee sech dach ufänken hei ganz seriö Froen ze stellen, wéi da soll évitéiert ginn, datt mer riskéieren, ëmmer méi Fret op Hahn ze verléieren, wat sécherlech net am Interesse vum Flughafen iwwerhaapt an och am Interesse vum Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg wär. Mir sinn op jidde Fall als Fraktioun der Meenung, datt e moderéierten Ausbau vum Freight weiderhi muss um Flughafé méiglech sinn.

Mme Colette Flesch (DP). - Mir och!

M. Laurent Mosar (CSV). - Ech brauch lech hei net ze ënnersträichen, wéi vill Aarbechtsplazen direkt an indirekt vun dësem Ausbau vum Freight ofhängeg sinn, an ech wär dofir och frau, eng kloer Positioun vun de Kollegeinnen an de Kollegee vun der DP-Fraktioun heizou ze kréien, well et ka jo net sinn, datt een op där enger Säit mat frommem Mond hei fir eng besser Kompetitivitéit vum Wirtschaftsstanduert plädéiere kënn, wéi ech geschter den Här Meisch verstanen hunn, an der Regierung nach d'Lektioun mécht, an op där anerer Säit um lokale Plang just géint déi Mesurë wiedert.

M. le Président. - Erlaabt Der eng Zwëschefro vun der Madame Flesch, Här Mosar? Madame Flesch, wann ech gelift!

Mme Colette Flesch (DP). - Merci, Här President. Vu dass meng Fraktioun direkt ugesprach ass, wëll ech dem Här Mosar soen, dass mer der CSV-Fraktioun an der Sitzung vum Gemengerot eng kloer Äntwert op hir Harangue ginn hunn an dass mer se also net brauchen hei an der Chamber nach eng Kéier ze widerhuelen. Ne mélangons pas les genres! Féiere mer d'Debatten am Gemengerot, déi an de Gemengerot gehéieren, an déi an der Chamber, déi an d'Chamber gehéieren.

Merci, Här President.

Plusieurs voix. - Très bien!

M. Laurent Mosar (CSV). - Ech wëll der Madame Flesch äntwerten, datt een net op där enger Säit hei kann...

(Interruption)

...ëmmer erëm plädéiere fir Kompetitivitéit, fir d'Verbesserung vun der Kompetitivitéit, an dann um lokale Plang einfach deelweis do de Contraire seet. Dëst eis einfach en doppelte Langage, Madame Flesch,...

Mme Colette Flesch (DP). - Mir hunn de Contraire net gesot!

(Interruptions)

M. Laurent Mosar (CSV). - ...an ech mengen, datt d'Land hei en Urecht huet ze wëssen, wat fir eng Positioun dann elo hei vun der DP-Fraktioun gedroen ass, entweder déi vum Fraktiounschef an ehemoegen Transportminister Henri Grethen oder déi vum stater Schäferot.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen domadder zum Volet vun den Ausgaben, déi an dëser Debatt vill Riedner ganz besonnesch beweegt hunn. Ech wëll och elo net nach eng Kéier all dat widerhuelen, wat geschter hei vu mengem Fraktiounschef Michel Wolter mat Recht ënnerstrach ginn ass. Ech wëll trotzdem kuerz op dräi Punkte vun dëser Diskussioun agoen, déi mir wesentlech erschéngen.

Ech denke fir d'alleréischte un dat neit, et kann een et scho bal nennen, Zauberwuert, wat omnipresent ass, net nëmmen an der Budgetsried, mä awer och am Rapport vum Här Roger Negri, an zwar dat vum Public private partnership. Ech sinn e bësselchen erstaunt driwwer, datt dee System vu Finanzeement, deen eigentlech scho laang a verschiddene vun eisen Nopeschlänner praktizéiert gëtt, ganz besonnesch an England, an deen eigentlech och an enger licht aneschtens gefierfter Versioun och hei schonn zu Lëtzebuerg fonctionnéiert, nämlech iwwert d'Garantiegesetz, elo op eemol als dat grousst Allheilmittel soll duergestallt ginn.

Fir datt ech hei net mëssverstane ginn: Fir eng Rei vu Projeten ass et sécherlech net verkéiert, fir op dës Aart vu Finanzéierung zrëckzegräifen. Ech wëll awer heizou véier Bemerkunge maachen:

Éischstens muss ee wëssen, datt den Advantage vun enger PPP net onbedéngt am Präis läit. E Projet, deen iwwer PPP finanzéiert gëtt, ass sécherlech net méi bëlleg wéi en traditionell finanzéierte Projet, well jo hei eng Rei Leit wëllen dru verdéngen, vun den Investisseuren, déi de finanzielle Risiko droen, bis op déi Entrepreneuren an Exécuteurs, déi den technesche Risiko mussen assuméieren.

Zweetens schéngt et mir kloer ze sinn, datt de Virdeel vun esou PPPen ass, datt hei Projeten an engem wesentlech méi kuerzen Zäitraum kënnen realiséiert ginn, wéi dat de Fall ass, wann d'öffentlech Hand selwer baut. Dobäi kënn, datt sécherlech och wäert aneschtens gebaut ginn, well jo de Privatpromoteur all Intérêt drun huet, d'Fonctionnementskäschte méiglechst niddreg ze halen, fir och säi Projet ze rentabiliséieren.

Drëttens, Dir Dammen an Dir Hären, muss ofgeséichert ginn, datt déi Projeten, déi wäerten iwwer PPP realiséiert ginn, net an d'öffentlech Schold falen. Hei erënnerech nach eng Kéier un d'Décisioun Eurostat, déi jo kloer definiert, wat fir eng Kritären a Konditiounen e PPP muss erfëllen, fir eben net an där öffentlecher Schold opzedauchen, an do ass primordial déi Fro, wien de gréissten Deel vum Risiko dréit, fir d'alleréischte ze klären, an dat dierf, wann een also wëllt konform mat där Décisioun Eurostat sinn, net d'öffentlech Hand sinn.

Véiert a lescht Bemerkung heizou: Ech hu mer d'Fro gestallt, ob net ähnlech wéi an eisen Nopeschlänner Frankräich an England, zum Beispill, mer fir d'éischt emol missten deene PPPen e gesetzleche

Kader ginn. Ech hunn nämlech meng Zweifel, ob den Interessi, fir esou PPPen hei zu Lëtzebuerg ofzeschléissen, schrecklech grouss wäert sinn, wann net déi Risikoen, déi privat Promoteuren hei mussen droen, och juristisch duerch e legale Kader ofgeséichert sinn. Ech hu gewëssen Zweifel an ech wär och frou, do vun deenen zoustänneg Ministeren hir Positioun ze kréien, ob si der Meenung sinn, datt eis aktuell Gesetzgebung schonn erlaabt, esou PPPen ofzeschléissen.

Dat gesot, schléissen ech awer net aus, datt bei verschiddene punktuelle Konstruktionsprojeten de PPP sécherlech eng interessant Alternativ zum klassesche Finanzierungsmodell ka sinn. Fir mech läit op jidde Fall dee gréissten Avantage vun dëse PPPen am Fait, datt d'Exploitation, den Entretien vu privater Hand wäert gëréiert ginn an datt virun allem d'Fonctionnementskäschtchen an d'Berechnung vum Präis musse mat afléissen, esou datt sech eigentlech negativ Erfahrungen, wéi mer se bei der Coque a bei der Philharmonie gemaach hunn, wat d'Fonctionnementskäschtchen ubetrëfft, bei esou engem PPP net méi dierfte widderhuelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen dann zu engem anere wichtege Punkt wat déi öffentlech Ausgaben an deenen nächste Joren ugeet, an dat sinn d'Konsequenze vum Kyoto-Protokoll op eise Budget.

Et muss ee wëssen, datt mer an deenen nächste Jore musse ronn 650 Milliounen Euro respektiv 19 Milliounen Tonnen iwwert déi nächst fénnef Joer finanzéieren. Dëst wäert sécherlech déi nächst Budgete staark belasteschen, an ech hat op dësem Punkt am Kader vu menger leschtjähreger Budgetsried op déi absolut Nécessitéit higewisen, den Tanktourismus, deen zu engem groussen Deel fir déi staark CO₂-Belaaschtung responsabel ass, a Fro ze stellen. Déi Fro, wéi mer an Zukunft mat de budgetäre Konsequenze vum Kyoto-Protokoll ëmginn, muss och d'Politik virrangeg beschäftegen.

Trotzdem muss ech awer hei mäin Erstaunen iwwert d'Deklaration vum Wirtschaftsminister Jeannot Krecké am „Kéisecker“ ausdrécken, deen d'Uwendung vum Kyoto-Protokoll schéngt a Fro ze stellen an domadder och op Konfrontationskurs mat sengem Parteikolleg an Ëmweltminister Lucien Lux schéngt wëllen ze goen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an de leschten Deeg ass oft iwwer Dissonanzen an der CSV spekuléiert ginn, an ech hunn et virdu gesot, et gëtt déiselwecht Analys vun der Budgetssituatioun souwuel um Niveau vun der Regierung wéi vu menger Fraktioun gemaach, wat een allerdéngs bei der Kyoto-Problematik net ka constatéieren. Ech muss lech dann och soen, datt ech et net gutt fanne fir eng Cohésion vun enger Regierung, wann et op engem esou wesentleche Punkt wéi der Kyoto-Problematik divergent Meenunge gëtt, dëst zwëschen zwee sozialistesche Ministeren.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Laurent Mosar (CSV).** - Dat gesot, kommen ech allerdéngs net derlaanscht, mer och eng Rei Froen ze stellen, déi de Wirtschaftsminister an dësem virgenannten Interview gestallt huet, an dat wäre folgend:

Éischstens, déi Engagementer, déi deemools vu sozialisteschen Ëmweltministeren zu Kyoto geholl gi sinn,...

(*Interruptions diverses*)

...an déi mat 28% männer Emissionen vun CO₂ méi wéi dräimol iwwert der Moyenne vun den Engagementer vun all deenen aneren EU-Memberstate leien, sinn déi deemools net total irrealistesche ge-

wiescht? Muss et net och erlaabt sinn,...

■ **M. Alex Bodry (LSAP).** - Wou war dann d'CSV déi Zäit?!

(*Interruptions et coups de cloche de la Présidence*)

■ **M. Laurent Mosar (CSV).** - ...Här Bodry, sech haut déi Fro doriwwer ze stellen?

■ **M. le Président.** - Psssst!

■ **M. Laurent Mosar (CSV).** - Hat net d'Madame Flesch...

(*Brouhaha général*)

■ **M. le Président.** - Wann ech gelift, den Här Bodry wollt eng Fro stellen.

■ **M. Laurent Mosar (CSV).** - Jo.

■ **M. Alex Bodry (LSAP).** - Ech wollt dem honorabelen Här Mosar d'Fro stellen, wou d'CSV dann déi ganzen Zäit war, wéi déi Positioun festgeluecht gi sinn, déi deemools d'Ministeren op Konferenz vertrat hunn? Ob hie mer kënnt soen, wou seng Partei während där Zäit do war, ob déi eng Positioun hat an deenen dote Froen?

■ **M. Laurent Mosar (CSV).** - Jo, Här Bodry, ech weess, datt déi dote Froe fir lech net einfach ze beäntwerte sinn, ech verstinn...

■ **M. Alex Bodry (LSAP).** - Äntwert nëmmen op meng Fro, déi ass jo ganz einfach ze beäntworten!!!

(*Interruptions et coups de cloche de la Présidence*)

■ **M. Laurent Mosar (CSV).** - Ech verstinn och, Här Bodry, do eng gewëssen Opreegung. Loosst mech awer vläicht emol viru mat mengen Développemententer fueren,...

■ **M. Alex Bodry (LSAP).** - Ass dat doten Är Äntwert?!

■ **M. Laurent Mosar (CSV).** - ...da wäert Der sécherlech...

■ **M. Alex Bodry (LSAP).** - Ass dat Är Äntwert?! Ass d'Politik ewell esou einfach, jo?!

■ **M. le Président.** - Roueg, wann ech gelift, Här Bodry!

■ **M. Laurent Mosar (CSV).** - Här Bodry, ech versti jo, wéi gesot, Är Nervositéit, mä loosst mech awer emol hei wann ech gelift viru fueren.

■ **Une voix.** - Hie provozéiert hei!

■ **M. Alex Bodry (LSAP).** - Dat ass net ganz seriö, dat do!

■ **M. le Président.** - Här Mosar, Dir hutt d'Wuert!

■ **M. Laurent Mosar (CSV).** - Zweetens,...

■ **M. le Président.** - Ech géif déi aner bieten,...

■ **M. Alex Bodry (LSAP).** - Ech verstinn déi stater Bierger elo vill besser!

■ **M. le Président.** - Här Bodry, och fir lech, wann ech gelift!

(*Interruptions et hilarité*)

■ **M. Laurent Mosar (CSV).** - Zweetens: Och wann een der Meenung ass, datt déi Engagementer, déi deemools zu Kyoto geholl gi sinn, nach ëmmer realistesch sinn, esou muss et dach erlaabt sinn, sech d'Fro ze stellen, ob et normal ass, datt mir eleng de gesamten Tanktourismus als CO₂-Emissionen opgeschriww kréien, ob schonn – an ech mengen et ass keen, deen dat an dësem Haus contestéiert – deen allergréissten Deel vun dësen CO₂-Emissionen an der Groussregioun ausgestouss ginn.

■ **Une voix.** - Oh dach, Här Mosar!

■ **M. Laurent Mosar (CSV).** - An deemselwechte Kontext muss een dann nach weider hannerfroen, wat dat der Situatioun notzt, wa mer da géifen op dee Wee goen, fir den Tanktourismus ofzeschaffen, d'Autofuerer hire Bensin net méi op eisen Tankstelle wäerten tanken, mä dat dann erëm hannerter der Grenz maachen. Gëtt vläicht domadder eisen CO₂-Bilan och wesentlech verbessert, esou ännert dat dach awer de facto absolut näischt um generellen Niveau vun den CO₂-Emissionen.

Drëttens: Ass et normal, datt zum Beispill déi ganz Kogenerationsanlagen, déi op eng ëmweltfrëndlech Manéier Energie produzéieren, trotzdem an de Passiv vun eise energetesche Bilan geschriww ginn?

■ **M. Alex Bodry (LSAP).** - Ech hunn näischt verstanen!

■ **M. Laurent Mosar (CSV).** - Véiertens: Ass et logesch, datt en Deel vun där Energie, déi mir importéieren, eis net verrechent gëtt, an awer all déi Energie, déi hei zu Lëtzebuerg produzéiert gëtt, eis integral ugerechent gëtt, egal ob se ëmwelttechnesche Kritären entsprécht oder net?

Fënneftens: Si mir bereet, déi Konsequenzen, déi sech sécherlech net onbedéngt wäerte positiv op eis wirtschaftlech Entwécklung a ganz besonnesch op eisen Aarbechtsmaart auswirken, zumindest kuerz- a mëttelfristeg – an do deelen ech d'Meenung vum Wirtschaftsminister –, a Kaf ze huelen?

Sechstens: Wa mer dann zur Konklusioun kommen, datt mer egal wéi déi Engagementer vu Kyoto musse respektéieren, musse mer dann net schonn haut an elo d'Politik vum Tanktourismus a Fro stellen, quitte datt mer do dem Statsbudget an deenen nächste Jore wäerten zousätzlech budgetär Mëttele virenthalen?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, all dës Froen muss d'Politik sech stellen, an dat net muer oder iwwermuer, mä schonn haut, wa mer net wëllen den Zuch och hei verpassen an déi noutwendeg Adaptatiounen wëlle virhuelen.

Ofschléissend zu dësem Punkt wëll ech dann nach eng kéier soen, datt et muss erlaabt sinn, doriwwer nozedenken, ob déi Objektivier, esou wéi se am Kyoto-Protokoll zrëckbehale gi sinn, realistesch an ëmsetzbar sinn a wesentlech zu enger Reduktioun vun den CO₂-Emissionen an eise Land bäidroen.

Perséinlech, Här Minister, géif ech et eigentlech éischter mat den Ausféierungen halen, déi de fréieren US-President Bill Clinton kierzlech zu Montreal gemaach huet, an dee gemengt huet, et wier méi sënnvoll, amplaz sech iwwer Objektivier vun CO₂-Emissionen eens ze maachen, sech op konkret Projeten eens ze maachen. An deem Kontext géif ech lech och vläicht, Här Ëmweltminister, d'Iddi mat op de Wee ginn, doriwwer nozedenken, ob een net kéint gemeinsam Projeten och um Niveau vun der Groussregioun ugoen.

Här President, ech kéim domadder zu mengem leschte Punkt, deen ech kuerz wëll uschneiden, nämlech dee vum öffentlechen Transport. Och do hat ech am Kader vu mengem leschtjährege Budgetsrapport verschidde Froen gestallt, ganz besonnesch wat d'Participation vun den Usageren um Käschtel vum dësem öffentlechen Transport ugeet.

Ech hunn dann och festgestallt, datt d'Präisser fir den öffentlechen Transport ëm 10% wäerten erop-

goen, wat awer sécherlech net wäert duergoen, fir déi enorm Progressioun vun den Ausgaben, besonnesch an dësem Domän, ze couvréieren.

Ech hat awer och d'lescht Joer d'Fro gestallt, déi ech hei nach eng kéier wëllt widderhuelen, nämlech déi, ob et a budgetär méi onsécheren Zäiten normal ass, datt et e puer dausend Usageren an dësem Land gëtt, déi dësen öffentlechen Transport gratis dierfe benotzen, dëst ouni datt hei déi geréngste sozial Komponent matspillt.

Wär et hei net méi logesch, wann all d'Bierger an dësem Land géife mindestens fir hiert Abonnement e gewëssene Minimumbetrag entriichten, deen op deem géif baséieren, wat jo och déi Jugendlech an d'Studente bezuelen? Ech fanne et nämlech net normal, dass all dës jonk Leit hiren öffentlechen Transport musse bezuelen a vill eeler Matbierger, déi finanziell wesentlech besser dostinn, vu Fräifahrtsschäiner profitéieren.

Mir wäerten op jidde Fall kuerzfristig net derlaanschtkommen, déi gesamt Tarificatioun am öffentlechen Transport ze iwwerdenken, dëst ganz besonnesch virun deenen enormen Investissementen, déi speziell an dësem Domän déi nächst Joren de Budget wäerte weider belasteschen.

Domadder sinn ech dann och bei der Fro vun der Moderniséierung vun eisen Infrastruktur bei der Eisebunn ukomm. An do wär ech frou vum Transportminister Lucien Lux emol e puer klärend Wieder ze héieren, wat d'Ëmsetze vum Konzept „mobilitéit.lu“ ubetrëfft.

Ech hunn nämlech, wéi sécherlech eng Rei aner Kolleeginnen a Kolleegen an dësem Haus, mat Erstaune seng Ukënnegungen héieren, datt de Konzept Train-tram net kéint virun 2017 oder 2018 realiséiert ginn, well et net méiglech wär, dat Material op deem Schin-

nennetz anzesetzen.

Ech weess net, ob dëst elo een definitive Constat vum Minister respektiv vun deene Verantwortleche vun der CFL ass, mä sollt dat wierklech esou sinn, kommen ech dach net derlaanscht mer d'Fro ze stellen, firwat no méi wéi zéng Joer Planung an Ausschaffe vu Projeten een elo op eemol zu där méi wéi iwwerraschender Konklusioun dach kënnt.

Et ass haut an hei net de Moment, fir am Detail op d'Konzept vun engem Train-tram, Tram oder normalen Zuch anzegoen, nach kann ech awer net, och vum budgetäre Standpunkt aus, akzeptéieren, datt mer vill Geld an Etüden a Planunge fir en Train-tram an deene leschte Joren investéiert hunn, fir elo op eemol festzustellen, datt dat Konzept iwwerhaupt net, oder héchstens a freistens an zwielef oder 13 Joer méiglech wär.

Sollt dat de Fall sinn, Här Minister, da sinn ech der Meenung, dass ee sech hei muss d'Fro vun der politescher Responsabilitéit stellen, wat den Émgang mat Steiergelder ugeet.

Onverständlech ass mer och an dësem Kontext awer dat, wat ech rezent vun der Presidentin vum Mouvement écologique héieren hunn, déi nämlech gemengt huet, et soll een elo d'Ubannung vun der Gare iwwert de Findel op de Kierchbiere net méi iwwert d'Schinn realiséieren, mä et soll een elo emol virun allem déi direkt Ubannung mam Tram an de Stadzentrum maachen.

Fir meng Fraktioun a mech selwer ass et absolut noutwendeg, datt elo emol dee Projet, dee vun dëser Chamber gestëmmt ginn ass, an deen dee Quartier vun dëser Stad ubënn, wou nach am meeschte Potenzial och um Niveau vun den Aarbechtsplaze besteet, endlech soll realiséiert ginn. Ech kann dofir och mam allerbeschte Wëllen net dee Volte-face do vun der Madame Blanche Weber novollzéien.

Nach, Här Transportminister, bleiwen awer an dësem Beräich eng Rei vu Froen, op déi ech nawell gären eng Äntwert an deenen nächsten Deeg hätt – wann ech se haut net ka kréien –, well et mer dach schéngt, datt an dësem ganze Beräich e bësse Gewulls besteet.

Ech géif mer dann och erlaben, lech do e puer Froen ze stellen. Éischstens wär ech frou ze wëssen, wéi et dann elo mat der Ubannung Gare-Findel-Kierchbiere steet. Gëtt déi realiséiert? A mat wat fir engem Material gëtt déi Zuchstreck befuer?

Zweetens, wéi ass et mat der Ubannung Gare-Esch, déi esou wesentlech fir d'Entwécklung vum Süde vun eise Land ass?

Drëttens, wéi steet mat der Ubannung un d'Schinnennetz vum ganze Südweste vun der Stad? A véiertens, wéi steet et mat der Ubannung un d'Schinnennetz vum Stadzentrum?

Dozou awer eng Bemierkung: Wann ech de Käschtel vum dëse véier genannte Projeten zesammenzielen, da kommen ech ongeféier op een Ausgabepunkt vu véier bis fénnef Milliarden Euro.

Här President, wann ech dann d'budgetär Situatioun, wéi se vun deenen allermeeschte Riedner gëschter an haut hei opgezeechent ginn ass, kucken, stellen ech mer wierklech d'Fro, wéi mer dës Investitiounen an deenen nächste Jore wëlle finanzéieren ouni eis an eng Verscholdungspolitik eranzebeginnen, déi weder d'Regierung nach déi meescht Riedner hei wëllen.

Duerfir schéngt et fir meng Fraktioun a fir mech wesentlech, datt mer och an dësem wichtege Beräich eis realistesch Ziler fir déi nächste Jore setzen. Fir eis, d'CSV-Fraktioun, ass et virun allem wichtig, datt mer elo emol d'Ubannung vun der Gare iwwert de Findel an de Kierchbiere realiséieren an duerno d'Verbindung Gare-Esch.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen domadder zu menger Konklusioun, déi u sech nach ëmmer déiselwecht ass wéi déi virun engem Joer, nämlech datt mer an dësem Land an Zukunft eis net méi alles kënnen erlaben, an datt d'Choixen iwwer ganz besonnesch strukturell Reforme mussen esou schnell wéi méiglech net nëmmen diskutéiert, mä och ëmgesat ginn.

Mir kënnen net gläichzäiteg all Engagementer aus dem Kyoto-Protokoll ëmsetzen, ouni mindestens mëttelfristeg den Tanktourismus a Fro ze stellen, esou wéi mer net kënnen milliardeschwéier Investitiounen am öffentlechen Transport realiséieren, ouni gläichzäiteg an anere Beräicher Aspuerunge virhuelen.

Mir wäerten och net illimitéiert de Wuesstem vun eiser Wirtschaft virunderiwe kënnen, ouni gläichzäiteg mussen den Aménagement vun eise Land ze iwwerdenken an domadder esou schnell wéi méiglech och un d'Ëmsetzung vum IVL-Konzept ze kommen.

Här President, op all dës Froen muss net eréischt muer, mä haut eng Äntwert gi ginn, fir dass mer och muer d'Iwwerliewe vun eise Land a vun deenen, déi no eis kommen, séchere kënnen.

An ech géif ofschléisse mat engem Zitat vum Schrëftsteller Lampe-dusa: „Wa mer gär hätten, datt alles esou bleift wéi et ass, da muss alles änneren.“

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. le Président.** - Merci, Här Mosar. Den nächste Riedner ass den Här Jean-Pierre Klein. Här Klein, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean-Pierre Klein (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an eisen Debatte iwwert de Statsbudget dëst Joer ass een Thema bis elo net besonnesch ugeschnidde ginn. Een Thema, dat enk mam Budget vum Stat verknäppt ass a wat d'lescht Joer nach am Mëttelpunkt vum deemolege Rapporteur sengen Iwwerleeungen an Ausféierungestoung: Dat sinn d'Gemegefinanzen.

Just an engem ganz prezise Kontext huet de Budgetsminister vun de Gemeenge geschwat, an zwar dass bei deenen ugekënnegte Spuermoosnamen och een Débat iwwert déi staatlech Subventiounen un d'Gemeenge misst gefouert ginn. Ähnlech Téin konnt een an deene leschte Méint och vu Säite vum Statsminister héieren, deen a senger Ried zur Lag vun der Natioun ënner anerem dovun geschwat huet, dass d'Finanzéierungsrelationen tëschtent Stat a Gemeenge missten iwwerpréift ginn, an do weess een net a wat fir eng Richtung.

Une voix.- Ech ka mer et virstellen.

M. Jean-Pierre Klein (LSAP).- Et wär zudéifst bedauerlech, wa sech d'Problematik vun de Gemegefinanzen nach haut just drop beschränke géing, fir ze kucken, wéi een déi finanziell Transferte vum Stat un d'Gemeengen am beschte reduzéiere kënn.

Eppes sief virewech gesot, fir dass ech elo hei net mëssverstane ginn: Ech sinn der Meenung, dass wann de Stat spueren soll, d'Gemeengen dat och solle maachen. Och de Gemeengen hir Ausgabe sinn an deene leschte Joren, souwuel déi ordinär wéi déi extraordinär, staark geklommen. Parallell dozou ass hir Gesamtverschëldung stänneg gewuess, well se mat hiren eegene Mëttelen hire Verflüchtunge géigeniwwer de Bierger, ouni Scholden opzehuelen, net hätte kënnen kommen.

Och d'Gemeenge sollen also eng responsabel Finanzpolitik bedriewen, dat Wichtegt vum Iwwerflëssen ënnerscheeden, fir hir finanziell Situatioun mëttel- a laangfristeg ofzesécheren. Ech hunn allerdéngs genuch Vertrauen an Zouversicht an eis Gemeengevertreder, fir ze gleewen, dass si dës Situatioun erkannt hunn an och deementspriedend responsabel a virsiichteg handele wäerten.

Et kann awer net sinn, nëmme well de Finanzpillraum vum Stat méi kleng ginn ass, dass mer refuséieren iwwer eng Reform vum System vun de Gemegefinanzen ze schwätzen, wéi et elo schonn zënter Jore vun de Gemeenge verlaangt gëtt. Et geet de Gemeengen net drëms, wéi et hinnen heiansdo ënnerstallt gëtt, fir einfach prinzipiell ëmmer méi ze kréien. Wat d'Gemeenge virun allem wëllen, ass e besseren, dat heescht, e méi gerechten, méi stabilen a méi transparente Finanzéierungssystem am Kader vun den un d'Zäit an hir vill nei Missiounen ugepassten Zouwendungen .

Wat kënn mer feststellen? D'Evolution vun de Recettë vun de Gemeenge war an deene leschte Jore vill manner dynamesch, wéi déi vun de Recettë vum Stat. D'Recettë vum Stat sollen 2006 ëm 6,2% klammen, déi wichtegst Recettë vun de Gemeengen, d'Gewerbesteier an de Fonds communal de dotation financière, awer nëmme ëm 2,9%. Iwwert d'Period 2002/2006 - also fënnef Joer gekuckt - huet de Stat eng Progressioun ze verzeechne vun 18,2% géigeniwwer vu 4,6% fir déi net zweckgebundene Revenuë vun de Gemeengen, dat heescht véiermol manner.

Den Ecart tëschtent der Progressioun vun de Recettë vum Stat an där vun de Gemeenge gëtt also offensichtlech ëmmer méi grouss. Dëst heescht natierlech, dass déi staatlech Steieren, un déi d'Ge-

mengen ugebonne sinn, an engem Rhythmus progresséieren, dee wäit ënnert deem vun de gesamte Steiere vum Stat läit. Ech géif mer wirklech wënschen, dass dës Realitéit emol endlech unerkannt gëtt, an déi wäitverbreete Meenung ophéiert, d'Gemeenge géifen ze vill kréien.

Ech erlabe mer fir eng Kéier kuerz op déi eenzel Recettë vun de Gemeengen anzegoen:

1. D'Gewerbesteier. Si mécht ongeféier een Drëttel vun de Gemeengen hire Revenuen aus a wäert, wéi et ausgesäit, an deenen nächste Joren erofgoen.

Ech zitëieren an deem Zesammenhang de Budgetsrapporteur: „Et ass bekannt, dass zënter de Joren 2002 massiv de Banken hir Steierscholden agedriwwen goufen, fir d'Recetten aus der Kollektivitéitssteier héichzehalen, an dat dës Soldë quasi all agezu sinn, weisen d'Expertë vun der Steierverwaltung an der Cour des Comptes drop hin, dat dermat ze rechnen ass, dat den IRC, den Impôt sur le Revenu des Collectivités, an deenen nächste Jore sech knapp ënner enger Milliard Euro appendele wäert, wat een net kann optimistesches stëmmen, d'autant plus well d'Effekter vun der Steierreform vun 2002 sech elo eréischt voll ausweisen.“

Dat stëmmt d'Gemeengen net grad optimistesches, wann ee weess, dass d'Gewerbesteier déiselwecht Base d'assiette huet, wéi d'Kierperschaftssteier. Dës Mannerrecettë kënnen net ouni Weideres vun de Gemeengen a Kaf geholl ginn. 2001 hu si an engem Accord mat der Regierung akzeptéiert, den Taux d'assiette vu 4% op 3% erfzesetzen; dat fir der Kompetitivitéit vun der Wirtschaft ze hëllefen. Si hunn an deem Moment versprach kritt, dass dësen Obolus mëttel- a laangfristeg seng Friichten droe géif an hir Recettë vun der Gewerbesteier an Zukunft nees géife klammen. Bis elo ass dëst awer net agetraff. 2004 louchen d'Recettë vun der Gewerbesteier ënnert deene vun 2001. 2005 an 2006 wäerte se beschtefalls stagnéiere par rapport zu 2001.

Mir wëssen, dass 75%, dräi Véierel, vun der Gewerbesteier an der Stad Lëtzebuerg erschafft ginn, vun deenen dann e groussen Deel an e Fong gespeist gëtt an iwwert de System vun der Péréquation financière un déi aner Gemeenge weiderverdeelt gëtt. Wéi vill an dee Fong geet, hänkt ënner anerem vum Hiewesaz of, deen de Gemeengerot an der Stad festleet. Dëst Joer huet d'Stad decidéiert vun hirer fiskaler Autonomie Gebrauch ze maachen an huet hiren Taux multiplicateur vun 250 op 225 erfogesaat, mat der Konsequenz, dass all Gemeengen domat rechne musen 2006 an der Moyenne eng 6% manner Recetten um Niveau vun der Gewerbesteier encaisséieren ze kënnen.

Dir Dammen an Dir Hären, wann also ëmmer gesot gëtt, bei der Gewerbesteier géif d'Autonomie communale voll spillen, da muss ech awer feststellen, dass, wann eng Gemeng d'Recettë vun all deenen aneren esou beaflosse kann, et sech hei nëmme ëm eng Scheinautonomie handelt. Et ass a mengem Aen e perverse System, dee keng Previsibilitéit a Stabilitéit an de Revenuë vun de Gemeenge garantéiert, an duerfir misst reforméiert ginn.

2. De Fonds communal de dotation financière. Duerch dës Fong sinn d'Gemeengen un dräi Steiere vum Stat ugebonnen a kréien 18% vum Impôt sur le revenu des personnes physiques, 10% vun der TVA an 20% vun der Automobilssteier. Dës Taux sinn 1967 festgeluecht ginn a sinn zënterhier net méi ugepasst ginn, dat trotz der massiver Entwécklung an dësem Zäitraum vun de Missiounen vun de Gemeengen, siefen et Missiounen, déi de Stat de Gemeengen octroyéiert huet oder déi aus de Bierger hire Be-

soinen an Uspréch erausgewuess sinn.

Et soll een net vergiessen, dass, wann d'Gemeengen dës Aufgaben net géifen iwwerhuelen, de Stat se an hirer Plaz ausféiere misst. Wéi zum Beispill elo bei der Gestiou vun de Structures d'accueil. Et wier also nëmme normal, wann dës Situatioun Rechnung géif gedroe ginn, an all Kéiers, wann nei Aufgaben op d'Gemeengen duerkommen, dëst sech och misst erëmspigelen um Niveau vun der Participatioun vun de Gemeengen un de Statssteieren.

Wat méi speziell d'TVA ubelaangt, hu mer all misse feststellen, dass d'Recetten dëst Joer wäit ënnert deem leien, wat am Budget festgehale ginn ass. Och d'nächst Joer gëtt nach eng Kéier mat enger Baisse vun der TVA gerechent. Et ass nach ze kucken, ob déi positiv Evolution vun der Akommessteier dëst wäert ausgläichen. Ech sinn do éischter skeptesch.

3. D'Grundsteier. Op d'Noutwendegkeet vun enger Reform vun der Grundsteier wëll ech net weider agoen. Mir hunn dat schonn oft genuch an dëser Enceinte gemaach. Loosst mech just eng Kéier drun erënneren, dass dëst net nëmme eng positiv Inzidenz op d'Gemeengerecettë kënn hunn, mä dass eng reforméiert Grundsteier och en Instrument an der Wunnengsbaupolitik kënn ginn, an zwar notament fir d'Spekulatioun op den Terrainen ze ënnerbannen. Leider si vun der Regierung nach ëmmer keng konkret Schrëtt ënnerholl ginn, fir esou eng Reform unzuekuerbelen, fir d'Valeur-unitairen ze aktualiséieren, fir de Grundsteiersaz A vum B lasszekoppelen, ob schonn e Konsens dozou an dësem Haus besteet.

4. D'Subsiden. Ech kann net iwwert d'Gemegefinanze schwätzen, ouni op d'Thema Subsidien anzegoen. D'Aussoe vum Premierminister a vum Budgetsminister, déi ech uganks ernimmt hunn - och wann een nëmme vun Undeitung schwätze kann -, si fir mech Grund genuch zur Beonrouegung, besonnesch déi Gemeengen, déi am Kader vun engem Plan quinquennal regional oder interkommunal Infrastruktur geplangt haten, wëssen elo net méi, ob se op déi staatlech Zouwendung fir dës Projeten, déi hinne scho versprach gi waren, nach ziele kënnen oder net. A wa si se kréien, mussen se wëssen a wat fir engem Zäitraum, dass se ausbezueelt ginn. Déi concernéiert Gemeenge misste jiddefalls esou séier wéi méiglech iwwer hiert definitiivt Lous informéiert ginn.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Ech wëll just nach eng Kéier drun erënneren, wann d'Regierung vun deenen neien Aufgabe schwätzt, déi op de Stat zoukommen, dat ass zum Beispill am Beräich vun der Kannerbetreung, et d'Gemeenge sinn, déi déi gréisste finanziell Laascht ze droen hunn. Fir déi eenzel Gemeng bedeit de Fait, eng komplett Offer am Beräich vun der Kannerbetreung an enger sou genannter Maison relais unzuebidden, dass dee finanziellen Impact op hire Budget vill méi grouss ass wéi dee vum Stat.

Déi Zuelen, déi ech éinescht genannt hunn, beweisen eendeiteg, dass d'Recettë vun de Gemeenge contrairement zu deene vum Stat stagnéieren. Et kann dofir net sinn, dass zousätzlech heizou d'Gemeengen elo och nach misste Kierzungen um Niveau vun de staatleche Subsidien abéissen a si esou dubel bestrooft géinge ginn.

E Préalabel fir eng besser Subsidiepolitik ass a mengem Aen emol fir d'éischt eng méi transparent a méi effikass Gestiou vun de Subsidien, eng Revendicatioun, déi

schonn zënter Jore vun de Gemeengen an och an eiser Enceinte gemaach gëtt, déi de Laurent Mosar iwwregens d'lescht Joer a sengem Rapport extra ervirgestrach huet, mä déi gradesou onberéiert bliwwen ass wéi all déi aner Virschléi am Kader vun enger Reform vun de Gemegefinanzen.

(Interruption)

Als Konklusioun kann ee soen: D'Aussichte fir d'Gemegefinanze sinn also net roseg. Dofir mussen de Stat an d'Gemeengen zesummen duerno kucken, wéi si dës Situatioun an de Grëff kréien. Sécher, d'Gemeenge mussen och Effortë maachen, fir hir Taxëpolitik unzepassen an d'Gemengeservicer an enger ganzer Rei vu Beräicher käschtedeckend unzuebidden.

Mä wann d'Regierung gären hätt, dass d'Gemeenge sech a ville Beräicher sollen engagéieren – de Statsminister huet a senger Ried zur Lag vun der Natioun ënner anere d'Opfang- an d'Begleetstrukture fir d'Kanner, ee Wunnengsbau-park, fir d'Offer um Wunnengsmaart ze stäerken, an héich öffentlech Investitiounen mentionnéiert –, da mussen hinnen och déi néideg finanziell Moyenen zur Verfügung gestallt ginn.

Aner Länner hu Mechanismen, déi dës Prinzip vun der Connexitéit garantéieren. Et gëtt héich Zäit, dass dës Prinzip och endlech zu Lëtzebuerg applizéiert gëtt, am-plaz dass de Finanzéierungsmodus vun eise Gemeengen nach ëmmer gréisstendeels op Realitéiten aus de 60er Jore fousst.

Fir d'Situatioun nach eng Kéier zesummenzefaassen a fir ze weisen, dass dëst net nëmme d'Meenung vun de Gemeenge selwer ass, wëilt ech e puer vun den Observatiounen zitëieren, déi de Congrès des pouvoirs locaux et régionaux vum Conseil de l'Europe a Saache Gemegefinanzen zu Lëtzebuerg gemaach huet, an dat rezent:

1. «Le partage des ressources publiques entre les communes et l'État semble se dégrader et, de plus, les dépenses publiques locales apparaissent relativement faibles en comparaison avec les différents chiffres européens.»

2. «L'impôt commercial communal représente une part importante des revenus des communes. Assis sur les bénéfices des entreprises, cet impôt fait l'objet d'une péréquation considérée opaque. De plus, cet impôt est sensible à la conjoncture économique et ne permet pas bien une gestion communale volontaire et prévisionnelle.»

3. «L'importance de l'impôt foncier ne cesse de diminuer, alors qu'il pourrait constituer un élément intéressant de diversification des ressources fiscales.»

Och de Budgetsrapporteur vum leschte Joer hat op d'Vulnérabilitéit vun de Gemeengerecetten higewisen. D'Gemeenge selwer hunn am Conseil supérieur des finances communales ëmmer nees insistéiert, dass déi staark Schwankungen, deenen d'Gemeengen ausgesat sinn, doduerch dass hir Recetten nëmme un e puer Steiere gekoppelt sinn, net déi néideg Planungssécherheet garantéieren, déi si awer brauchen, fir eng responsabel Politik ze maachen.

Ech rappeléieren duerfir hei nach eng Kéier d'Fuerderung vum Syvicol, dass d'Gemeengen an Zukunft solle méi enk un d'Gesamtrecettë vum Stat ugebonne ginn; wéi dat iwwregens och an aneren europäesche Länner gemaach gëtt. Et ass an dës Richtung, dass eis Iwwerleeunge goe mussen, wa mer wirklech méi Stabilitéit a Gerechtegkeet an de System vun de Gemegefinanze kréie wëllen.

Ech si frou, dass den Innenminister an enger rezenter Réunioun vum Conseil supérieur des finances communales och fir d'éischt eng Ouverture an deem Sënn gemaach huet, andeems hie sech bereet erkläert huet, iwwert dës Iddi noze-

denken. Ech ginn dovun aus, dass et net beim Nodenke bleiwe wäert.

Ech appelléieren un d'Regierung, d'Noutwendegkeet vun enger Reform vun de Gemegefinanzen endlech unzuerkennen an Iwwerleeungen ze féieren, wéi een d'Gemeengen un d'Gesamtrecettë vum Stat ubanne kéint. Wa mer an deenen nächste Méint hei iwwert d'Gemegefinanzen am Kader vun enger Réforme administrative et territoriale vu Lëtzebuerg diskutéieren, kënn mer et eis menger Meenung no jiddefalls net erlaben, eis just op kosmetesch Verännerungen ze beschränken, déi beschtefalls nëmme eng Ëmverdeelung vun de Ressourcen tëschtent de Gemeenge mat sech bréngen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Klein.

Ier ech dem honorabelen Här Thiel d'Wuert ginn, wollt ech mat Iech kucken, wéi mer mam Ordre du jour do stinn. Mir hunn elo nach Riedner fir praktesch annerhallef Stonn, déi ageschriwwen sinn. Et sinn nach ageschriwwen den Här Thiel, den Här Clement, an dann nei kënn dobäi den Här Gira an den Här Castegnaro. Sou dass ech géif proposéieren, dass mer elo nach géifen den Här Thiel, den Här Clement an den Här Gira héieren, an dann ass et Véierel op Zwielf, an dass mer da géife Schluss maachen an haut de Mëtte géife weiterfuere mam Här Castegnaro, mam Här Minister Frieden an dann un d'Motiounen an duerno un de Vote kéimen.

Ass d'Chamber mat där Propositioun d'accord?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

(Interruption)

Jo, den Här Gira schwätzt nach als Leschten haut de Moien.

Voilà, dann huet elo den Här Lucien Thiel d'Wuert.

M. Lucien Thiel (CSV).- Här President, Kolleeginnen a Kollegen, d'Statistiker kréien der och bei eis nawell dacks laanscht d'Läffelen, well hir Analysen a Prognose sech nodréiglech als net ëmmer ganz zuverlässigseg erausstellen. Meeschtens awer sinn déi Feeler net op de Statistiker hir Rechentalenter zrëckzuféieren, mä op dat, wat een d'Methodologie nennt, also d'Aart a Weis, wéi gerechent gëtt. Do feelt et nach dacks un der néideger Harmoniséierung, wat da mat sech bréngt, dass mir Lëtzebuerger zum Beispill eis eege Method hunn, fir den Index ze berechnen, déi net déiselwecht ass wéi déi, mat där den Eurostat d'Präisentwécklung miesst.

Oder en anert Beispill: Dës Budget, iwwert dee mer elo diskutéieren. Hie weist offiziell en Defizit vun 301 Milliounen Euro aus. Zu Brüssel komme si awer op e Minus vu 531 Milliounen oder 1,8% vum PIB. A wann een d'Konten vum Sécurité sociale, déi hei mat dra sinn, op der Säit géif loossen, da kéim een esouguer op ee Lach vun 1,2 Milliarden Euro, oder 4,1% vum PIB, wat dann no de Maastrichter Kritäre schonn eng Datz wär.

Bei all deenen Onzoulänglechekeeten vun der Statistik a besonnesch vun den internationale Vergleichsstatistiken muss een awer soen, dass et ouni Statistiken och net geet. Si sinn d'Voraussetzung dofir, dass een Entwécklungen erkennen, dass een Trends däitlech maache kann, op déi sech dann d'Politik anzustellen huet. Si sinn – an dat net nëmme fir de Politiker – de Kompass, nodeem ee sech riicht, fir de richtege Wee ze fannen.

Och mir kommen net laanscht d'Statistik, wa mir gär eng Äntwert op déi Froe fannen, déi esou munchere sech am Zesammenhang mat dësem Budget a mat där méi

laangfristeger Entwécklung vun eise Statsfinanze stellt. Datt d'Rechnung net méi esou richteg opgoe wëllt, huet jo esou lues elo jiddfreee matkritt, och deen, deen d'Saach net grad esou eescht geholl huet wéi eise Premier versicht huet, eis op déi méi schwéier Zäiten anzestëmmen, déi elo op eis zoukommen.

Elo, wou mer dann ufänken tatsächlech rout Zuelen ze schreiwen, wat dës Politikergeneratioun net gewinnt ass, gi sech op eemol Froe gestallt.

Wéi ass et méiglech, datt mir, d'Wirtschaftschampionë vun der EU, op eemol Budgetsproblemmer hunn? Wisou gëtt d'Schéier tëscht de Recetten an den Dépensen ëmmer méi grouss, a schmëlzen eis Reserven elo wéi d'Glace am Summer? Wéi ass dat gaangen, datt mir, déi éiweg Musterschüler vun der europäescher Klass, eis elo soe musse loosser, mir géifen iwwer eis Verhältnisser liewen?

Dat Rätsel, virun deem mer stinn, ass dee scheinbare Widdersproch tëscht eisem unhalende Wirtschaftswuesstem – an nach ëmmer leie mer esou ëm déi 4% – op där enger Säit an deem däitlech méi luese Wuesstem vun eise Recetten op där anerer Säit. Dee Widdersproch ass zwar net den Hauptgrond fir eisen Defizit, dee virun allem dorobber zrëckzeféieren ass, datt eis Ausgaben op där anerer Säit fortlafen, mä en huet dach awer mat deem Defizit ze dinn. Well, wann eis Recetten am selwechte Rhythmus wéi eis Wirtschaft wuesse géingen, dann hätte mer eis Budgetsproblemmer schonn op d'mannst hallef am Grëff.

D'Akommes vun eisem Stat besteet zu iwwer 80% aus Steieren. Da läit et op der Hand, datt déi Steuerreform, déi vun där viregter Regierung viru véier Joer gemaach ginn ass, net ganz onschëlleg um Ralentissement, wéi een esou schéin op Lëtzebuergesch seet, vun de Recetten ass, ob et sech elo ëm d'Kierperschaftssteuer handelt, déi ronn 10% vun de Gesamtsteieren ausmécht, oder ëm d'Lounsteuer, déi op 23% vum totale Steueropkommes kënnt an déi virun allem duerfir nach wissst, well den Emploi weiderhin nach an d'Luucht geet.

Allerdéngs ass et schwéier ze soen, ob ouni déi Steuererliichterung vun deemools eis Wirtschaft gradesou gutt an de leschte Jore gedréit hätt, an ob d'Konsumfreed am Land déiselwecht gewiescht wär, déi sech ëmmerhin an enger kräfteger Steigerung vun der TVA néiergeschloen huet. Woubäi een, wat d'TVA ubelaangt, berücksichtete muss, datt déi international Dëngschtleeschtingen, déi grad weinst eisem niddregen TVAs-Saz iwwer Lëtzebuerg ofgewéckelt ginn, och hiren Deel dozou bäidroen.

E Stéck Äntwert op eis Fro, firwat de Wirtschaftswuesstem an dem Stat säin Akommes op eemol auserneen driften, ka wuel dee Secteur liwweren, deen nach ëmmer d'Schwéiergewiicht vun eiser Ekonomie ass, ech mengen d'Banken a méi generell de Finanzsektor. Och wann den Undeel vum Finanzsektor un eiser Valeur ajoutée, also un der nationaler Wäertschöpfung, tëscht 2000 an 2004 liicht zrëckgaangen ass – vu 37 op 32% –, spillt de Secteur dach nach ëmmer d'Roll vun eiser Wirtschaftslokomotiv, déi der Regierung ëmsou méi un d'Häerz gewuess ass, well si dem Stat iwwer ee Véierel vu senger Recettë bréngt.

Doriwwer eraus eegent sech de Finanzsektor ganz besonnesch wann et ëm Steierfroen geet, well hien ass deen eenzeg, dee statistesch vergläichbar Donnéeë liwwert. Déi Steierchifferen, déi d'CSSF, d'Kontrollorgan vum Finanzsektor, liwwert, bezéie sech nämlech op deen Exercice, an deem d'Steieren ufalen, an net, wéi an der Statskontabilität, op dat Joer, wou se akasséiert ginn. Hei wär am Computer-Zäitalter wuel

eng kleng Reform ubruecht, déi da fir e bësse méi Steiertransparenz a méi Transparenz an eise Statsfinanze suerge géif.

Wat soen eis dann elo d'Statistiken iwwert d'Entwécklung am Finanzsektor? Si stelle fest, datt trotz deem engen oder anere Konjunkturknéck – oder hei misst een éischerter soen, deem engen oder anere Boursenhick – an deene leschten zéng Joer de Banken hiert Bruttoresultat – dat wat d'CSSF den „produit bancaire“ nennt – ëm 65% an hiert Nettoresultat viru Provisionsou souguer nach eng Grëtz méi, nämlech ëm 69% geklomme sinn. Deemno hätte logescherweis dann och de Banken hir Steieren, hiert Steueropkommes, méi oder weíneger an deemselwechte Rhythmus wuesse misse.

A wat gesi mer? D'Steieren, déi d'Banken bezuelt hunn, sinn an deeneselwechten zéng Joer grad emol ëm 22% geklommen, jo, si sinn zwëschenuewer souguer eng Kéier ëm eng Véierelmilliard vun engem Joer op dat anert Joer agesackt. Hei huet sech d'Schéier tëscht Geschäftsresultat a Steiere geféierlech opgemaach, wat sech, ugesiichts vum Iwwergewicht vum Finanzsektor, entspiechend op d'Gesamtrecettë vum Stat auswirkt.

Wat kann d'Erklärung fir dat Ausenanerdrifte vu Geschäftsvolume a Steueropkommes sinn?

Eng vun den Ursaachen ass ouni Zweifel déi, datt eis Banken vun hire Mammenhaiser ëmmer méi un der kuerzer Léngt gehale ginn an ëmmer méi kräfteg vun hire Mammen zur Oder gelooss ginn.

Et dierf een net vergiessen, datt mir hei an engem Secteur sinn, deem seng Acteuren hei am Land zu iwwer 95% un auslännesche Konzernzentralen hängen, déi deemno no frieme Päifen danze mussen. A well mat där fortschreidender Integratioun vun de Mäert, inklusiv vun de Finanzmäert, d'Konkurrenz vill méi haart ginn ass, sinn och d'Exigenze vun de Mammen vis-à-vis vun den Duechtere vill méi schaarf ginn. Déi ginn elo bis op déi lescht Drëps gestrach, wou hinne fréier beispillsweis erlaabt ginn ass, selwer Kapitalpolsteren ze bilden, mat deene se dann och schaffe konnten.

Et ass en offensichtlech Geheimnis, datt 15% Rendite haut de Minimum sinn, deen d'Mamme fir hir Täschen verlaangen. Duerch d'Bänk leien eis Banken iwwert deem Minimum, liicht driwwer. Si kommen an der Moyenne op 16,5%. Mä wie garantiert eis, datt dee Minimum weiderhi géllt, wann déi gréissten däitsch Bank, d'Deutsche Bank, dës Joer op 25% Rendite kënnt? Da kënnt se jo och emol op d'Iddi kommen, datt se deeselwechten Taux vun hiren Auslandsduechtere verlaange kënnt. Da géife mer wahrscheinlech e bësse schlecht aus der Wäsch kucken.

Do ginn engem schonn d'Dronkenellen aus, wann een drun denkt, wéi vill Drock esou Zouwuesszuelen op d'Duechterbanken ausléise kënnten, déi ëmmer méi an d'Quëtsch tëscht dem Dividendenappetit vun hire Mammen op där enger an der Steieruspréich vum Gaaschtland, deem legitime Steuerusproch vum Gaaschtland, op där anerer Säit geroden. Et läit op der Hand, datt versicht gëtt, dann den Drock op d'Gaaschtland ze verlagere. Dat heescht, datt d'Duechtere selbstverständlech probéieren, datt den Appetit vun der Mamm net si ze vill an d'Quëtsch bréngt, mä datt si et weiderreechen un d'Gaaschtland, wat dann ëmmer méi Konzessiounen um steierleche Plang maache muss, fir datt d'Banken bei der Staang bleiwen. Mä iergendwou ass déi Steierspiral och no ënnen um Enn, an da kann ee beim beschte Wëllen net méi an der Steierkompetitioun mathalen.

Datt mir – och a steierlecher Hisiicht – bis elo nach gutt am Renne

leien oder louchen, ass net fir d'lescht der Reduktioun, viru véier Joer, vum Kierperschaftsteiersaz erof op 22% ze verdanken, mat der kommunaler Steuer, soe mer, iwwer 30%. An der Stad Lëtzebuerg si mer awer dank enger Décisioun vun dem fréiere Schäfferot ënner 30% insgesamt erofgaangen. Den Hebesaz ass erofgesat ginn, an doduerch si mer liicht ënner 30% insgesamt fir d'Banken komm. Mä wéi laang dat nach unhält an nowierkt, steet op engem anere Blat.

Bis elo huet eise gréisste Konkurrent Dublin geheescht, well do d'Kierperschaftssteuer nach e Krack méi niddreg ass wéi bei eis, a well déi wibbelech Iren alles drusetzen, fir op alle Pläng mat eiser Finanzplaz gläichzezielen a se souguer ze iwwerhuelen.

Dat Bild huet sech elo grëndlech geännert mat der Erweiterung vun der Europäescher Unioun no Osten hin. Do gëtt et elo nei Memberlänner, déi hir eege Finanzplazambitiounen entwéckelen an net vun ongeféier op eist Land an op sã Succès luussen. A schonns hu mer et net nëmmen, wéi bis elo, mat engem oder zwee, mä gläich mat enger Dose Konkurrente beieneen ze dinn.

Och wa mir, gradesou wéi d'Iren an d'Schwäizer, där neier Konkurrenz nach e sëllegechen a puncto Know-how a Vertrauenskapital viraus hunn, sollte mir eis net verheeschen. Némeng vun deenen zéng neien EU-Memberen, déi elo mat eis an darselwechter Liga spillen, hunn eng effektiv Entreprisesteuerung, déi méi niddreg ass wéi bei eis. Dat fänkt bei den Tschechen mat 22% un an hält bei de Litauer op, déi op knapp 13% kommen.

Mir, deenen éiweg d'Steierparadäis ugehaange gouf, leien elo mat eiser Steuerlaascht iergendwou an der Mëtt. No där leschter Erhiewung beleet mir ënnert 33 ausgewielte Standuerter déi 24. Plaz wat d'Besteuerung vun den Entrepreneuren ubelaangt. Wat d'Besteuerung vun der héich qualifizierter Aarbechtskraaft ubelaangt, leie mer op der 18. Plaz. Op déi Aart a Weis, mat deene Plazen, verschwanne mir lues a lues aus de Consultanten hire Standuert-Rankingleschten, wat natierlech eiser Attraktivitéit als international Finanzplaz alles aneschtens wéi zegutt kënnt.

Domat dierft feststoen, datt mir amgaange sinn, ee vun eise wichtegsten Atouten anzubéissen, an dat net nëmmen an eisem am Moment nach ëmmer wichtigste Wirtschaftssektor, dem Finanzsektor, mä allgemeng an eiser Ekonomie, well d'Besteuerung ass fir all d'Entreprisé gläich. Wa mir dann och nach a Betruecht zielen, datt mir net grad zu de Niddreglounlänner gehéieren, da kann ee sech scho Froen stellen, firwat auslännesch Firmen – ob am Finanzberäich oder och soss – grad op Lëtzebuerg kommen oder hei bleiwe sollten.

An da gëtt et Leit bei eis, déi nach ëmmer mengen, eis Budgetsproblemmer wäeren op ee vun deene konjunkturelle Ralentissementer zrëckzeféieren, wéi mer se fréier an der Stolindustrie kannt hunn. Dobäi huet dat, wat mir am Ablack erliwen, séier weíneg mat de klassesche Konjunkturzyklen ze dinn, duerfir awer e sëllegechen mat strukturellen Onzoulängechkeeten, déi net vun engem Konjunkturopschwonk ewechgezaubert kënne ginn. Soss wier dat iwwerengs grad elo de Fall, well mir sinn, mir mierken et vläicht net, mä mir sinn am Moment an enger Héichkonjunktur.

Et géif eis net wäit bréngen, wa mir elo d'Hänn an de Schouss leeë géifen an op dat Wonner waarde géifen, dat eis déi schéin Zäiten erëmbrengt, un déi mer eis esou gare gewinnt haten. Wa mir als

Klengstat weiderhi mat deene grouss Länner op Aenhéicht diskutéieren an eis ekonomesch wéi politesch an der internationaler Compétioun behaapte wëllen, da bleift eis nâischt aneschtens iwwreg, wéi eis där Erausforderung duerch eis strukturell Déficienzen ze stellen. Well et sief gläich gesot, mat Spueren eleng ass et dës Kéier net godoen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, am groussen Ganzen hu mer eis bis elo relativ gutt gehalen, a rangéieren nach ëmmer ganz uewen an der Hitparad vum PIB pro Kapp, dat heescht vun der wirtschaftlech erfollegräichste Länner. Zwar si mer net déi Beschte op der Welt, wéi ëmmer behaupt gëtt – och dat ass esou eng statistesch Flauterei, op déi ech hei net wëll weider agoen –, mä ëmmerhi gehéiere mer nach zum Spëtzepeloton.

Dat verdanke mer net nëmmen eise bis elo am internationale Verglach gönschtege Steuerëmfeld, mä enger ganzer Rei vun Ëmstänn. Wär dat net de Fall, dann dierft ee sech wuel net ënnert deene verännerte Konditiounen, mat deene mir elo konfrontéiert sinn, allze vill Hoffnung nach maachen.

Mä Gott sei Dank hânt eist Schicksal net eleng vu steierleche Parametere an och net eleng vun de Lounkonditiounen a -considérations of. Mir hunn nach e puer Stärken op eiser Säit, mat deene mer eis kënnen iwwer Waasser halen, allerdéngs ënnert der Viraussetzung, datt mir dës Stärken elo voll a ganz asetzen a si doriwwer eraus esou trainéieren, datt si d'Roll vun eise verblatztenen Atoutë vu göschter iwwerhuele kënnen.

Ech gesinn do virun allem dräi Punkten, bei deene mer usetze sollten:

Éischtens, eis Gewiewechkeet als Klengstat mat senger kuerze Verwaltungsweeër a senger Upassungsfäegkeet.

Zweetens, eise Vertrauenskredit, dee mir an deene vergaangene Jorzénge bei den auslänneschen Investisseuren a bei eise Clienten ugesammelt hunn.

An drëtzens, eis fachlech Kompetenz, déi mer an där Zäit opgebaut hunn.

D'Gewiewechkeet ass eng Eeegenschaft, déi besonnesch déi kleng Länner auszeechent. Déi sinn a jiddfer Hisiicht Lichtgewiichter a kommen ouni schwéierfällge Verwaltungsstrukturen an ouni eng hënnerlech Bürokratie aus, schonn eleng, well si sech dat guer net leeschte kënnen.

(Interruption)

Ech weess, Här Grethen, datt Dir do vläicht e Problem hutt.

(Hilarité)

Déi kleng Dimensioun huet gewëss munch Nodeeler, mä si huet awer op där anerer Säit dee Virdeel vun den direkte Kontakter an de kuerzen Entscheedungsweeër; an déi erlaben engem méi séier op Verännerungen am Ëmfeld ze reagéieren.

Lëtzebuerg huet déi Upassungsfäegkeet bal bis zur Perfektioun gedriwwen, an huet duerch si déi eng oder aner Nisch besat, an där mir haut richteg Sue verdéngen. Ech denken do un d'Satellitenkommunikatioun, an där eis SES eng Haaptroll um Weltplang spillt, an dat nëmmen, well mir am richtege Moment op dat richteg Pärder, an deem Fall op dee richtege Satellittentyp, gesat haten.

Ech denken un eis Flugfracht-Transportgesellschaft Cargolux, déi amgaangen ass Lëtzebuerg zum Zentrum vun engem groussen kontinentaleuropäesche Logistiknetz ze maachen, an dat net fir d'lescht dank der Bereitschaft vun der Regierung ëmmer erëm nei Landerechter fir si uechtert d'Welt auszuhandelen.

An ech denken natierlech un d'Paradebeispill vun den Investmentfongen. Datt mir haut weltwäit deen zweetgréisste Player – esou nennt een dat esou schéin an der Sprooch vun de Banquieren – am Fongegeschäft sinn, verdanke mir eenzeg an eleng – eenzeg an eleng! – dem Ëmstand, datt mir 1988 als alleréischte Land an der Communautéit déi Direktiv ëmgesat hunn, mat där den europäesche Pass fir d'Fongen agefouert gouf. Ouni déi rapid Reaktioun – si war esou rapid, datt d'Direktiv nach net verabschiedet war, wéi d'Gesetz gemaach ginn ass – hätte mir haut net déi iwwer 2.000 Fongen, déi elo bal – haalt lech un! – 1.500 Milliarden Euro hei zu Lëtzebuerg verwalten, an déi zum Réckgrat vun eiser Finanzplaz gi sinn, an, net ze vergiessen, dës Joer no bei 400 Milliounen un Abonnementstax un d'Statskeess ofliwweren.

Grad dat leschte Beispill sollte mir ëmmer virun Aen halen, wa mir de Reguléierungsäifer vu Bréssel als Prétexte benotzen, fir bei der Ëmsetzung vun den europäeschen Direktiven net ze vill presséiert ze sinn.

Et ass e Fait, datt mir net méi déi Allerséierst sinn, wann et ëm d'Ëmsetzung vun deenen Direktive geet, a mir si jo och schonn dofir bei den Quere geholl ginn. Ech gi gär zou, datt eis do eis kleng Dimensioun an eis noutgedrongen ze knapp bemiesse mënschlech Ressourcen am Wee stinn. Mä deen Nodeel kann een doduerch opweien, datt ee selektiv virgeet a sech prioritär op déi Direktive konzentréiert, vun deenen ee sech eppes fir d'Land a seng Ekonomie erwaarde kann. Mir müssen net all Direktive mateneen ëmsetzen, mä déi, op déi et fir eis ukënnt, musse mir esou séier wéi méiglech an am allerbeschten als Éischt transposéieren. Dat nennt een dann erëm an der Bankesprooch de „first mover“-Effekt, wéi en eben am Fall vun den OPCen voll gespillt huet.

Deen zweeten Atout, deen ech genannt hunn, ass de Ruff, dee Lëtzebuerg dobaussen an der Welt genéisst als Industriestanduert, als Dëngschtleeschtingensland an och als politesch Vermëttler tëscht Groussen.

Wann een e Premier un der Spëtzt huet, deen a ganz Europa geschat ass wéi nëmme weíneg Politiker, an deen net vun ongeféier een Eiertitel no deem aneren akasséiert, dann ass domat de Beweis erbruecht, datt een net onbedéngt physisch grouss muss sinn, fir vun der internationaler Communautéit eescht geholl a respektéiert ze ginn. Esou eppes verhëlleft dem Land zu engem Image, deen och op déi nohaltig wierkt, déi mir gären op Lëtzebuerg zielen, sief et als Investisseuren am Industrieberäich oder als Clientë fir eis Finanzplaz.

Wa mir dann op där anerer Säit och nach dofir suergen, datt deen Image do méiglechst positiv a méiglechst breet uechtert d'Welt gestreet gëtt, nämlech duerch eng cibléiert, koordinéiert a konsequent Promotioun, da si mir schonn e gudde Krack weider an eise Beméiungen, fir dës Land optimal op seng Zukunft virzubereeden.

An da schliesslech eis drëtt Stärkt, déi, déi fir mech déi wichtigst ass, a mat där mir eis duerfir sollen am intensivsten ofginn: Ech schwätze vun der Kompetenz, där Kompetenz, deem Kënnen a Wëssen, wat mir an der Vergaangeneheet a gewëssen Nischen opgebaut hunn, a mat deene mir eis weiderhin un der Spëtzt hale kënnen, wa mir eis nëmme richteg uleeën.

Göschter war eis Kompetenz am Stol, an déi huet eis zu enge vun den zéng gréisste Stolproduzenten vun der Welt gemaach. Haut ass et eis Kompetenz am Finanzberäich, déi eis ënnert déi zéng gréisste Bankplaze vun der Welt hieft. A well nach keen esou richteg weess, op wat mir eis muer stäipe

sollen – vläicht ass et den E-Commerce, vläicht ass et och eppes ganz aneschters –, well mer dat nach net wëssen, musse mer weiderhin op eise momentanen Erfolgsréneau setzen an alles maachen, fir datt eis Finanzplaz sech weider gutt opdeet.

D'Kompetenz, dat Wëssen, wéi een eppes besser mécht wéi déi aner, muss zu eisem Haaptatout ginn, nodeem eis Steier- an aner Standuertvirdeeler ënnert d'Harmoniséierungswalz gerode sinn. Mä, wéi gétt een oder wéi bleift ee besser wéi déi aner?

D'Virussetzung duerfir ass, datt een déi besser Produkter huet an déi besser Leit, fir déi Produkter ze entwéckelen a se duerno un de Mann oder un d'Fra ze bréngen. Besser Leit, besser ausgebilt an op héchst Qualitéit getrimmte Personal, a besser Produkter, dat heescht, Déngschleeschungen a Wueren, déi op dem Client seng Besoinen zougeschnidde sinn a permanent u seng Besoinen ugepasst ginn. Dat eent setzt eng excellent Formatioun viraus, dat aner eng intensiv Recherche. A béides kritt een nëmmen op enger Plaz gebueden, nämlech op der Uni.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nodeem mir eis generatiounelaang mat alle méiglechen Argumenter géint eng eegen Uni gestriift hunn, hu mer eis jo elo zu esou eppes duerchgerongen. A wann déi Uni am Moment nach op wackelege Bee steet, well si hin- an hiergerappt gétt tëschent enger Wald- a Wiesenuni, wat garantéiert an d'Box geet, an enger héich spezialiséierter Nischenuni, als dat si jo eigentlech geduecht war, verdicht sech d'Hoffnung, datt si, deen néidege politesche Verstand a Courage virausgesat, dach nach hire Wee fénnt.

An deem Zesummenhang wier et och ze wënschen, datt endlech eng Décisioun iwwert deen oder déi Sitë vun der Uni Lëtzebuerg geholl géif. Déi Uni ass nun definitiv ze wichteg an ze schued, fir als Spillball tëschent lokalen Interessen hierhalen ze missen.

An eisem Fahrplang fir d'Zukunft muss d'Uni eng absolut Prioritéit kréien, an deem an och an de Budgeten, déi duerno kommen. Si ass et wäert, datt mir op anere Plaze spueren, an datt mir eis vun elo un och erëm un de Corset vun enger Budgetsnorm gewinnen, an eis an deen zwängen. Jo, si ass et souguer derwäert, datt mir op deen een oder aneren Acquis verzichten, wann et dann net esou mat eisem Wirtschaftswesstem klappe sollt, wéi mir dat hoffen. Well déi Uni ass e wesentleche Bestanddeel vun deem Fëllement, op dat mir d'Zukunft vun deem Land an de Wuelstand vun eise Kanner opbaue kënnen, an déi op d'mannst deeselewichte Wuelstand verdéngen, wéi deen, dee mir am Moment nach genéissen.

Ech soen Iech Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Thiel. Als nächste Riedner ass den Här Lucien Clement agedroen. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Lucien Clement (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Budgetsminister Luc Frieden hat am Dezember 2004 a senger Ried zum Budget 2005 gesot, datt de Vote vun deem Budget net därft zu enger Routine verfallen, ëmmerhi géif et ëm d'Entscheidung goen iwwert dat, wat de Stat wëllt, wat de Stat soll a wat de Stat ka maachen. D'Diskussiounen ronderëm de Budget vum nächste Joer an deene leschten zwou Woche ware sécherlech alles anescht wéi eng Routine. Et war éischter den Ausdruck vun engem Reflexiounsprozess op alle Säiten iwwert déi wesentlech Fro, wéi een de Budget fir déi kommend Jore konsolidéiere kann a gläichzäiteg awer d'Zukunftsinvestitiounen, déi

Lëtzebuerg dréngend an engem globaliséierten Ëmfeld brauch, kann tätegen.

Wéi dës Regierung an hir parlamentaresch Majoritéit am August 2004 hir Aarbecht an Ugrëff geholl huet, war scho bekannt, datt déi kommend Jore finanzpolitesch an ekonomesch méi turbulent géife ginn. Déi méi däischter Wolleken hate sech an de Budgetsexercicë vu virdru schonns ugekënnegt a souwuel de Premier Jean-Claude Juncker wéi och de Budgetsminister Luc Frieden hate schonns zu deem Zäitpunkt drop opmierksam gemaach, datt de Rimm an den nächste Jore méi enk geschnallt misst ginn.

Dat ass aus där enger oder anerer Budgetsried och vun CSV-Mandatieren nozeliesen. Vun därser Linn ass am Moment och net ofzeréckelen. Par contre, et gétt héich Zäit fir drop ze reagéieren. De Koalitionsaccord vum August 2004 stellt de Kader an d'Richtlinn duer, no där d'Regierung hir Investitiounspolitik weiderhin ausrichte soll, an ech wëll do kuerz zitieren: «le Gouvernement (...) continuera à mener une politique budgétaire prudente (...) Tous les projets d'investissements directs et indirects de l'État seront soumis à une analyse et procédure plus détaillées ayant pour objectif de réduire le coût des investissements publics.» Dat steet do nozeliesen.

De Premier Jean-Claude Juncker sot den 12. Oktober 2005 a senger Deklaratioun iwwert déi politesch Prioritéite vun der Regierung, an do zitieren ech nach eng Kéier: „Zur Effizienz vun enger Ekonomie gehéieren effikass Infrastrukturen. Trotz enker Finanzlag wäerten d'Investissementskreditte sech am Joer 2006 op engem héijem Niveau bewegen. Dat géllt fir all Infrastrukturberäicher.“

(Interruptions)

De Budget 2006 läit elo vir an en zeechent sech duerch eng héich Investitiounspolitik aus. Dat beleen d'Zuelen. D'Dépensë fir Investitiounen klamme vu 610 Milliounen Euro am Joer 2005 op 775 Milliounen Euro am Joer 2006. Dat entsprécht enger prozentualer Augmentatioun vu 27%. Par rapport zu de Gesamtdépensë vum Stat klammen d'Investissementen ëm ronn 10%. Dës Steigerung lounge am Budget vu virdru bei 8,4%.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Datt et awer méi lues geet, ass Realitéit. Mir wëssen et all, och wann der e puer et nach net wësse wëllen. Et muss een awer kee grouss Wirtschaftsexpert sinn, fir feststellen, datt et zweifelouni e séier negatiivt Signal fir eis Wirtschaft wier, wa mir a méi schwielege konjunkturrellen Zäite vun eisen Investitiounen a grouss Projete ofréckele géifen. Virun allem de Bausecteur an déi nogelagerten Handwierksbetrieber si vun enger aktiver staatlecher Investitiounspolitik ofhängeg. Se brauchen nun emol dës Politik, an e positivt Resultat fénnt sech dogéint an anere Beräicher wéi de Steieren, der Beschäftegung an der Konsolidéierung vu Sozialsystemer erëm.

Den Exercice, Här President, fir d'Investitiounen op engem héijem Niveau ze halen, trotz enger méi ugespaantener Finanzlag, ass mat Sécherheet awer keen einfachen. Well et géllt hei e gesonden Equilibre ze fannen tëschent de Spuerzwang vun der Regierung engersäits an enger Investitiounspolitik, déi sech op engem konstant héijem Niveau fir déi kommend Joren appendele soll. Hei musse Prioritéiten an och Prioritéitsberäicher, déi fir d'Land a seng Leit eng vital Noutwendegkeet duerstellen, festgeluecht ginn.

Dës Schwierigkeet gétt ëmsou méi dättelech am Licht vun den Investissementsfongen, déi sech Enn 2006, spéitstens 2008, esou lues awer sécher épuiséiere wäerten,

ebe grad well d'Regierung bestreift ass, déi Investissementer op engem héijem Niveau ze halen. D'Reserven, déi an de vergaangene Jore konnten op d'Säit geluecht ginn, erlaben et der Regierung haut hire pluriannuellen Investitionsplang och ëmzesetzen. Den Emprunt vu 500 Milliounen Euro gétt jeweils opgedeelt fir de Fonds du rail respektiv de Fonds des routes mat 100 Milliounen ze speisen, esou wéi d'Investissementer vum Stat selwer, déi duerch eng Sprëtzt vun 300 Milliounen Euro realiséiert kënnen ginn.

Esou vill elo, Dir Dammen an Dir Hären, zu de plakegen Zuelen an zum Finanzkader vun der Investitiounspolitik. Eng Investitiounspolitik, déi mir an de kommende Joren esou gestalten mussen an esou ausrichte mussen, datt mer awer no 2008, dann nämlech wann d'Reserven an de Fongen esou wäit opgebraucht sinn, net an e Lach fallen. Dat heescht awer zugläich, datt mer nei Weeër bei dem Investissementen mussen aschloen, fir an de kommende Joren Aspierungen och an deem Domän op der Dépensësäit realiséieren ze kënnen. Et muss beispillsweis gekuckt ginn, wéi ee méi effizient baue kann, andeems d'Fonctionnalitéit vu Stroossen a Gebaier méi wéi bis elo an de Vierdergrond gestallt gétt.

An do sinn ech mam Budgetsrapport ganz enger Meenung, dee sot et soll ee beim Bauen net nëmmen en terme de volume et de prestige denken. Eng Rei Virschléi hu mir an där zoustänneger Bautekommissioun scho beschwat a verschidde Pistë sinn do och zesumme mam Bauminister Claude Wiseler opgezeechent ginn.

Mir müssen, sinn ech perséinlech der Meenung, net iwwerall noutwendegerweis déi deiersten Tunnelen bauen, wou eng breet Strooss lagement och géif duergoen. E Rond-point zum Beispill ass fir mech en Outil fir de Verkéier ze berouegen, oder vläicht och fir e méi flësseg ze gestalten, mä e muss net onbedéngt duerfir do sinn, fir e Monument oder e Kulturdenkmol dropzesetzen. Duerfir gétt et sécherlech aner Plazen, fir esou Saachen opzerichten.

Et muss een och net, sinn ech der Meenung, all Maierchen an all Mauer, déi duerch e Bësch, laanscht eng Vëlospist fiert oder laanscht eng Strooss muss gebaut ginn, onbedéngt mat Hastee versinn. Och do géif e ganz normale Bëton, wann een do eng Begrünnung géif dropsetzen, an deene meeschte Fäll gutt duergoen.

Ech sinn och der Meenung, datt d'Altepolitik, wat d'Baue vun Altersheimer ugeet, onbedéngt weidergedriwwen muss ginn. Datselwecht géllt selbstverständlech och fir d'Crëchen oder aner Opfangstrukture fir Kanner. Mä d'Fro, déi ee sech stelle muss, ass déi hei: Muss dat alles esou pompös, an dacks bal net méi realistesch, wat de Volume an de Prestige ugeet, gebaut ginn? Ech soen hei ganz kloer: Neen! Ech sinn och der Meenung, datt mer e Spuerpotenzial vu weinstens 15 bis 20% bei e bëselche guddem Wëlle kënnen dektéieren.

Doriwwer eraus musse mir eis Infrastrukturen op méi eng nohalteg Aart a Weis konzipéieren, esou dass déi wesentlech méi moderat Ënnerhalts- a Fonctionskäsche generéieren.

D'Fro vun de Folgekäsche vu gréisseren Infrastrukturen ass eng aner Problematik, déi mir bei potenziellen Aspierungen musse verstärkt berücksichtegen, a wou ee sech och verstärkt Gedanken driwwer maache muss. Eng méi previsibel Opstellung vun de Fonctionnements- an Entretienkäsche wier beispillsweis eng vu méig-

leche Pisten, déi an de kommende Jore misste verfolgegt ginn. Steigend Dépensë sinn net ausschliesslech, awer zu engem groussen Deel, op déi steigend Ënnerhaltskäsche vun de Gebaier zrëckzeféieren. Dat ass e manifestë Problem, dee bei deem groussen Investitionsvolume, deen an den nächste Joren usteet, mat Sécherheet och net méi kleng wäert ginn.

D'Gebaier sinn ëmmer méi käschtenopwändeg, méi grouss, méi gigantesque ginn an duerfir och ëmmer méi deier am Bauen, ergo och ëmmer méi deier wat den Ënnerhalt ubelaangt. Doriwwer eraus bestinn och nach eng ganz Rei vu Gebaier, déi sech an engem relativ schlechten, fir net ze soen desolaten Zoustand befannen.

Aus därser Ursaach eraus musse mer nei Weeër goen. Weeër, déi op en nohalteg Bauen, op e gedroselten Energieverbrauch an op reduzéiert Ënnerhalts- an Instandsetzungskäschen ausgeriicht sinn.

Ech wëll elo awer hei op zwou Iddien zrëckkommen, déi mer an deene leschte Jore schonns e puermol hei an der Diskussioun hatten an déi och net nei sinn.

Zum Beispill den Audit énergétique vun den öffentlechen Infrastrukturen. Esou en Audit ass eng vital Noutwendegkeet a géif e wichtege éischte Schrëtt duerstelle fir d'Käschen ze evaluéieren an an hirer zweeter Phas och ze drosselen.

Ech wëll doriwwer eraus och d'Iddi vun deem Fong fir Folgekäsche vun den öffentleche Gebaier an d'Spill bréngen. Et wier eng aner méiglech positiv Démarche, déi op Nohaltegkeet ausgeriicht wier. D'Ausgaben allerdéngs vun esou engem Fong missten natierlech duerch eng fundéiert Bestandsopnahm vun de Gebaier gestäipt sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virun net manner wéi engem Mount hunn déi zwee zoustänneg Ministeren, Claude Wiseler a Lucien Lux, Stellung zu de Prioritéiten am Bauwiese vun der Regierung geholl. Dat hu se souwuel öffentlech, wéi och an der Budgets- a Finanzkommissioun vun der Chamber gemaach.

Wat elo den öffentleche Verkéier ugeet, huet mäi Fraktiounskolleeg, de Laurent Mosar, schonns op d'Prioritéiten an och op deen enorme Käschtepunkt higewisen. Wichteg bleift awer, datt dës Zilsetzung vun engem „modal split“ vu 25/75 weider ugepeilt gétt.

Net anescht verhält et sech bei Projeten am öffentleche Bauwiesen, wou weiderhin d'Akzenter op d'Schoulwiese geluecht ginn, déi sech ënner anerem och aus dem sektorielle Plang vun de Lycéëen erginn hunn. Un der Ëmsetzung vun deem Plang wëlle mer natierlech festhalen. Den neie Lycée zu Jonglënster, den technesche Lycée fir Gesondheetsberuffer, d'Annex Jencker vun Lycée technique Mathias Adam, sollen hei nëmmen als Beispiller zitéiert ginn, déi de finanzielle Volume vun den Investitiounen am Schoulberäich verdäitlechen.

Fir d'Joer 2006 belafe sech déi viraussichtlech Dépensen op ronn 100 Milliounen Euro, déi iwwert de Fonds d'investissements publics scolaires ofgedeckt ginn. Am Budget 2006 gétt dës Fong mat 50 Milliounen Euro gespeist. Enn 2006 wäerten nach ronn 166 Milliounen Euro am Fong dra sinn, dat sinn der 50 manner wéi ufanks vun deem Joer. Dës Zuele verdäitlechen, dass sech d'Avoiren, wéi schonns gesot, och an deem Fong lues awer sécher épuiséiere wäerten.

Ähnlech verhält et sech mam Fonds d'investissements publics sanitaires et sociaux. An deem Beräich wëllt d'Regierung weiderhin eng Partie Projete virundreiwen. Mä och hei ass feststellen, datt ee sech seriö Gedanken maache

muss, wann d'Enn vun der Fändelstaang Enn 2007-2008 erreecht ass.

Bei all dëse Fonge wäerte mir, wa mer de Programm, dee mer eis jo awer selwer ginn hunn, anhalen a realiséiere wëllen, wéi schonns gesot, 2008 mat Sécherheet op Friemfinanzéierung zrëckgräife müssen. Dat kann iwwer Emprunt geschéien, mä och de Public private partnership, deen den Här Meisch gëschter ugeschwat huet an och den Här Gibéryen an den Här Mosar hunn de Moien doriwwer geschwat, ass mat Sécherheet eng Méiglechkeet. Eng Méiglechkeet, wou menger Meenung no de Modell awer genee definéiert gi muss.

Et muss een zum Beispill d'Maintenance vun deem Gebai, dat iwwert dee Modell gebaut gétt, wann een op esou e Wee geet, iwwer 15 bis 20 Joer mat ausschreiwen an déi muss och garantéiert sinn, fir datt ee ka sécher sinn, datt déi Entreprise, déi de Marché kritt, och no Qualitéitsnorme baut.

Des Weideren, mengen ech, misst awer och drop geuecht ginn – an dat ass och de Moie scho gesot ginn –, datt déi kleng Lëtzeburgergesch Mëtzelhandwierksbetrieber net ausse vor bleiwe bei esou engem Modell.

Niewent alle Virdeeler, wat d'Baue mat enger Entreprise générale mat deene Virfinanzéierungen och kann hunn, besteet d'Gefor bei deem Modell einfach doranner, datt déi méi kleng handwierklech Tätigkeeten, déi a Sous-traitance prestéiert ginn, prioritär entweder vun auslännesche Fimaen gemaach ginn oder datt déi kleng Lëtzeburger Fimaen esou geknebelt ginn, datt si praktesch ouni Benefiss musse schaffen, wa si an dee Marché do wëllen erakommen.

D'Zrëckgräifen awer op esou Finanzéierungsmodeller ass u sech, menger Meenung no, net weider tragesch, well et jo an deem heite Fall haaptsächlech ëm Investissementer geet fir d'Zukunft an do sinn ech der Meenung, datt ergo och déi zukünfteg Generatioun hire Bättrag do leeschte muss oder wéinstens kann.

Ech gesinn ausser deene Moossnamen, déi ech schonns elo opgezielt hunn, nach e gewëssent Spuerpotenzial bei groussen Infrastrukturprojeten, duerch déi Neierungen an der parlamentarescher Prozedur, deene sech d'Regierung an d'Chamber bei der Adoptioun vu Bauprojeten ënnerzéie wëllt.

Et geet dorëm fir duerch eng méi genau a besser gestaffelt Planifikatioun, de Käschtepunkt vu Projete besser a virun allem och méi prezis ze evaluéieren.

Budgetär Dépassementer vu grousser Bauprojeten hunn an der Vergaangenheet ëmmer dozou gefouert, datt mir hei an deem Haus zousätzlech finanziell Rallongen hu misse stëmmen,...

(Interruption)

...fir déi zousätzlech an dacks scho getätegt Ausgaben am Nachhinein och ze autoriséieren. Fairerweise muss een awer och soen – an elo lauschtert Här Gira –, datt deesen Exercice net d'Majoritéit vun de Bauprojete beträff huet oder betrëfft. Déi allermeescht Bauprojete si ganz korrekt an där dofir virgesinnener Finanzrumm ofgewéckelt ginn.

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Déi kleng.

■ **M. Lucien Clement (CSV).** - Oh, net nëmmen déi kleng, Här Gibéryen.

Dat ass eng Tatsaach, déi awer deemno wou ee sëtzt – an dat wëll ech elo betounen – ëmmer gären iwwersi gétt oder guer net zur Kenntnis geholl gétt. D'Schold fir dës Evolutioun a fir den Ëmstand, datt mer bei verschiddene Projeten hu missen ëmdisponéieren, läit

sécherlech net eleng am Bauteminstère a bei senger Verwaltung.

Och d'Chamber muss hei eng gewësse Verantwortung iwwerhuele wat d'Vergaangenheet ugeet a muss sech och d'Fro stellen: Hat d'Chamber keng aner Prozedur, wéi déi finanziell Rallongen, déi da gefrot gi sinn, ze stëmmen, fir deem entgéintzewierken? Déi parlamentaresch Begleedung vun Investissementer, déi déi initial budgetär Enveloppe iwwerschreiden, huet sech bis haut nëmmen op d'Zoustëmmung vun esou Rallongë beschränkt. D'Comexbu ass awer zum Schluss komm, datt d'Chamber méi fréi a méi aktiv an den Entstehungsprozess vun engem Infrastrukturprojet misst agebonne ginn.

Doriwwer eraus soll d'Chamber och d'Méiglechkeet kréien, fir en cours de route de Projet kënnen am A ze behalen. D'Aufgab ass also eng duebel, et muss op där enger Säit dorëms goe fir mat Zäit op eventuell Dépassementer kënnen anzegoen an op där anerer Säit esou Dépassementer generell anzeschänken oder besser nach ganz ze vermeiden.

Den Artikel 99 aus eiser Verfassung beseet, datt all gréisser Ausgab vum Stat parlamentaresch muss autoriséiert ginn. Deemno muss d'Chamber sech mat all eenzelnem Bauprojet, dee méi wéi 7,5 Milliounen Euro no aktuellem Stand kascht, ausernee setzen. An all Kéiers, wann déi ursprénglech Fi-

nanzrumm gesprengt gëtt oder eng substanzuell Ëmännerung vum Projet virgeholl gi muss, kënnt de Bauteminister zrëck an d'Chamber fir den Dépassement oder d'Ursachen, déi zum Dépassement gefouert hunn, ze erklären a gegebenefalls och autoriséiert ze kréien.

De politesche Message no bausse war an der Vergaangenheet an der Zäit vun esou engem Dépassement sécherlech net ëmmer dee beschten. D'Leit dobaussen haten éischter d'Gefill, wéi wann d'Regierung, d'Chamber an déi zoustänneg Verwaltungen net ëmmer hir Aarbecht richtig gemaach hätten. Aus dëser Optik eraus hunn d'Budgetskontrollkommissioun, an Zesummenaarbecht och mat deem zoustänneg Bauteminister Claude Wiseler, eng nei Prozedur ausgeschafft mat där mer eis an Zukunft erhoffen, de Problem vun den Dépassementer vu Baukreditte spierbar an de Grëff ze kréien. Um Prinzip vum parlamentareschen Accord zu groussen Ausgabe gëtt net gefréckelt, wat awer ännert ass d'Aart a Weis wéi ee Projet virbereet an och duerchgezu gëtt.

Am Hierscht huet den Här Minister eis eng Lëscht virgeluecht mat deene Projeten, déi de Käschtepunkt vu 7,5 Milliounen Euro iwwerschreiden an déi dat Joer drop iwer Gesetz autoriséiert solle ginn. Déi opgefouerte Projekte sinn all déi, déi de Stat an Eegeregie duerchféiere wëllt. Dat heescht, net déi zu deenen de Stat just e Subsidi gëtt a wou de Bauhär dann och en

aneren ass wéi de Stat selwer. Op dëser Lëscht soll de Präis vun deene verschiddenen Investissementer just summaresch berechent ginn.

Bei der Analys an der Prüfung vun de Projeten op dëser Lëscht geet et der Chamber ëm de Prinzip a virun allem awer och ëm d'Opportunitéit vun de geplangten Investitiounen, an net ëm déi definitiv finanziell Envergure. D'Bautekommissioun examinéiert dës Lëscht an hält Avisë vun deene parlamentaresche Kommissiounen an, déi vun deenen eenzelne Projekte be-traff sinn.

Mir sinn an der Bautekommissioun u sech ëmmer dovun ausgaang, datt mer doropshin och en Débat hei an der Chamber iwwert d'Opportunitéit vun dëse Projekte féiere sollten, mat uschlëssendem Vote vun enger oder méi Motiounen, déi de Minister iwwert d'Budgets-gesetz autoriséiere géifen, mat de Preparativen zu den eenzelne Projekte weiderzefueren an en Avant-projet détaillé auszeschaffen, en APD also, deen dann och där finanzieller Envergure a vill méi engem groussen a virun allem awer vill méi engem genaue Mooss Rechnung géif droen.

Ech ginn dovun aus, datt mer dës Prozedur am nächste Joer an hirer Integralitéit duerchzéie wäerten an och kënnen. Selbstverständlech ginn der Chamber, wéi bis elo och, déi eenzel Gesetzesprojete virgeluecht, déi all Investissement pre-

zis erfassen, dokumentéieren an och ëmräissen. Wann d'Chamber esou Gesetzter gestëmmt huet, da muss se nodréiglech allerdéngs och mat all gréisserem Dépassement vun der Kreditrumm oder Ännerung vum Konzept vum Bau befaasst ginn.

En neie Gesetzesprojet gëtt eréischt néideg, wann den Dépassement vun deem Projet 5% vun deenen urspréngleche virgesinnene Kreditte iwwerschreit. D'Dépassementer, déi manner héich si wéi 5%, ginn am Kader vum Statskont regulariséiert, an zwar an deem Joer wou den Décompte final vun deem Projet dann och virgeluecht gëtt. Dës nei Prozedur soll et der Chamber erlaben, all Joer e geneeën Iwwerbléck iwwert déi geplangte gréisser Investissementer vum Stat ze kréien an de Bauteminister iwwert d'Budgets-gesetz fir all Projet eenzel ze autoriséieren, eng détailléiert Planung ze maachen an och duerchzeféieren.

Ech sinn iwwerzeegt, datt mat dëser Prozedur an Zukunft éischters méi prezis geplangt wäert ginn, zweetens, datt et dowéinst och zu manner finanziellen Dépassementer kënnt, an drëttens, datt do-duerch mat Sécherheet awer kee Bauprojet onnéideg an Zäitdrock geréit. D'Chamber kritt ausserdeem d'Méiglechkeet, fir ganz am Ufank vun der Planung vun deem Projet dësen u sech – wann een et streng hält – ze refuséieren, wa se deeselwechten net fir opportun hält. Domat ginn onnéideg Pla-

nungsausgabe verhënnert an am Bauteminstère gëtt sech am Detail just mat deene Projekte beschäftegt, déi jo scho prinzipiell d'parlamentaresch Zoustëmmung kritt hunn.

D'CSV-Fraktioun an ech selwer sinn iwwerzeegt, datt dës e puer gangbar Pistë sinn, déi och an där géigewäerteger Diskussioun iwwer a ronderëm de Budget Sënn maachen, a mir hoffen, datt mer un den Zilvirgabe vun där neier Prozedur kënne festhalen. Mir mussen an de kommende Joren – an dat als Konklusioun – méi effizient a méi zilorientéiert plangen a bauen hei zu Lëtzebuerg. Dat spuert Käschten, et spuert och Zäit an et dréit sécherlech och zu méi Transparenz bei de grousser staatlechen Investitiounen bái.

Dat gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, soen ech lech zum Schluss awer och nach Merci fir d'Nolauschteren a wënschen lech e gudden Appetit.

Den Här Gira kënnt awer nach.

M. le Président.- Neen. Merci, Här Clement.

Domadder wär d'Sëtzung fir haut de Moien zu Enn. Haut de Mëtteg fuere mer da weider mam Här Gira an duerno mam Här Castegnaro.

Domat ass d'Sëtzung opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 12.16 heures)

Ordre du jour

5500 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2006 (suite)

(Discussion générale – suite – Amendement – Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel – Motions)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden et François Biltgen, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

M. le Président.- Mir fuere weider mat den Debatten iwwert de Budget fir d'Joer 2006. Et sinn nach zwee Riedner ageschriwwen: den Här Gira an den Här Castegnaro. Als éischte Riedner huet d'Wuert den honorabelen Här Camille Gira.

Une voix.- Très bien.

5500 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2006 (suite)

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hat eigentlech net geplangt, am Kader vun dësen Debatten d'Wuert ze ergräfen, mä wéi ech de Moien hei den Här Mosar héieren hunn zu Kyoto schwätzen, dunnt huet et mech awer net méi um Stull gehalen!

Wann een hei muss nolauschteren, wéi d'Geschicht verfälscht gëtt, wann ee muss héieren, wéi d'Tat-saache verdréit ginn, a wann ee muss nokucken, wéi Realitéiten net richteg duergestallt ginn, da kann een awer net sëtze bleiwen, dann ass et awer engem seng Pflicht, heihin ze kommen an duerfir ze suergen, dass am Analyteschen dem Här Mosar seng Aussoen awer richteg gestallt ginn.

Ech ginn de Verdacht net lass, dass den Här Mosar wirklech Problemer huet mat sengem Laangzäitgediechnis, well esou wéi hien hei op eng ganz einfach Manéier déi ganz Problematik Kyoto duergestallt huet, géif ee mengen, hie wier gëscht eréischt Member vun dësem Parlament ginn. Hie war selwer dobäi, wéi mer 1997 iwwer Kyoto diskutéiert hunn. Hie misst jo eigentlech wëssen, dass deemools och d'CSV an der Regierung war, an dass dat Engagement, wat déi deemoleg Regierung zu Kyoto geholl huet, net nëmmen eng Affär war vun engem sozialisteschen Ëmweltminister, mä vun enger Lëtzebuurger Regierung.

Mä, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet nach vill méi wäit! Mir hunn des Laangen an des Breeden am Virfeld, ier den Här Lahure op Kyoto gaangen ass, hei iwer Klimaschutz an déi néideg Moossnamen diskutéiert a mir hunn hei Motiounen ofgestëmmt, an zwar unanime! An, Här President, et mécht mer duerfir awer eng Freed, an et ass och eng Pflicht drop hinzeweisen, dass ënnert deenen éirewäerte Kolleegen a Kolleeginen, déi deemools zwou Motiounen, déi vum Här Kollwelter preparéiert waren, ofgestëmmt hunn, och e gewëssenen Här Laurent Mosar war! Ech huelen an, dass et deeselwechten ass, deen de Moien hei geschwat huet.

An enger vun deene Motiounen gëtt d'Regierung opgefuerdert, sech anzesetze fir 30% CO₂-Reduktioun. An da mengt een et kéint net sinn, wann een de Moien den Här Mosar nogelauschert huet an dann an d'Archive geet – glécklecherweis hu mer jo en effikassen elektronesche System, dass een dat ganz séier erëmfënnt – an et fënnt een eng Motioun, déi – ech wëll et nach eng Kéier betounen – unanime hei ofgestëmmt ginn ass, an do steet dran: «Par ailleurs la Chambre des Députés soutient l'objectif déclaré du Gouvernement consistant à réduire de quelque 30% les émissions de CO₂ sur le plan national d'ici l'an 2010 et l'invite à se donner les moyens nécessaires pour atteindre cet objectif une fois la stratégie nationale de réduction arrêtée.»

Dat wëll ech awer nach eng Kéier hei kloer an daitlech soen, fir awer déi gemeinsam Responsabilitéiten ze ënnersträchen, Här President, déi mer alleguerten an deem Land hei hunn, wat dat Engagement ubelaangt.

Dann ass et awer e bëssen einfach, heihin ze kommen an ze soen: Dat wat do e sozialisteschen Ëmweltminister iergendwéi eng Kéier a Japan ënnerschriwwen huet, domat hu mer haut Schwierigkeiten.

Mä net nëmmen domat, Här President, huet den Här Mosar et sech einfach gemaach, och mat aneren Aussoen zu Kyoto. Ech wëll der eng Rei hei opzielen:

Déi éischt, wann ëmmer erëm dat ambitiëst Zil dohigestallt gëtt. Natierlech ass et richtig: Wann ee reng proportionell kuckt, si mir déi an Europa, déi sech dat héchsten

Zil virgeholl hunn, nämlech minus 28%. Wann een awer weess, dass mir natierlech Weltmeeschter sinn am CO₂-Ausstouss pro Kapp, dann ass awer dat absolut Zil, wat mer eis gesat hunn, guer net esou ambitiëst, well souguer wa mer et fäerdeg géinge bréngen, bis 2010 minus 28% ze reduzéieren, da géinge mer nach ëmmer zu de Weltmeeschtere gehéieren, wat den CO₂-Ausstouss pro Kapp ugeet.

Dir spiert jo elo schonn an den Diskussiounen, déi zu Montréal waren: Iergendwéi eng Kéier – a mir alleguerte wäerten dat nach erliewen – wäerte mir net méi iwwer prozentual Reduktiounen schwätzen, mä da wäert all Mënsch op der Welt – an da si mer endlech bei enger Gerechtegkeet – e gewëssene Montant pro CO₂ pro Kapp pro Joer zegutt hunn, an dorop mussen mer och zu Lëtzebuerg endlech histeieren. Also proportionell selbstverständlech relativ ambitiëst, mä absolut war et net esou bedeutend.

Zweetens, Här President, 1997, wéi déi deemoleg Lëtzebuurger Regierung am Numm vun dëser Chamber dat Engagement agaangen ass, du ware mer bei minus 30% par rapport zu 1990. Dat gëtt jo ëmmer erëm an deenen Diskussiounen vergiess:

Duerch den Ëmbau vun der Stolindustrie vun der Kuel op d'Elektresch war Lëtzebuerg de facto 1997 bei 30 oder minus 32% par rapport zu 1990. An dat ambitiëst Reduktiounszil, wéi et ëmmer duergestallt ginn ass, war eigentlech e Stabilisatiounszil.

Wann deemools d'Bewosstsinn an de Käpp vun de Verantwortlechen do gewiescht wär, a mir hätten eis ugestrengt, da wier et duergaangen, wa mer eis Emissiounen vun 1997 stabiliséiert gehat hätten, da géinge mer et labber fäerdeg bréngen, am Joer 2010 eis 28% par rapport zu 1990 anzehalen.

Den zweete Punkt, dat ass déi berühmt Berechnungsmethod. Ëm-

merhi gëtt et jo esou duergestallt, wéi wa Lëtzebuerg, dat aarmt Lëtzebuerg, immens schlecht bei Kyoto géing ewechkommen, well dann all dee Bensin an deen Diesel, deen zu Lëtzebuerg getankt gëtt, eis géing ugerechent ginn an awer anzwousch anescht verbraucht géing ginn.

Dozou muss ee Folgendes soen: Et ass richtig, dee Bensin an deen Diesel, deen zu Lëtzebuerg getankt gëtt, déi kréie mer ugerechent, mä, Här President, dat ganz Elektresch, wat mer importéieren – de Moment nach virun allem aus Däitschland, mä wa mer den Här Krecké nach e bësse gewäerde loossen, haaptsächlech aus Frankräich –, dat kréie mer net ugerechent. Dee ganze Stroum fir d'Elektrostolwierker vun der ARBED kréie mer net ugerechent. Dee ganze Stroum, deen Dir an ech verbrauchen, kréie mer net ugerechent. Also ass et...

(Interruption)

Gelif?

Une voix.- Den TGV, dee kréie mer elo ugerechent.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Ech kommen nach zum TGV. Ech wëll awer soen, wann een hei seet, de Problem vu Lëtzebuerg mat Kyoto ass de Berechnungssystem, dann ass dat net richtig. Mir hunn eng Kéier en Désavantage an deem Berechnungssystem, dat ass eisen Tanktourismus, mä mir hunn deen immensen Avantage, dass d'Produktioun vum Stroum deem Land ugerechent gëtt, wou de Stroum produziert gëtt.

Da kënnt dee wichtege Moment. 1997, wéi mer Kyoto ënnerschríwwen hunn, du waren ongeféier déi Emissiounen, déi den Tanktourismus produzéiert huet, praktesch equivalent zu deem vun deem Stroum, dee mer deemools aus dem Ausland importéiert hunn. Och dat war gewosst 1997. A wann